



# DEFUUSS

INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

2 | 2021

BULLETIN  
COMMUNAL



Foto: Damaris



# DËST STEET HEI DRAN

D'Wuert vum Redaktiounscomité

## D'GEMENG LA COMMUNE

Rapporte vun de Gemengerotssätzungen	4
Les rapports des réunions du Conseil communal	18
Etat civil	32
Mir gratuléieren	33
Neigebuere vun 2020 / Nouveau-nés de l'année 2020	34
Hinweis der Vereinigung der Luxemburger Jagdsyndikate	35
Ni méi Iwwerschwemmung?	36
D'Präiteler Bréck	37

## SCHOUL & MAISON RELAIS ÉCOLE & MAISON RELAIS

Kann den Hues schreiwen?	38
An der Ouschterbäckerei!	39
Den Ouschterhues am C2	40
Maison relais	41

## VERÄINER ASSOCIATIONS

Jonk an Al Gemeng Waldbëlleg	45
Buergbrennen? Jo, awer anescht zu Haler!	46
Aeromodelliste vu Chrëstnech	48
Turnveräin Ëmmer Fit	50
Club des Jeunes Chrëschtnech	51
Badminton Regioun Mëllerdall	52

## KULTUR A GESCHICHT CULTURE ET HISTOIRE

Den Hentgesbau	55
AG SPL	58
Uergelfrënn Waldbëlleg	60
Alan Carlisle	62
Musekschoul	63

3



## LIEWEN AN DER GEMENG VIE RURALE

D'Äntwerten op eise Concours	64
Concours	65
Méi Lëtzebuerger Uebst a Geméis?	66
Portrait Christian Berens	70
Interview mat der Laure Smit	72
B&B White Pearl!	74



## KLIMAPAKT PACTE CLIMA

Generalversammlung vum ORT Regioun Mëllerdall	77
Klimapakt	77
De CIGR Mëllerdall	78
Steckbréif vun der Spillplaz an dem Futballsterrain	80
Grouss Botz an der Gemeng Waldbëlleg	81
Grand nettoyage dans la commune de Waldbillig	81
Energiepark Mëllerdall	82
D'Naturparken zu Lëtzebuerg - (en) Insekteräich	83
Kurioses im Natur- & Geopark	84



## WAT ASS LASS? QUE FAIRE?

Bicher!	87
Herzmut	88
Grozeg, Grauzig, Grisange	90
150 Joer Bëschhof	92
Lëtzebuerg ass ewéi e Kaweechelchen	93
Ouvertures-Zäiten am Mëllerdall	95
Beweeg dech-Woch	96
Direkt informéiert	98
Vélosummer 2021	99

**VILL FREED BEIM LIESEN!  
BONNE LECTURE !**



Fotomontage:  
Damaris

# D'WUERT VUM REDAKTIOUNSCOMITÉ

Virun engem Joer hate mer de Globus mat der Corona-Kroun um Cover, e Montage vun eiser Fotografin Damaris, grad ewéi elo deen op der heite Säit.

Deemools hu mer geschriwwen: „De Bléck an d'Zukunft opzestellen ass dës Kéier e bësse méi schwierig an erënnert nawell un en Horoskop.“ Ethuet sech net geännert a kee weess, wat op eis duerkënnt, positiv Entwéckelunge mat Impfung, oder negativer mat Mutatione vum Virus Sars-CoV-2, deem seng Form eng Kroun ass an déi him säi populären Numm ginn huet, Corona.

Mir hätte virun engem Joer kaum geduecht, datt mer haut och nach esou géifen do sätzen. Et si vill Leit gestuerwen, och zu Lëtzebuerg. A mir hu kloer gesinn, datt mer net alles kennen esou kréien, wéi mir et wéilten hunn. Muenches ass schif gaangen; natierlech kenne mer alleguerden där Leit, déi genee wëssen, wéi een et hätt solle besser maachen ...

Mee et ginn och positiv Entwéckelungen. Mir hu kee strikte Lockdown ewéi d'lescht Joer. D'Impfunge lafe gutt. An Dir kritt hei erëm e schéine FUUSS mat interessante Reportagen an Interviewen iwver d'Liewen an der Gemeng, a speziell engem Réckbléck op d'Geschicht vum Hentgesbau, an deen d'Gemeng virun zwanzeg Joer erageplännert ass.

Et ginn och positiv Neiegkeeten: Et kann een erëm vu Waldbëlleg eroft an de Mëllerdall fueren. An déi rezent Virstellung vun engem Starkregenkonzept fir eis Gemeng léisst hoffen, datt mer keng Katastroph ewéi virun dräi Joer méi erliewen.

Mir wünschen lech an eis, datt beim Erauskomme vun déser Editioun vum FUUSS alles nach vill besser ass.

*Fir d'Redaktiouen: Marc Barthelemy*



**D'Redaktiouunsekipp ass ewéi gewinnt déi heiten:**

Marc Barthelemy (Supervisioun),  
Maxime Bender (Kultur),  
Corinne Meyers (Schoul a  
Maison relais, Veräiner),  
Isabelle Oberlé (Geschicht a Kultur),  
Damaris Pletschette (Liewen am  
Duerf, Fotoen),  
Karin Enser (Korrekturen)  
Grafesch Gestaltung:  
Susanne Hangarter  
Drock: Imprimerie de l'Est,  
Lechternach.  
Responsabelen Editeur:  
Gemeng Waldbëlleg

*Foto Cover: Damaris*

*Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vum Auteur aus a  
ginn ènnert senger Responsabilitéit publizéiert.*

# D'GEMENG // LA COMMUNE

## RAPPORTE VUN DE GEMENGEROTSSËTZUNGEN

Dës Rapporte gi vum Gemengesekretariat geschriwwen, vun de Conseilleren nogekuckt a vun der Buergermeeschtesch autoriséiert. Si baséieren op den Deliberatiounen vum Conseil, woubäi de geneéë Wuertlaut vun den Decisiounen an engem Dossier festgehalen a vun de Conseilleren énnerschriwwen gëtt. Deen Dossier kann all Bierger op d'Gemeng kucke goen.

Dës Rapporte sinn a méi enger verständlecher Sprooch mat méi Explicatiounen geschriwwen ewéi déi offiziell Deliberatiounen. Dofir sinn déi lëtzebuergesch an déi franséisch Versioun net émmer genee identesch. Et zielt dann déi franséisch Versioun, déi dorop baséiert, wat an der Gemeng am Dossier vun den Deliberatiounen festgehalen ass.

2020-09-04	Bewöllegung vum Projet fir d'Amenagéiere vum Kalkewe zu Waldbëlleg.
2020-09-05	Administrative Compte a Gestiounscompte vum Exercice 2019.
2020-09-06	Bewöllegung vun Akten.
2020-09-07	Deele vun engem Terrain zu Waldbëlleg.
2020-09-08	Ausüben oder Zerécktriede vum Virkafsrecht.
2020-09-09	Bewöllegung vun enger Konventioun.
2020-09-10	Bewöllegung vun de Statute vu Kalatou a.s.b.l.
2020-09-11	Subsidufroen.
2020-09-12	Verschiddenes.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2020/9

### Sëtzung vum Donnëschteg, 17. Dezember 2020

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,  
 // BOONEN Serge,  
 // MOULIN Théo, Schäffen,  
 // BARTHELEMY Marc,  
 // BENDER Maxime,  
 // MEYERS Corinne,  
 // MICHELS Mike,  
 // THOLL Jean-Joseph,  
 // TOBES Romain, Conseilleren,  
 // DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllekt: /.

### Dagesuerdnung

2020-09-01	Personalaffairen.
2020-09-02	Froe vum Gemengerot un de Schäfferot.
2020-09-03	De rektifizierte Budget 2020 an de Budget 2021.

1. De Gemengerot ernennt den Här Laurent Cremer als stellvertriedenden Delegiéierte vun der Sécherheet an der Fonction publique an an de Schoulen an och als stellvertriedende Feldhiddler, fir dem Chef vum techneschen Déngscht an deenen Aufgabeberäicher ze assistéieren.
2. D'Conseillere Bender, Michels an Tobes hu folgend Froen eraginn:

*Mir si frou, datt eise Facebook-Site vun der Gemeng esou aktiv geréiert gëtt. Um Site ass ze lesen, datt d'„Mier beim Stroossegulli ufänkt“ a Plastik weiderdréit.*

- Zanter wéini leeft dës Aktioun an eiser Gemeng?

De Schäfferot äntwert, datt d'Gemeng Waldbëlleg der Ëmweltberodung Lëtzebuerg (EBL) 2016 baigetrueden ass. D'EBL huet en Appell un d'Gemenge lancéiert, fir un hirem Projet „E klenge Schrëtt fir mech, e grousse Schrëtt fir d'Ëmwelt“ deelzehuelen. Dëse Projet besteet doran d'Bierger via Facebook derzou unzereege kleng Schrëtt ze maachen, déi derzou bäidroen d'Ëmwelt ze schützen. D'Aktioun beinhalt d'Publizéiere vun enger Infografik, 9 kleng Schrëtt, 9 Erousuerderungen, 3 Quizzer a Spiller. All zwee Méint gëtt eng aner Thematik traitéiert. Am Moment steet de Plastik am Fokus.

*Den 19. November 2019 hu mir op déi geféierlech Situatioun mam Busarrêt zu Haler beim Précoce opmierksam gemaach. Elo ass innerhalb vu 14 Méint en zweet Kand ugestouss ginn.*

- Firwat ass bis elo op där Platz nach näischtn ennerholl ginn?
- Wéi eng Mesurë goufe bis elo ausgeschafft?
- Wéi eng Mesurë si geplangt, fir dës Situatioun ze verbesseren?

D'Buergermeeschtesch äntwert, datt et net wouer ass, datt de Schäfferot hei nach näischtn ennerholl hätt, am Géigendeel si verschidden Demarché geholl ginn, fir dës geféierlech Situatioun ze verbesseren.

D'lescht Schouljoer huet de Chauffer vun der Camionnette d'Kanner begleet, fir beim Busarrêt „Beim Basséng“ iwver d'Strooss ze goen. Dëst Joer ass dat net méi méiglech, well dësen Agent nees Kanner an de Mëllerdall muss siche fueren an dat dann zäitlech net erausgeet. D'Kanner, déi de Bus beim Arrêt „Beim Basséng“ müssen huelen, brauchen net méi iwver d'Strooss ze goen, well de Plang esou geännert ginn ass, datt de Bus nëmmen nach bei sengem Retour laanscht dësen Arrêt fier.

En plus, kläert d'Buergermeeschtesch op, datt de 7. Dezember en Akt énnerschriwwen ginn ass, laut deem d'Gemeng en Terrain keeft, fir datt de Schoulbus vun Haler op dësem d'Kéier ka maachen. Et ass och e weidere Busarrêt an der Rue des Romains zu Haler geplangt, hei ass den Dossier vun der Permission de voirie um Instanzewee. Den Arrêt deen op där anerer Säit vum Hotel an der Rue des Romains läit, kéint och reaktivéiert ginn. Gespréicher mat de Responsable vun de Ponts et chaussées hunn erginn, datt op dëser Plaz eng rout Luucht eventuell eng Alternativ wier. De Schäffé Boonen preziséiert, datt de vireschte Schäfferot schonn Diskussiounen zu dësem Thema mam Minister François Bausch gefouert huet andeems him proposéiert gouf d'Virfaart op der Kräizung Rue des Romains/Rue du Hallerbach ze ännernen. Dës Propos ass ofgeleent ginn an de Minister Bausch hat selwer vu roude Luuchte geschwatt. D'Direktioun vu Ponts et chaussées huet awer och dës Propos net zeréckbehal an huet deen neie Busarrêt amenagéiert. De Préposé vu Ponts et chaussées lechternach huet proposéiert, fir op en Neits eng Demande fir d'Setze vun enger rouder Luucht op dëser Plaz ze maachen.

De Schäfferot deelt mat, datt och e Courrier un d'Elteren erausgaangen ass, fir si fir dës geféierlech Situatioun zu Haler ze sensibiliséieren, wann d'Kanner hanner engem Bus eraus iwver d'Strooss lafen.

*An der aktueller Covid-Situatioun kann et fir eng Gemengerotssëtzung geschéien, datt e Member duerch Autoquarantän net ka phyesch präsent sinn.*

- Wéi eng Méiglechkeete gesäit de Schäfferot hei vir?

De Schäfferot beriffet sech op d'Circulaire Nr. 3871 vum Juni 2020, laut där d'Deelhueulen un de Sëtzunge via Videokonferenz just fir öffentlech Sëtzunge méiglech ass. Fir Sëtzungen, déi énnert Ausschluss vun der Ëffentlechkeet ofgehale ginn, ass d'Deelhuele via Videokonferenz ausgeschloss, well hei d'Anhale vum Secret net garantéiert ka ginn. D'Membere vum Gemengerot, déi gären iwver Videokonferenz un de Sëtzungen deelhueulen, müssen dem Schäfferot dëst aus organisatoresche Grënn bis spéitstens den Dag virun der Sëtzung um 12.00 Auer matgedeelt hunn. Et ass um Schäfferot déi néideg technesch Mëttelen émzesetzen, fir d'Videokonferenz esou ze organiséieren, fir eng effektiv Partizipatioun vun de Membere vum Gemengerot ze garantéieren, an datt d'Leit, déi am Sëtzungssall uwiesend sinn, de Gespréicher an de Votten nolauschtere können. D'Membere vum Gemengerot, déi iwver Videokonferenz deelhueulen, gëllen als uwiesend a gi mat a Betrucht gezunn, fir d'Beschlussfäigkeit ausrechnen ze können. An der Deliberatioun vum Gemengerot gëtt festgehale wéi ee Conseiller op wéi eng Manéier un der Sëtzung deelgeholl huet. De Vote via Videokonferenz gëtt per Appell nominal haart matgedeelt. E geheime Vote kann net iwver Videokonferenz stattfannen.

D'Buergermeeschtesch deelt och mat, datt an der Circulaire Nr. 3933 vum 16. Dezember preziséiert gëtt, datt d'Membere vun de Verwaltungsorganer vun de Gemengen weider mat Videokonferenzen a Vote mat Procuratioun kënne fueren, si kënne sech awer och vun engem anere Member representéiere losse während dem Vote. De Gesetzesprojet, deen um Instanzewee ass, wäert och zoulouassen, datt de Schäfferot an d'Conseillere, wann et méiglech ass, können iwver Videokonferenz u Sëtzungen a Reuniounen, déi énnert Ausschluss vun der Ëffentlechkeet sollen ofgehale ginn, deelhueulen. Trotzdem erlabe weder d'Partizipatioun iwver Videokonferenz nach de Vote

iwwer Procuratioun Entscheidunge mat geheimer Ofstëmmung. Eng separat Circulaire wäert déi nei legal Dispositiounen erklären.

3. De Schäfferot hat an der Frist, wéi se virgesinn ass, eng Propose vum Budget 2021 a vum rektifizierte Budget 2020 weidergeleet. E Puer Stonne virun der Sitzung, kruten d'Conseilleren en zweet Dokument per Mail geschéckt, mat Upassunge vun Montanten vu verschiddenen Artikelen sou wéi och neien Artikelen, déi net an der initialer Versioun virgesi waren.

De Conseiller Bender signaléiert, datt dës Virgoensweis net de Virschrëften entsprécht. Hien hat den Inneministère kontaktéiert a rapportéiert d'Informatiounen vu senger Usprichtpersoun. Déi huet zu Recht énnerstrach, datt de Gemengerot net iwwer Artikele kann deliberéieren, déi net an der initialer Versioun stoungen. Si huet awer zu Onrecht wësсе gedoen, datt keng Upassunge méi méiglech sinn, vu Montanten déi virgesi waren.

D'Buergermeeschtesch weist sech erstaunt iwwer de Signalement vum Conseiller Bender.

D'Conseillere Bender an Tobes annoncéieren, datt si de Sall géinige verloossen, wann de Budget esou géing op der Dagesuerdnung bleiwen.

De Schäffe Boonen an de Conseiller Barthelemy énnersträichen, datt et méiglech wier op der initialer Basis ze beschléissen.

No laanger Diskussioun, proposéiert d'Buergermeeschtesch de Vote vum rektifizierte Budget vum Joer 2020 a vum Budget 2021 op eng nächst Sëtzung ze reportéieren, op Basis vun der Propositioun, déi d'Conseilleren den Dag no dësem Conseil verdeelt kréien. Dëst erlaabt jidderengem en a Rouduerchzekucken. Dës Propose ass unanime ugeholl ginn, an déi nächst Sitzung op den 29. Dezember 2020 geluecht ginn.

4. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Bewellegung vum Projet fir d'Amenagéiere vum Kalkwee zu Waldbëlleg och op seng nächst Sëtzung ze verréckelen, well de Vote vum Budget vertagt ginn ass.
5. De Gemengerot hält den administrative Kont an de Gestiounskont vum Exercice 2019 wéi folgend provisoresh fest:

	Gewéinleche Service	ausseruerdentleche Service
Total vun den Einnamen:	7.167.374,15	84.921,46
Total vun den Ausgaben:	4.113.435,81	3.031.760,83
Boni vum Kont 2018:	3.907.091,36	
Definitive Boni:		4.014.190,33

## 6.

De Gemengerot entscheet, sain Averstàndnis zu folgenden notariellen Akten ze ginn:

- a) D'Gemeng keeft eng Emprise, geleeën zu Chrëschtnech, an der Sektion C vu Chrëschtnech, um Kadaster énner der Nummer 138/4690 agedroen, mat enger Fläch vu 15 Zentiar zum Préis vu 700 €/Ar, an dësem Fall 105 €.
- b) D'Gemeng keeft eng Plaz, déi fir de Schülerbus als Dréiplaz déngt, geleeën zu Haler, an der Sektion A vun Haler, um Kadaster énner der Nummer 821/2385 agedroen, mat enger Fläch vun 1 Ar a 77 Zentiar zum Préis vu 700 €/Ar, an dësem Fall 1.239 €.
- c) D'Gemeng keeft eng Emprise, geleeën zu Haler, an der Sektion A vun Haler, um Kadaster énner der Nummer 959/2215 agedroen, mat enger Fläch vun 81 Zentiar zum Préis vu 700 €/Ar, an dësem Fall 567 €.
- d) D'Gemeng Waldbëlleg verkeeft eng Emprise, geleeën zu Chrëschtnech, an der Sektion C, um Kadaster énner den Nummern 616/4687 a 616/4689, mat enger Gesamtfläch vu 6 Zentiar. Am Géigenzuch kritt d'Gemeng eng Emprise iwwerlooss, geleeën zu Chrëschtnech, an der Sektion C, um Kadaster énner der Nummer 616/4688 agedroen, mat Fläch vun engem Zentiar. Déi reschtlech 5 Zentiar verkeeft d'Gemeng zum Préis vu 700 €/Ar, an dësem Fall 35 €.
7. De Gemengerot gëtt sain Averstàndnis zum Projet vum Deele vum Terrain, deen um Kadaster énner

der Nummer 371/4424 agedroen ass, geleeën an der Sektion B vu Waldbëlleg.

## 8.

- a) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, vum Virkafrecht betreffend en Deel vun der Parzell, déi an der Sektion B vu Waldbëlleg läit an um Kadaster énner der Nummer 371/4424 agedroen ass mat enger Gesamtfläch vun 28,35 Ar, zeréckzetrieden. De Gemengerot trëtt och vum Virkafrecht zeréck vun enger Parzell mat enger Fläch vun 63,79 Ar, um Lieu-dit „Vorderste Laach“, geleeën an enger Zone agricole an der Sektion B vu Waldbëlleg, an um Kadaster énner der Nummer 316/4421 agedroen.
  
- b) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Virkasfrecht net geltend ze maachen betreffend eng Parzell vun 62,08 Ar um Lieu-dit „In Waeschent“, geleeën an enger Zon Hab 1 an um Kadaster agedroen énner der Nummer 410/4092 an der Sektion C vu Chrëschtnech.
  
- 9. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, sain Averstàndnis ze ginn zu der Konventioun, déi den 31. Oktober 2020 tëschent der „Association Luxembourg Alzheimer asbl“ an de Schäfferéit vun de concernéierte Gemenge geschloss ginn ass, laut wéi enger de Préis an d'Modalitéité wat d'Bezuelen ugeet an d'Konditiounen iwwer d'Virrechter am Kader vun der Vergréisserung vun der Maison de séjour et de soins zu lerpeldung un der Sauer gereegelt ginn.
  
- 10. De Gemengerot entscheet mat 8 Stëmmen d'Statute vun der Asbl Kalatou, déi hire Sëtz zu Waldbëlleg huet, unzehuelen. Geméiss dem Artikel 20 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, partizipéiert de Conseiller Michels weder un den Diskussiounen nach um Vote vun dësem Punkt.
  
- 11. De Gemengerot entscheet mat 8 Stëmmen an enger Enthalung (de Conseiller Michels), der Associatioun Fleegeelteren Lëtzebuerg e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen.

- 12. De Gemengerot diskutéiert kuerz iwwer d'Äntwert, déi de Sidest op d'Froe vu verschiddene Bierger vu Chrëschtnech eraginn huet, betreffend d'Téschebilanz vum Projet vun der geplanter Kläranlag zu Chrëschtnech um Lieu-dit „Auf dem Grundfeld“ an ass eestëmmeg der Meenung, dëst Thema op e separate

Punkt vun der Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotssëtzung ze setzen.

De Conseiller Michels deelt mat, datt den Aarbechtsgrupp vun de Vélosweeër gewëllt ass dem Schäfferot an dem ORT seng verschidde Varianten iwwer Vélospiste virzestellen a freeet, wat dem Schäfferot seng Erwaardungen un den Aarbechtsgrupp si fir de Vélossummer 2021. Hie freeet, datt de Schäfferot d'Missioun vu deem Aarbechtsgrupp fir deen Event soll definéieren. Et ass e Rendez-vous mam Aarbechtsgrupp fir de 4. Januar 2021 fixéiert. D'Buergermeeschtesch erklärt, datt virun dësem Datum keng Entscheidung geholl gëtt.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2020/10

### Sëtzung vum Dënschteg, 29. Dezember 2020

Et waren do:

- // HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
- // BOONEN Serge,
- // MOULIN Théo, Schäffen,
- // BARTHELEMY Marc,
- // BENDER Maxime,
- // MEYERS Corinne,
- // MICHELS Mike,
- // THOLL Jean-Joseph,
- // TOBES Romain, Conseilleren,
- // DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllekt: /.

### Dagesuerdnung

- 2020-10-01 Rektifizierte Budget 2020 a Budget 2021.
- 2020-10-02 Bewöllegung vum Projet fir d'Amenagéiere vum Kalkewe zu Waldbëlleg.
- 2020-10-03 Courrier dee vu verschiddene Bierger un de Gemengerot adresséiert gouf, iwwer d'Téschebilanz vum Projet fir d'Kläranlag, déi zu Chrëschtnech um Lieu-dit „Auf dem Grundfeld“ geplant ass.

## 1.

- a) Op Ufro vum Conseiller Michels, dee schätzt, datt d'Kreditter vu 50.000 €, déi um Artikel 4/242/211000/21007 „Frais d'études relatives à l'élaboration d'un concept global sur le site scolaire pour le fondamental, le préscolaire, le précoce et la crèche“ am Budget 2021 stinn, net duer ginn, fir e pedagogesche Beroder derbäi ze huele beim Ausschaffe vun engem Gesamtkonzept um Site vun der Schoul, ass de Gemengerot averstan fir separat iwver dee Budgetsposten ofzestëmmen. De Conseiller Michels proposéiert den Artikel ëm weider 50.000 € eropzesetzen. De Gemengerot decidéiert mat 6 Stëmmen (d'Buergermeeschtesch Henx-Greischer, d'Schäfffe Boonen a Moulin souwéi d'Conseillere Barthelemy, Meyers an Tholl) géint 3 Stëmmen (d'Conseillere Bender, Michels an Tobes) fir dése Kredit net eropzesetzen.
- b) De Gemengerot hält eestëmmeg de rektifizéierte Budget fir den Exercice 2020 ewéi hei drënner am Tableau fest :

Ausseruerdentlech	
Einnamen:	991.651,21 €
Ausseruerdentlech	
Ausgaben:	6.234.336,04 €
Gewéinlech Einnamen:	6.656.512,30 €
Gewéinlech Ausgaben:	4.475.708,57 €
Report 2019:	4.014.190,33 €
Boni Enn 2020:	952.309,23 €

D'Conseillere Bender, Michels an Tobes proposéieren de Budget vun der Integratioun-commissiouн ëm 15.000 € ze erhéijen, fir eng Ëmfro bei de Bierger ze maachen. Dëse Sondage ass an enger Aarbechtssëtzung vum Gemengerot diskutéiert ginn. De Schäfferot proposéiert dës Demande op en aneren Datum ze reportéieren. D'Conseillere Bender, Michels an Tobes bemierken, datt den ordinaire Budget ëm 500.000 € par Rapport zu 2020 eropgaang ass. Si bemierken, datt dat schonn dat Jar virdrun de Fall war a maachen sech Suergen ob de Budget gutt gefouert gëtt. D'Conseillere Bender, Michels an Tobes émfroe sech iwver de Gebrauch vun de 15.000 € déi am Budget ageschriwwen si fir de Vélosummer 2021. D'Buergermeeschtesch

äntwert, datt en detaillierte Programm vun dem Event nach net ausgeschafft ass.

No Diskussiounen an Erklärunge vum Schäfferot gëtt de Budget vum Exercice 2021 mat 6 Stëmmen (d'Buergermeeschtesch Henx-Greischer, d'Schäfffe Boonen a Moulin souwéi d'Conseillere Barthelemy, Meyers an Tholl) géint 3 Stëmmen (d'Conseillere Bender, Michels an Tobes) wéi folgend ugeholl:

## Ausseruerdentlech

Einnamen:	3.987.771,40 €
Ausseruerdentlech	
Ausgaben:	6.449.465,24 €
Gewéinlech Einnamen:	6.774.602,31 €
Gewéinlech Ausgaben:	5.069.492,75 €
Report 2020:	952.309,23 €
Boni:	195.724,95 €

- c) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, sain Averstàndnis ze ginn, fir de Projet iwver d'Aménagéiere vum Kalkeweë zu Waldbëlleg, dee vum „Bureau d'études et de services techniques BEST Ingénieurs-conseils sarl“ mat engem Devis an Héicht vun 125.000,00 € (TTC), ausgeschafft gouf.

- d) Mat engem Courier vum 11. Dezember 2020, deen un de Gemengerot adresséiert gouf, hate verschidden interesséiert Bierger vu Chrëschtnech, no der Tëschebilanz vun der geplangter Kläranlag zu Chrëschtnech „Auf dem Grundfeld“ gefrot. De Gemengerot chargéiert de Schäfferot déi interesséiert Bierger an eng Reunioun mam Sidest ze ruffen, fir iwver dése Projet ze diskutéieren.

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2021/1

Sëtzung vum Mëttwoch, 10. Februar 2021

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,  
 // BOONEN Serge,  
 // MOULIN Théo, Schäffen,  
 // BARTHELEMY Marc,  
 // BENDER Maxime,  
 // MEYERS Corinne,  
 // MICHELS Mike,  
 // THOLL Jean-Joseph,  
 // TOBES Romain, Conseilleren,  
 // DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschällegt: /.

## Dagesuerdnung

2021-01-01 Gemengepersonal Affär.  
 2021-01-02 Froe vum Gemengerot un de Schäfferot.  
 2021-01-03 Prinzipiendecisioun fir e Leasingkontrakt ofzeschléissen.  
 2021-01-04 Schafe vun engem Poste vun der Gehälterkategorie B, deen dem Syndicat d'initiative vun der Gemeng Waldbëlleg via Detachement zur Verfügung gestallt gëtt.  
 2021-01-05 Verlängerung vun den Auerzäite fir den Ausschank vun alkoholesche Getränker op verschiddene Fester an der Gemeng Waldbëlleg während dem Joer 2021.  
 2021-01-06 Entscheidung iwwer d'Veröffentlechungsdatume vum Gemengebuet De FUUSS 2021-2 an 2021-3.  
 2021-01-07 Avenant zu der Konventioun betreffend d'Verlängerung vun der Zesummestellung vum lokalen Aktiounsgrupp Leader Regioun Mëllerdall bis den 31.12.2022.  
 2021-01-08 Konventioun betreffend Gestioun fir d'Installatioun vun enger mBox.  
 2021-01-09 Interkommunal Konventioun mat der Gemeng Konsdref fir de Finanzement vum Projet „Sécurisation et mise en conformité“ vun de Busarrêten an der Foussgängersträif „Schéissendëmpel“. Konventioun iwwer eng gemengnëtzeg Servitude.

2021-01-11	Ufro fir d'Deele vun engem Terrain zu Waldbëlleg.
2021-01-12	Projets iwver d'Feldweeër „auf dem Gries“ zu Chrëschtnech an „Réstienhéicht“ zu Waldbëlleg.
2021-01-13	Décompte vum Projet fir d'Erneiere vum Oflaf vum Uewerflächewaasser vum Feldwee „Niesendall“ zu Haler.
2021-01-14	Bäitrott vun der Gemeng Waldbëlleg an déi international Organisatioun „Mayors for Peace“
2021-01-15	Ēmklasséiere vu Parzellen zu Waldbëlleg aus dem ēffentleche kommunale Beräich an de private kommunale Beräich.
2021-01-16	Bewöllegung vun engem notariellen Akt.
2021-01-17	Subsidufro vun Andamos asbl, déi hire Sëtz zu Waldbëlleg huet.
2021-01-18	Entscheidung iwwer d'Noloosse vum Loyer fir d'Locataire vun der Heringer Millen während der Fermeture vum Restaurant fir d'Ēffentlechkeet, opgrund vun de sanitäre Moossnamen.
2021-01-19	Konventiounen iwwer d'zur Verfügungstelle vun de Kierchen zu Chrëschtnech, Waldbëlleg an Haler mam Gestionsfong vun de reliéise Bauwicker, ofgekierzt „Fong“.
2021-01-20	Subsidufroen.
2021-01-21	Verschiddenes.

1. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, dem Här Laurent Cremer eng Stageverkierzung vun 12 Méint ze accordéieren als Fonctionnaire-stagiaire bei der Gemeng Waldbëlleg.
2. D'Buergermeeschtesch informéiert, datt de Schäfferot d'Froe vun de Conseillere Bender, Michels an Tobes bannent engem Mound schrifftlech beäntwert. D'Froen an d'Äntwerte ginn an der nächster Gemengerotssitzung virgelies an och am Rapport vun där Sitzung festgehal.
3. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, e Leasingsvertrag an Héicht vun 109.402,00 € betreffend en Trakter fir den techneschen Déngscht ofzeschléissen. Dëse Vertrag gëtt zu folgende Konditiounen a Modalitéité festgehalen:
  - Montant vum Leasing (Uschafungspräis ouni TVA): 109.402,00 €
  - Lafzäit: 36 Méint

- Loyer: éischte Loyer 20.000 € duerno 2.241,77 €
- Frequenz vum Bezuele vum Loyer: monatlech
- Kafoptioun: 10%, sief 10.940,20 €
- Fraisen: /

4. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, en Employésposten an der Gehältergrupp B, sozial an edukativ Ënnergrupp, fir 40 Stonne pro Woch ze schafen. Dëse Poste gëtt dem Syndicat d'initiave via Detachement zur Verfügung gestallt.
5. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Auerzäit fir den Ausschank vun alkoholeschem Gedrénks wärend folgenden Datumer op 3 Auer ze verlängerent:

Nationalfeierdag: vum 22.06.2021 op den 23.06.2021

Kiermes:

Haler: vu samschdes op sonndes

vu sonndes op méindes

Chrëschtnech: vu samschdes op sonndes

vu sonndes op méindes

Waldbëlleg: vu samschdes op sonndes

vu sonndes op méindes

Sylvester: vum 31.12.2021 op den 01.01.2022

6. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, déi heiten Datumer fir De FUUSS festzehalen:

De FUUSS 2021-2

Délai fir d'Artikelen: méindes, den 19. Abrëll 2021  
um 12 Auer.

Liwwerung op d'Gemeng: donneeschdes,  
den 3. Juni 2021 um 12 Auer.

De FUUSS 2021-3

Délai fir d'Artikelen: méindes, den 30. Juli  
um 12 Auer.

Liwwerung op d'Gemeng: donneeschdes,  
de 16. September um 12 Auer.

7. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den Avenant zu der Konventioun betreffend d'Verlängerung vun der Zesummestellung vum lokalen Aktiounsgrupp Leader Regioun Mëllerdall bis den 31.12.2022 an d'Erhéijung vun de finanzielle staatlechen an europäeschen Hëllefen an Héicht vun 150.235 €, ze bewöllegen.

8. De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averstàndnis zu der Konventioun betreffend d'Gestioun fir

d'Installatioun vun engem gesécherte Standuert fir Vëloen, genannt mBox. Dës Konventioun gëtt téschent dem Verkéiersverbond an der Gemeng Waldbëlleg geschloss an ass de 16. Dezember 2020 énnerschriwwen. Si reegelt d'Critère vun der Installatioun an d'Notzung vun enger mBox op der Duerfplaz zu Chrëschtnech.

9. De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averstàndnis zu der interkommunaler Konventioun mat der Gemeng Konsdref, déi de 7. Dezember 2020 geschloss ginn ass, an där et ém de Finanzement vum Projet Sécherheet an d'Konform maache vun de Busarrêten an der Foussgängersträif beim Schéissendëmpel geet.
10. De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averstàndnis zu der Konventioun iwver eng gemengnëtzeg Servitude, laut där de Proprietär der Gemeng Waldbëlleg erlaabt mat énnerierdesche Waasserleitungen an eidele Réier iwver eng Längt vun 137 Meter iwver säin Terrain ze fueren, den am Kadaster agedroen ass énner der Nummer 1320, geleeën an der Sektion B vu Waldbëlleg.
11. De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averstàndnis zum Projet vum Deele vum Terrain no 348/4538, geleeën an der Sektion B vu Waldbëlleg mat enger Fläch vun 9 Ar a 54 Zentiar.
12. De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averstàndnis zum Devis vun engem Gesamtmontant vun 326.500,00 € (inkl.TVA) betreffend de Projet Nr. 201166 fir d'Erneiere vum Feldwee „Auf dem Gries“ zu Chrëschtnech an d'Steeschëddung vum Feldwee „Réistenhéicht“ zu Waldbëlleg.
13. De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averstàndnis zu der Ofrechnung iwver de Projet fir d'Oflafe vum Iwwerflächewaasser vum Feldwee „Niesendall“ zu Haler an Héicht vu 27.659,40 €. Am Devis waren 32.500,00 € virgesinn. D'finanziell Partizipatioun vum zoustännegen Departement vun der Landwirtschaft beleeft sech op 8.297,82 €.
14. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den Engagément vun 2006 vun der Gemeng Waldbëlleg bei „Mayors for Peace“ ze erneieren an der Organisatioun hir Énnerstëtzung an der Förderung vun der weltwäiter nuklearer Entwaffnung zouzesoen.
15. Et ass virgesinn d'Parzellen no 443/4796 an 445/4797, geleeën an der Sektion B vu Waldbëlleg mat

enger Gesamtfläch vun engem Ar a 5 Zentiar aus dem öffentleche kommunale Beräich an de private kommunale Beräich émzeklasséieren fir dës kennen ze veräusseren.

De Conseiller Tobes renseignéiert sech iwwer de Grond vun dësem Ëmklassement. D'Buergermeeschtesch erkläert, datt et am Kader vun der Regularisatioun vun der Situatioun vun den Emprisen am Kalkewee zu Waldbëlleg zu dëse Verhandlunge komm ass an datt et sech an dësem Fall ém 28 m<sup>2</sup> handelt. De Conseiller Tobes dréckt säi Verdross vis-à-vis vum Gemengerot aus fir e kommunalen Terrain veräusseren ze wëllen. D'Buergermeeschtesch erkläert, datt et sech an dësem Stadium nach net ém en Transfert vun engem kommunalen Terrain handelt.

No dëser Debatt, bewöllegt de Gemengerot mat 6 Stëmmen (d'Buergermeeschtesch Henx-Greischer, d'Schäffe Boonen a Moulin, esou wéi d'Conseillere Barthelemy, Meyers an Tholl) géint ee Refus (de Conseiller Tobes) an zwou Enthalungen (d'Conseillere Bender a Michels) de Projet fir den Deklassement vun deene besote Parzellen.

- 16.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den notariellen Akt vum 11. Januar 2021 ze bewöllegen, laut deem d'Firma Wemelux S.A. der Gemeng Waldbëlleg esouwuel e Réckhaltebecken, dee sech op der Parzell no 542/4588 mat enger Gesamtfläch vun 1 Ar an 61 Zentiar, wéi och e Stéck un der Strooss geleeën op der Parzell no 542/4546 mat enger Gesamtfläch vun 3 Ar an 88 Zentiar gratis iwwerléisst. Béid Stécker leien um Bierg an der Sektion C vu Chrëschtnach.
- 17.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, der Asbl Andamos, déi Projeten fir humanitär Hëllef a Latäinamerika realiséiert, en aussergewénleche Subsid an Héicht vun 1.000 € zouzespriechen.
- 18.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den Exploitante vun der Brasserie Heringer Millen de Loyer vum 15. Januar 2021 u bis zu der méiglecher Reouverture vum Restaurant nozeloosseen no de Covid-19-Restriktiounen.
- 19.** D'Conseillere Barthelemy a Bender bemierken, datt folgenden Artikel an der Konventioun iwwer d'Notzung vu reliéise Bauwicker hinnen net gefält: „De Fong ka just fir kultesch Manifestatiounen an zousätzlech aus organisatoresche Grénn fir kulturell Evenementer, déi d'Würd vun der Kierch respektéieren iwwer déi

reliéis Bauwicker verfügen. An dësem leschte Fall kann de Fong d'punktuell Notzung vun der Kierch zu net kulteschen Zwecker, déi kompatibel mam Verwendungszweck an dem sakrale Charakter vun der Kierch sinn, autoriséieren. Fir dëst ze maachen, muss den Organisateur vun der Manifestatioun eng schrifftlech Demande un de Paschtouer/un d'Par adresséieren, déi opmannst d'Natur vun der geplanter kultureller Aktivitéit, hiren Datum, d'Dauer, d'viraussichtlech Unzuel u Partizipanten esou wéi eventuell Amenagementer oder zousätzlech Mesuré festhält. De Paschtouer/d'Par – énner der Autoritéit vum Äerzbeschof respektiv vum Bistum selwer – sinn déi eenzeg kompetent fir iwwer d'Kompatibilitéit mam sakrale Charakter vun der Kierch an der geplanter Aktivitéit ze entscheiden. Dës äntweren dem Demandeur, am beschte schrifftlech, bannent engem raisonnabelen Delai.“

De Conseiller Bender bemierkt, datt den Datum vum Akraaftriede vun dëser Konventioun schonn op den 1. November 2020 fixéiert gouf. D'Buergermeeschtesch erkläert, datt d'Kierche scho verlount sinn an datt de Fong scho säit Joren d'Chargen dréit. Si erkläert weider, datt dës Konventioun zu all Échéance énner Anhale vun engem Preavis vun 2 Joer per Recommandé kéint gekennegt ginn.

De Conseiller Barthelemy gëtt och ze wëssen, datt him de Loyer an Héicht vun 1.000 €/Joer ze niddreg erschéngt a widderhëlt, datt hie sech un der Iddi stéisst, datt de Paschtouer, énner der Autoritéit vum Äerzbeschof, alleng iwwer d'Kompatibilitéit vun der geplanter Manifestatioun mam sakrale Charakter vun der Kierch an hirer Notzung als Kultstätt entscheet. Hien hätt léiwer eng Ännernung vum Text gehat an deem Senn, datt et laut sengem Ermessen besser wier, datt de Paschtouer den Organisateur vun der jeeweileger Manifestatioun schrifftlech informéiert mat enger Kopie un d'Gemeng an deem d'Adaptatioun vum sakrale Charakter vun der Kierch gefrot gëtt, an datt et am Fall vu Streidegeeten/Oneenegkeeten um Gemengerot ass ze tranchéieren.

De Schäffe Boonen erkläert, datt et sech ém e Modell vun enger Konventioun handelt, déi vum Inneminister approuvéiert gouf.

De Conseiller Bender informéiert sech iwwer eng eventuell Desakralisierung vun der Kierch am Kontext vun zivilen an net reliéise Begriefnësser. Hien

erkläert, datt hien dës Fro net stellt mam Zil sech géint d'Kierch oder de Fong ze stellen.

De Schäffé Boonen preziséiert, datt een am Fall vun enger Desakraliséierung vun der Kierch eng Visioun misst hu wéi dat Gebai da genotzt soll ginn. D'Buergermeeschtesch seet, datt de viregte Gemengerot wollt Proprietär vun de Kierchen um Gemengenterritoire bleiwen.

No der Berodung, stëmmt de Gemengerot d'Konventiounen, déi den 19. Oktober 2020 téschent der Gemeng Waldbëlleg an dem Fong geschloss goufen, mat 6 Stëmmen (d'Buergermeeschtesch Henx-Greischer, d'Schäffé Boonen a Moulin, esouwéi d'Conseillere Meyers, Michels an Tholl) géint ee Refus (de Conseiller Bender) an zwou Enthalungen (d'Conseillere Barthelemy an Tobes). An de Konventionne gétt d'zur Verfügungstelle vu folgende Kierche gereegelt:

- L-7680 Waldbbillig, rue André Hentges, Sektion B vu Waldbëlleg, um Kadaster énner der Nummer 551/4724 agedroen, an déi eng Fläch vun 3,31 Ar huet;
- L-7641 Christnach, rue Gaessel, Sektion C vu Chrëschtnech, um Kadaster énner der Nummer 24/4611 agedroen, an déi eng Fläch vun 2,57 Ar huet;
- L-6370 Haller, rue Henerecht, Sektion A vun Haler, um Kadaster énner der Nummer 377/2357 agedroen, an déi eng Fläch vun 2,28 Ar huet.

**20.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, fir deenen heite Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

- Unicef Luxembourg
- Memoshoah Luxembourg asbl
- Service de consultation et d'aide pour troubles de l'attention « Scap »
- Fondatioun Lëtzebuerger Guiden a Scouten
- Natur an Ëmwelt Fondation Hëllef fir d'Natur
- Fondation Luxembourg – El Salvador
- SOS Faim ONG asbl.

**21.** De Conseiller Barthelemy deelt d'Delaie vum De FUUSS 2021-03 mat an erklärert, datt de Rapport vum Gemengerot vum 15. Juli, wéi mam Sekretariat

ofgeschwat den 8. August un d'Conseillere geschéckt gëtt, déi invitíert sinn e spéitstens bis de 14. August ze iwwerliesen.

Wärend der Diskussioun zum Punkt 2021-01-15 iwwer den Declassement vum Domaine public communal an den Domaine privé communal, huet de Conseiller Tobes ausgedréckt, mam Wonsch, datt dës Ausso an de Rapport vun der Sëtzung stoe kéim, datt de Schäfferot, elo wou e keng Gebaier méi huet, ging ufänken d'Feldweeër aus der Hand ze ginn. De Conseiller Barthelemy huet énnerstrach, datt hien net d'accord ass, datt dést esou an de Rapport stoe kéim: Déi Ausso wier falsch, well et ém eng Decisioun vum Gemengerot geet, an de Schäfferot dat net decidéiere kann. De Conseiller Bender bemierkt, datt hie sech un der Remarque vum Conseiller Barthelemy stéisst, déi hie vis-à-vis vum Conseiller Tobes geäussert huet. Hie stellt a Fro, datt Aussoen, déi e Conseiller mécht vun engem anere Conseiller verbessert ginn. Jidderee soll seng Meenung kennen ausdrécken an d'Bierger hunn d'Recht de Wuertlaut vun der Diskussioun matzekréien, fir sech eng objektiv Meenung vun den Diskussiounen kennen ze maachen. De Rapport soll senger Meenung no kenger Zensur énnerleien. De Conseiller Barthelemy énnersträcht, datt d'Decisiounen vun enger Vente an den Attributiounen vum Gemengerot leien an hätt dat gär richteggestallt. De Conseiller Tobes erkläert, datt et him drëm geet, datt et inhaltech eriwwerkénnt, datt hien d'Saache léiwer a Gemengenhand wéi a privater Hand gesait.

De Conseiller Michels renseignéiert sech iwwer d'Steng, déi vun de Kanner aus der Spillschoul bemoolt a ronderëm d'Schoulgebai verdeelt gi sinn, fir de Site vun der Schoul wärend der sanitärer Krisenzäit vum Covid-19 ze belieuven. Hie géif et gutt fannen, fir d'Steng anzesammelen, an eng Iddi auszeschaffen, wat ee kéint dermat maachen. D'Buergermeeschtesch äntwert, datt d'Steng net vergiess sinn, an datt se wäerten opgeraf ginn, fir se beispillsweis zesumme bei e Bam ze leeën.

D'Buergermeeschtesch informéiert, datt d'Post eng Demande gemaach huet fir d'Installatioun vun enger PackUp Statioun24/24, am Déngscht vun der Allgemengheet, op engem kommunale Standuert, an datt de Schäfferot, deen dës Demande énnerstëtzzt, de Parking beim Fussballsterrain zu Chrëschtnech als méigleche Standuert uginn huet. De Conseiller Barthelemy dréckt aus, datt och eng Bréifkëscht

op dëser Plaz sech géif als favorabel erweisen. D'Buergermeeschtesch äntwert, datt dës Iddi mat dem zoustännege Service vun der Post wäert iwverpréift ginn.

2021-02-10	Iwwerschaffe vun deem Deel an der Deliberatioun vum 19. November 2020 an deem et ëm eng Kompensatiounsgebür geet fir Terrainen, déi am Kader vun der Adoption vum PAP „Hierheck-In Arken“ net ofgetruede ginn.
2021-02-11	Entscheedung fir dem Spadséierwée am Mëllerdall an der Duerfplatz zu Chrëschtnach en Numm ze ginn.
2021-02-12	Matdeele vum méijärege Finanzplang.
2021-02-13	Subsidufroen.
2021-02-14	Verschiddestes.

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemenggesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes d'Buergermeeschtesch schréftlech gefrot, fir folgende Punkt op d'Dagesuerdnung derbäi ze setzen:

2021-02-15	Propose fir d'Reunioune vum Gemengerot erëm via eng audio-visuel Plattform ze iwverdroen.
------------	---

1. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, en Agent aus dem technëschen Déngscht vum 1. Abrëll 2020 un an de Gehältergrupp C1 vum techneschen Expeditionnaire ze ernennen.

2. De Schäfferot äntwert hei drënner schréftlech op déi heite Froe vun de Conseillere Bender, Michels an Tobes, déi si de 7. Februar 2021 eraginn hunn:

*D'Kanner sinn d'Zukunft vun eiser Gemeng a wat d'Educatioun an d'Betreiung vun eise jéngsten Awunner ugeet maache mir eis nach émmer Sueren. Am Beräich vun der Crèche si mir déi eenzeg Gemeng am Naturpark Mëllerdall mat der restriktiver Alterslimitatioun, datt d'Kanner réicht vun 18 Méint un dierfe betreit ginn. Am Beräich vun der Education précoce sinn d'Raimlechkeeten zu Haler schonn zanter Joren ze kleng, sou datt net all Kanner kënne Vollzäit betreit ginn. Am November 2020 goufe bei der Spillschoul zu Waldbëlleg Containeren installéiert well och do e grousse Plazmangel bestanen huet. D'Primärschoul zu Waldbëlleg ass virun iwver 20 Joer gebaut ginn. Dëst Gebai ass aktuell komplett ausgelaascht. En externe pedagogesche Beroder fir d'Ausschaffe vun engem Gesamtkonzept um Site vum Schoul- a Sportcenter Michel Rodange ass am leschte Gemengerot refuséiert ginn, mat 6 Stëmmen (d'Buergermeeschtesch Henx-Greischer, d'Schäffen*

## GEMENGEROTSSÉTZUNG 2021/2

### Sëtzung vum Dënschteg, 23. Mäerz 2021

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,  
 // BOONEN Serge,  
 // MOULIN Théo, Schäffen,  
 // BARTHELEMY Marc,  
 // BENDER Maxime,  
 // MEYERS Corinne,  
 // MICHELS Mike,  
 // THOLL Jean-Joseph,  
 // TOBES Romain, Conseilleren,  
 // DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschéllegt: /.

### Dagesuerdnung

2021-02-01	Personalaffär.
2021-02-02	Froe vum Gemengerot un de Schäfferot.
2021-02-03	Prinzipiendecisioun iwver eng eventuell Ofännerung vum PAG am Zesummenhang mat der Realisatioun vun engem Projet „Betreutes Wohnen“ zu Haler.
2021-02-04	Prinzipiendecisioun fir engem zukünftege lokalen Aktiounsgroup Leader an der Region Mëllerdall fir d'Periode 2023-2029 bázietrieden.
2021-02-05	Projet iwver d'Ersetze vum Transformator Creos zu Waldbëlleg.
2021-02-06	Projet fir d'Leeë vun enger Waasserleitung tëschend den Uertschafte Waldbëlleg a Chrëschtnach am Kader vum Projet vun der Ofwaasserklärung, Phase 2.
2021-02-07	Bewöllegung vun engem notariellen Akt.
2021-02-08	Bewöllegung vun engem Compromis.
2021-02-09	Ausüben oder Zrécktriëde vum Virkafrecht.

*Boonen a Moulin an d'Conseilleren Barthelemy, Meyers an Tholl) géint 3 Stëmmen (Bender, Michels an Tobes.*

- Wat huet de Schäfferot aktuell ausgeschafft, fir de Gesamtkonzept fir d'Primärschoul, d'Spillschoul, de Précoce an d'Crèche op engem gemeinsame Site ze plangen?

De Schäfferot hieft ervir, datt den externe pedagogesche Beroder net am Gemengerot refuséiert ginn ass, mee just den zousätzleche Kredit vu 50.000 €, mat sechs géint dräi Stëmmen, fir den Artikel „Frais d'études relatives à l'élaboration d'un concept global sur le site scolaire pour le fondamental, le préscolaire, le précoce et la crèche“, den de Conseiller Michels proposéiert huet.

An Zesummenarbecht mam Schoulcomité, der Schoulkommissioun an der Maison relais schafft de Schäfferot e Konzept aus, aus dem ervirgoe wäert wéi vill Klassesäll an aner Raim gebraucht ginn. Wärend den zwou leschte grousse Vakanzen, nodeems d'Schoulorganisatioun fäerdeg war, si vill nei Kanner bääkomm. Am Prescolaire sinn dëst Joer 59 Kanner. Fir déi nächst Schouljoren si bis elo folgend Chiffere bekannt:

- Précoce 2021/2022: 25 Kanner
- Spillschoul 2021/2022: 22 Kanner am éischte Joer, 27 Kanner am 2. Joer
- Précoce 2022/2023: 30 Kanner
- Spillschoul 2022/2023: 25 Kanner am éischte Joer, 22 Kanner am 2. Joer
- Précoce 2023/2024: 21 Kanner
- Spillschoul 2023/2024: 30 Kanner am éischte Joer, 25 Kanner am 2. Joer

Mir hu schonn éischt Pläng fir Klassesäll bei der Schoul ze bauen. Ier mir awer weider plangen, gëtt e Gesamtkonzept mat alle Partner ausgeschafft.

*An der Gemengerotssëtzung vum 17. Dezember 2019 hu mir de Schäfferot gefrot no méi politesch Objektivitéit an de Rapporte vun de Gemengerotssëtzungen an och, datt déi weesentlech Remarqué vun de Conseillere mat hirem Numm am Rapport ze fanne sinn. De 27. Januar 2021 kruten d'Conseillere per Mail d'Rapporte vun de Sëtzunge vum 17. an 29. Dezember 2020, pour avis. Leider hu mir misse feststellen, datt an dëse Rapporten, ènner annerem bei de wichtigste Punkte wat d'Budgetsdiskussiounen*

*sinn, souwuel déi politesch Objektivitéit wei och déi weesentlech Remarqué gefeelt hunn. Dëst ass leider an deene leschte Rapporte méi dacks de Fall. An eisen Aen huet de Bierger d'Recht politesch objektiv informéiert ze ginn a sech esou e Bild iwwer gewielt Vertriebler maachen ze kënnen ouni der Zensur vum Schäfferot ze ènnerleien.*

- Ginn d'Rapporte vum Schäfferot validéiert ier se un d'Conseilleren erausgeschéckt ginn?
- Op Nofroe vun eis dräi Conseilleren, ginn d'Gemengerotssëtzungen opgeholl. Ginn d'Opnamen och gelauschtet, oder némme bei engem Doute?
- Ginn d'Opnamen archivéiert?
- Wei ass et méiglech, datt komplett Diskussiouen an Argumentatiounen guer net an de Rapporten optauchen, an datt een esou emmer rëm muss dowéinstnofroen?
- Wat gedenkt de Schäfferot ze maachen, fir datt dëst verbessert gëtt an dëst am Sënn vun der Transparenz a vun der Informatioun un de Bierger?

D'Rapporte vun de Gemengerotssëtzunge sinn an der Kompetenz vum Schäfferot. D'Opname gi gelauschtet an och archivéiert. Bei de Budgetsdiskussioune war et nach ni Usus, fir am Rapport ze schreiwen, wie wéi eng Fro gestallt huet an déi Diskussiouen nidderzeschreiwen. De Budget gouf nämlech scho nn an enger Aarbechtssëtzung vum Gemengerot duerchgeholl.

Mir sinn der Meenung, datt d'Bierger ganz gutt informéiert sinn, jiddereen huet jo och d'Recht selwer an d'Sëtzunge lauscheren ze kommen, fir sech ze informéieren.

*Den 19.01.2021 war am Luxemburger Wort en Avis de marché fir d'Obtention du dossier de soumission vum Aménagement d'une aire de jeux pédagogique sur le site de la Heringer Millen (Zone 1 et Zone 2). D'Aarbechte sollen am Juni 2021 ufänken a sollen 200 Deeg undaueran.*

- Fënnt de Schäfferot et opportun, lo wou d'Betriben wéinst de sanitären Moosnamen scho vill gelidden hunn, elo iwwer de Summer, wou eng méiglech Ouverture vun hire Betriben rëm méiglech ass, mat engem Chantier unzefänken?

- Kéint esou e Chantier, lo wou sécherlech och iwwer de Summer rëm Vakanz doheem ugesot ass, a wou gewosst ass, datt op der Parkplaz d'Situatioun bei Wäitem net optimal ass, net nach méi Chaos mat sech bréngen?
- Wat huet de Schäfferot geplant, fir der Parkplazsituatioun entgéint ze kommen?
- Ass an désem Kontext och schonn de Comité de concertation zesummegeruff ginn?

2. Le collège des bourgmestre et échevins répond par écrit comme suit aux questions suivantes transmises par les conseillers Bender, Michels et Tobes en date du 7 février 2021 :

*Les enfants sont l'avenir de notre commune. Nous continuons à nous inquiéter en ce qui concerne l'accueil et l'éducation des plus jeunes de nos citoyens. Au niveau des crèches, notre commune est la seule parmi celles du parc naturel Mëllerdall, dont les enfants ne sont accueillis qu'à partir de l'âge de 18 mois. Pour ce qui est de l'éducation précoce, les locaux à Haller ne disposent*

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2021/2

Séance du mardi, 23 mars 2021

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,  
 // BOONEN Serge,  
 // MOULIN Théo, échevins,  
 // BARTHELEMY Marc,  
 // BENDER Maxime,  
 // MEYERS Corinne,  
 // MICHELS Mike,  
 // THOLL Jean-Joseph,  
 // TOBES Romain, conseillers,  
 // DIMMER Martine, secrétaire.

Excusé : /

### Ordre du jour

2021-02-01	Affaire de personnel communal.
2021-02-02	Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins.
2021-02-03	Décision de principe portant sur une modification éventuelle du PAG en relation avec la réalisation d'un projet « Betreutes Wohnen » à Haller.
2021-02-04	Décision de principe d'adhérer à un futur groupe d'action locale (GAL) Leader dans la région Mullerthal pour la période 2023-2029.

*pas assez d'espace pour pouvoir accueillir tous les enfants à plein temps. En novembre 2020 des containers ont été installés auprès de l'école préscolaire à Waldbillig, également dû au manque d'espace. Le bâtiment hébergeant l'école primaire a été bâti il y plus de 20 ans. Ce bâtiment est actuellement utilisé à pleine capacité. L'idée de l'engagement d'un conseiller pédagogique externe pour l'élaboration d'une conception générale du site du Schoul- a Sportzenter Michel Rodange a été refusée lors de la dernière séance du conseil communal.*

- Quelles sont les idées du collège échevinal pour élaborer une conception générale projetant l'école primaire, préscolaire, précoce et une crèche sur un même site ?

Le collège échevinal souligne que l'idée en soi d'un conseiller pédagogique externe n'a pas été refusée, mais le crédit supplémentaire de 50.000 €, proposé par le conseiller Michels, à porter à l'article « Frais d'études relatives à l'élaboration d'un concept global sur le site scolaire pour le fondamental, le préscolaire, le précoce et la crèche », a été refusé avec six voix (la bourgmestre Henx-Greischer, les échevins Boonen et Moulin ainsi que les conseillers Barthélémy, Meyers et Tholl) contre trois voix (les conseillers Bender, Michels et Tobes).

Le collège échevinal est en train d'élaborer un concept en collaboration avec le comité d'école, la commission scolaire et la Maison relais, duquel ressortira le besoin en nombre de salles de classe et autres locaux nécessaires. Lors des deux dernières semaines des vacances d'été, donc après l'achèvement de l'organisation scolaire, beaucoup de nouveaux élèves sont venus s'ajouter. Le préscolaire accueille cette année 59 enfants. Pour les années scolaires à venir, les chiffres suivants connus jusqu'à présent :

- Précoce 2021/2022 : 25 enfants
- Préscolaire 2021/2022 : 22 enfants en première année et 27 en deuxième
- Précoce 2022/2023 : 30 enfants
- Préscolaire 2022/2023 : 25 enfants en première année et 22 en deuxième
- Précoce 2023/2024 : 21 enfants
- Préscolaire 2023/2024 : 30 enfants en première année et 25 enfants en deuxième

Nous avons déjà reçu les premiers plans pour l'aménagement de salles de classe de l'école fondamentale, mais avant de nous lancer dans le projet, nous souhaitons élaborer un concept général avec tous les acteurs concernés.

*Lors de la séance du conseil communal du 17 décembre 2019, nous avons demandé au collège échevinal plus d'objectivité politique dans les rapports des séances du conseil communal et que les remarques essentielles des conseillers y soient reprises nominalement. Le 27 janvier 2021 les conseillers ont reçu les rapports des séances des 17 et 29 décembre 2020 pour avis. Malheureusement nous avons dû constater que dans ces rapports, entre autres sous les points à l'ordre du jour les plus importants, notamment pour les discussions budgétaires, qu'aussi bien l'objectivité politique ainsi que les remarques essentielles ont manqué. Ceci se répète dans les derniers rapports. Nous sommes d'avis que le citoyen a le droit d'être informé politiquement objectif afin de se former sa propre image des représentants élus sans être soumis à la censure du collège échevinal.*

- Est-ce que les rapports sont validés par le collège échevinal avant d'être envoyés aux conseillers ?
- Sur demande de nous trois conseillers, les séances du conseil communal sont enregistrées. Est-ce que ces enregistrements sont écoutés ou seulement en cas de doute sur un point ?
- Est-ce qu'ils sont archivés ?
- Comment est-il possible que des discussions complètes et des argumentations n'apparaissent pas dans les rapports et que nous nous voyons obligés de le rappeler à chaque fois ?
- Qu'est-ce que le collège échevinal envisage faire afin de d'améliorer ceci au futur et ceci en vue de la transparence et de l'information du citoyen ?

Les rapports des réunions du conseil communal ressortent de la compétence du collège échevinal. Les enregistrements sont écoutés et archivés. Il n'a jamais été d'usage de rapporter sur les interventions individuelles des conseillers lors des discussions budgétaires. Le budget a déjà été traité lors d'une réunion de travail du conseil communal.

Nous sommes d'avis que les citoyens sont bien informés. Chacun a le droit d'assister personnellement aux réunions du conseil communal en vue de s'informer.

En date du 19.01.2021 un avis de soumission publique était publié dans le Luxemburger Wort concernant l'aménagement d'une aire de jeux pédagogique sur le site de la Heringer Millen (zone 1 et zone 2). Les travaux y relatifs devraient entamer au mois de juin 2021 et sont prévus pour une durée de 200 jours.

- Est-ce que le collège échevinal trouve opportun de prévoir un chantier au moment d'une éventuelle reprise d'activités des entreprises, qui ont déjà souffert des conséquences des mesures sanitaires ?
- Est-ce que le chantier prévu ne pourrait pas impliquer encore plus de chaos à une autre reprise de « vacances à la maison », sachant que la situation de stationnement n'est pas optimale à cet endroit ?
- Qu'est-ce qui a été prévu par le collège échevinal pour améliorer la situation de stationnement ?
- Est-ce que le comité de concertation a été réuni dans ce contexte ?

Le collège échevinal est d'avis, que le chantier de l'aire de jeux devrait commencer. La commune a déjà eu du retard dans la planification du projet. Avec ce projet le Mullerthal gagnera en attractivité, et les entreprises en pourront également profiter. Toute personne qui travaille sur le site connaît le projet. D'après le collège échevinal, il ne fait pas de sens d'entamer les travaux y relatifs qu'en automne, alors qu'en raison des conditions météorologiques, les travaux ne progresseront pas. Le chantier sera protégé par une clôture, de façon que les gens puissent sans soucis continuer à faire des randonnées et à être assis sur la terrasse.

Afin d'améliorer la situation actuelle de manque d'emplacements de stationnement, le collège échevinal a fait une demande pour pouvoir utiliser les deux parcelles appartenant à la commune comme parking. Un concept a été élaboré pour l'aménagement d'emplacements de stationnement supplémentaires, dont une partie pouvant être réalisée au moment du commencement des travaux pour l'aire de jeux.

Une réunion avec le comité de concertation sera convoquée dès que nous aurons le résultat de la soumission et que nous serons en connaissance de la date de début des travaux. En tant que membre du comité, le conseiller Tobes devrait savoir qu'il ne s'est pas encore réuni.

La bourgmestre informe que le collège échevinal répond par écrit endéans un mois aux questions posées par les conseiller Bender, Michels et Tobes en date du 20 mars 2021. Les questions ainsi que les réponses seront publiées dans le rapport de la prochaine réunion du conseil communal.

3. Le conseil communal décide avec cinq voix (la bourgmestre Henx-Greischer, les échevins Boonen et Moulin ainsi que les conseillers Barthelemy et Meyers) et deux abstentions (les conseillers Bender et Tobes) d'entamer la procédure d'une modification ponctuelle du Plan d'aménagement général de la commune de Waldbillig en vue d'une réalisation éventuelle d'un projet « Betreutes Wohnen » à Haller. Les conseillers Michels et Tholl ont quitté la salle et n'ont pas participé à la délibération en question.
4. Le conseil communal décide unanimement de donner son accord de principe d'adhérer à un futur groupe d'action locale (GAL) Leader dans la région Mullerthal pour la période 2023-2029 et par conséquent de participer aux travaux de préparation de la nouvelle stratégie de développement local Leader Region Mëllerdall.
5. Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord au devis de 185.000,00 € (TTC), honoraires d'ingénieur compris relatif au projet portant sur le remplacement du poste de transformation « Creos » à Waldbillig, élaboré par le Bureau d'études et de services techniques BEST.
6. Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord au devis de 263.000,00 € (TTC), honoraires d'ingénieur compris relatif au projet portant sur la pose d'une conduite d'eau entre les localités de Waldbillig et de Christnach dans le cadre du projet d'assainissement des eaux usées, phase 2, élaboré par le Bureau d'études et de services techniques BEST.

**7.** Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord à l'acte notarié relatif à la vente à un promoteur de parcelles du domaine privé communal sises à Haller, section B de Haller, inscrites au cadastre sous les numéros 245/2374, 245/2375 et 245/2376 d'une contenance de 23 centiares au prix de 13.800,00 € (treize mille huit cents euros).

**8.** Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord au compromis de vente aux termes duquel l'administration communale de Waldbillig déclare vendre à des personnes privées une emprise, sise à Christnach, section C de Christnach, devant la parcelle inscrite au cadastre sous le numéro 616/4637, avec une contenance totale de 19 centiares au prix de 133 € (cent trente-trois euros).

**9.**

a) Le conseil communal décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant les parcelles suivantes :

- la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Waldbillig, section A de Haller, sous le numéro 906/2403 d'une superficie de 5,55 ares ;
- la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Waldbillig, section A de Haller, sous le numéro 906/2404 d'une superficie de 5,47 ares.

b) Le conseil communal décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant les parcelles suivantes :

- la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Waldbillig, section A de Haller, sous le numéro 867/2063 d'une superficie de 73,30 ares ;
- la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Waldbillig, section A de Haller, sous le numéro 867/1570 d'une superficie de 52,60 ares.

**10.** Le conseil communal décide à l'unanimité des voix d'adopter le PAP « Hierheck-In Arken » sous condition :

- de respecter la réclamation formulée par Monsieur Pierre Kraus-Arendt concernant les reculs à respecter et d'appliquer les reculs imposés par le règlement de la zone HAB-1 du

PAP-QE, notamment d'exiger que le point le plus rapproché d'une limite postérieure doit se trouver à une distance de sept mètres au minimum ;

- de ne pas apporter les modifications proposées par la cellule d'évaluation conformément au règlement grand-ducal du 8 mars 2017 concernant le contenu du plan d'aménagement particulier « quartier existant » et du plan d'aménagement particulier « nouveau quartier » portant exécution du plan d'aménagement général d'une commune et
- d'exiger une indemnité compensatoire pour terrains non cédés au montant de 25.000 € par are, notamment d'une surface de 4 ares 24 centiares, qui servira à l'amélioration de la sécurité des piétons, notamment pour l'acquisition de terrain en vue de l'aménagement d'un passage pour piétons sécurisé à proximité immédiate du PAP et pour couvrir les frais mêmes de l'aménagement du passage piétons avec installation d'un éclairage public des deux côtés de la rue.

**11.** Le conseil communal décide unanimement de dénommer les lieux publics suivants comme suit :

<b>Localité de Müllerthal</b>	<b>Dénomination</b>
Promenade menant du parking « Schiessentümpel », à travers l'escalier aménagé en l'année 2019, jusqu'au « Schiessentümpel »	Promenade Jean-Pierre Prommenschenkel

<b>Localité de Christnach</b>	<b>Dénomination</b>
Place du village dans la rue Schoulstross	Place Jean Engling

**12.** Le collège des bourgmestre et échevins communique le Plan pluriannuel financier 2022-2025 de la commune aux membres du conseil communal.

**13.** Le conseil communal décide unanimement d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

- Pharmaciens sans frontières
- Féblux – Fir effentlech Bibliothéiken Lëtzebuerg
- Fondatioun Lëtzebuerger Blanneverenegung Rollingen/Mersch
- Handicap International
- Association Luxembourg Alzheimer

- Lux - Lagos asbl
- SOS villages du Monde
- Les amis du Tibet
- Care Luxembourg
- Le soleil dans la main ONG

**14.** Le conseiller Bender aborde le thème portant sur l'existence de clôtures en fils barbelés longeant le chemin « séchere Schoulwee » menant de Christnach à l'école fondamentale de Waldbillig. La bourgmestre répond que ces clôtures existaient avant l'aménagement de ce chemin et que le collège échevinal va analyser la situation.

Le conseiller Bender, en tant que délégué communal auprès de l'école de musique régionale d'Echternach, demande si la commune a entretemps reçu des invitations qui ne lui ont pas été transmises. La bourgmestre réplique que récemment elle n'a reçu que des invitations destinées aux bourgmestres. Les réunions se sont tenues soit en présentiel soit via Teams.

Le conseiller Bender se renseigne sur le résultat de la soumission portant sur le projet de l'aménagement de l'aire de jeux à Mullerthal, qui a été ouverte le 9 mars dernier. La bourgmestre renseigne que le bureau Espace et paysages évalue encore le résultat en contrôlant les offres remises et que le résultat définitif n'est pas encore connu.

Le conseiller Tobes se renseigne si le comité de concertation de la Heringer Millen se réunira avant le début des travaux nommés ci-dessus. Ceci est confirmé par la bourgmestre.

**15.** Le conseil communal décide avec cinq voix (la bourgmestre Henx-Greischer, les échevins Boonen et Moulin et les conseillers Meyers et Tholl) contre trois voix (les conseillers Bender, Michels et Tobes) et une abstention (le conseiller Barthelemy) de ne pas accepter que les réunions du conseil soient retransmises par plateforme audiovisuelle.



Foto: Damaris

# ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

## Geburten // Naissances

08/12/2020	<b>Berger</b>	Elias Pierre	<i>Chrëschtnech</i>
17/12/2020	<b>De Oliveira</b>	Eve	<i>Haler</i>
23/12/2020	<b>Dias Rodrigues</b>	Sofia	<i>Waldbëlleg</i>
03/01/2021	<b>Sousa Santos</b>	Wendy	<i>Waldbëlleg</i>
15/01/2021	<b>Backes Amatini</b>	Levi Roger	<i>Haler</i>
20/01/2021	<b>Rehlinger</b>	Mathilda	<i>Haler</i>
03/02/2021	<b>Welschbillig</b>	Philippe	<i>Chrëschtnech</i>
02/03/2021	<b>Ludovicy</b>	Elin	<i>Chrëschtnech</i>
30/03/2021	<b>Casimiro Marques</b>	Valentin	<i>Haler</i>
24/04/2021	<b>Nunes</b>	Léo	<i>Chrëschtnech</i>
03/05/2021	<b>Mühleisen</b>	Lilly	<i>Chrëschtnech</i>

## Bestietnesser // Mariages

14/12/2020	<b>Gleis</b> Charel & <b>Braun</b> Jasmine Geneviève Jeannine	<i>Waldbëlleg</i>
18/12/2020	<b>Letsch</b> Jeannot & <b>Dahm</b> Sonia	<i>Chrëschtnech</i>
12/02/2021	<b>Mühleisen</b> Fabian Julian & <b>Decker</b> Edith	<i>Chrëschtnech</i>

## Pacs // Partenariats

11/12/2020	<b>Grégoire</b> Ben & <b>Gillen</b> Nathalie	<i>Chrëschtnech</i>
18/12/2020	<b>Heyne</b> Christian & <b>Heintz</b> Christel Roberta	<i>Chrëschtnech</i>

## Stierffäll // Décès

08/12/2020	<b>Carlisle</b> Alan	<i>Haler</i>
22/12/2020	<b>Nilles</b> Jeanne Léontine	<i>Haler</i>
13/02/2021	<b>Weydert</b> René Jean Pierre	<i>Haler</i>
03/04/2021	<b>Lorang</b> Fernand Jean	<i>Chëschtnech</i>
03/04/2021	<b>Weydert</b> Marie Josée Catherine	<i>Waldbëlleg</i>
05/05/2021	<b>Tholl</b> Léontine Elisabeth	<i>Waldbëlleg</i>

## MIR GRATULÉIEREN



Den 14.12.2020 sinn d'Jasmine Geneviève Jeannine Braun an de Charel Gleis bestuet ginn.



Den 18.12.2020 sinn d'Sonia Dahm an de Jeannot Letsch bestuet ginn.



Den 12.02.2021 sinn d'Edith Decker an de Fabian Julian Mühleisen bestuet ginn.



Den 11.12.2020 sinn d'Nathalie Gillen an de Ben Grégoire gepacst ginn.



Den 18.12.2020 sinn d'Christel Roberta Heintz an de Christian Heyne gepacst ginn.



Fotoen: Gemeng Waldbölleg,  
ausser Koppel Gleis-Braun:  
evermore - jennifer B. photography

## NEIGEBUERE VUN 2020

Ogrond vun den aktuelle Covid-Moosnamen, konnt d'Receptioun zu Éiere vun den Neigebueren aus dem Joer 2020 op en Neits leider net stattfannen. De Schäfferot huet sech et trotzdeem net huele gelooss, de Kanner dee vun den Elteren ausgewielte Baam heembréngen ze loessen an deen derzougehéieregen Diplom ze iwwereechen.

Am Joer 2020 zielt d'Gemeng Waldbëlleg 23 Neigebueren. D'Elteren hu folgend Beem ausgewielt:

- 2 Äppelbeem
- 1 Käschtebam
- 10 Kiischtebeem
- 2 Mirabellebeem
- 2 Quetschebeem

## NOUVEAU-NÉS DE L'ANNÉE 2020

Vu les restrictions en relation avec les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 actuellement en vigueur, la réception en l'honneur des enfants nés en 2020 n'a de nouveau pas pu avoir lieu cette année-ci. Toutefois le collège échevinal ne s'est pas privé de faire livrer les arbres choisis par les parents au domicile des enfants concernés et de leur remettre le diplôme y afférent.

Au cours de l'année 2020, la commune de Waldbillig a compté 23 nouveau-nés parmi ses habitants. Les parents ont choisi les arbres suivants :

- 1 châtaigner
- 10 cerisiers
- 2 mirabelliers
- 2 pommiers
- 2 pruniers

Nia Marotta.

Foto: Vanessa Marina

Foto: Gemeng Waldbëlleg

En Äppelbam fir de  
**Méchel Rodange**  
gebuer den 3. Januar 1827  
D'Gemeng stëft dir en Äppelbam, deen, wéi s du,  
grouss soll ginn a sech bei eis wuelfjile soll,  
iwwerreecht vun der  
**Gemeng Waldbëlleg**  
den 29. Mäerz 2021  
De Schäfferot





## HINWEIS DER VEREINIGUNG DER LUXEMBURGER JAGDSYNDIKATE

Am 1. April 2021 hat das erste Jahr der neugegründeten Jagdsyndikate begonnen. Nun werden diese die Verteilungsrollen der Jagdpacht für das Jahr 2021/2022 erstellen. Um diesen Vorgang zu beschleunigen, sind alle Besitzer von nicht bebauten Grundstücken aufgerufen, die Nummer eines Bankkontos auf *myguichet.lu* zu hinterlegen, welches dann automatisch an alle Jagdsyndikate weitergeleitet wird, bei denen die betreffende Person Grundstückseigentümer ist.

Wenn man sich auf dem Portal *myguichet.lu* angemeldet hat und im Vorgangskatalog nach ANF sucht, findet man den Vorgang *ANF: Bankkonto für die Jagdsyndikate* und kann dort sein Bankkonto eintragen.

Selbstverständlich kann man sich auch an den Sekretär seines Jagdsyndikates wenden und diesem sein Bankkonto mitteilen, allerdings dann bei jedem der Syndikate, bei denen man Eigentümer von nicht bebauten Grundstücken ist.

Hat eine Parzelle mehrere Besitzer (co-propriété, indivision, etc) wird sie nur bei dem ältesten der Besitzer im *myguichet.lu* als jagdbare Fläche angezeigt, und nur diese Person kann ihre Kontonummer angeben. Diese Person ist angewiesen, die Einkünfte unter den Mitbesitzern zu verteilen.

Auf *myguichet.lu* steht unter *meine Daten* die Rubrik *Jagd*. Hier sieht man, in welchem Syndikat man Eigentümer ist, mit allen nötigen Angaben.



*Fotoen: Hendrik Kühne, Marc Barthelemy*

## NI MÉI IWWERSCHWEMMUNG?

Weem ginn net nach d'Dronkenellen aus, wann en un den 1. Juni 2018 denkt. Deemools stoung bal déi ganz Gemeng ënnner Waasser wéinst extreemem Reen, esou wéi dat e Joer virdrun an der Nopeschgemeng de Fall war.

Den Ingenieursbureau *eepi* gouf vun der Gemeng beoptraagt, eng Analys ze maachen a Mesuren ze proposéieren, déi kéinten esou katastrophal Konsequenze vun heftge Wiederkonditioune verhënneren.


Dee sougenannte *Starkregenkonzept* gouf de Bierger am Abrëll an dräi Reuniounen an der Sportshal virgestallt, jeeweils fir d'Awunner vu Chrëschtnech-Freckeisen, vu Waldbëlleg-Mëller dall a vun Haler. Et geet net mat e puer einfache Méttel duer; do sinn net manner ewéi 85 Propose virgeluecht ginn; d'Waasser muss gebremst ginn a plazweis émgeleet. Realiséiert kann et némme ginn, wann och d'Awunner an d'Proprietaire vun den Terrainen mat deene Moossnamen d'accord sinn.

Den Interessi bei de Leit war grouss. No den dräi Reunioune gëtt de ganze Konzept op den Internetsite vun der Gemeng gesat. Esou huet jiddwereen d'Méiglechkeet, sech dat ganzt Konzept méi genee unzekucken, an eventuell Virschléi ze maachen.

Staarkreen-Gefore-Kaarten:

Déi stinn op [www.geoportail.lu](http://www.geoportail.lu) an der Kategorie *Waasser*, an der Rubrik *Héichwaasserrisikomanagementrichtlinn*.

*Gemeng Waldbëlleg*



## D'PRÄITELER BRÉCK

Déi geféierlech provisoresh Präiteler Bréck ass jo eng onendlech Geschicht, wou et erëm zu engem Echange vu Courrieren tëscht der Gemeng Waldbelleg an dem zoustännege Minister komm ass.

Hei ass de Bréif, deen de Schäfferot am Dezember un den zoustännege Minister geschéckt huet. Dorobber koum de 25. Februar en *Accusé de réception* vum Minister François Bausch, mat der Informatioun, datt dee Courier un *d'Administration des ponts et chaussées* gaangen ass, „pour analyse et avis“.

Eng Affaire, déi méi ewéi sécher à suivre ass ...



# SCHOUL & MAISON RELAIS // ÉCOLE & MAISON RELAIS



## Kann den Hues schreiwen?

Déi Fro hunn d'Spillschoulskanner sech déi Woch virun Ouschtere gestallt, wéi si op hirem Wee fir an de Bësch, Post vum Fonsi Hues fonnt hunn.

De Fonsi war ganz fréndlech, huet de Kanner allerdéngs e puer Aufgabe gestallt, fir sech Iwwerraschungen ze verdéngen. Si hunn z.B dem Fonsi missen ee schéint Ouschterlidd sangen, sprange wéi een Hues, Meedercher a Jongen zielen a verschidde Wieder liessen.

Dat alles kruten d'Kanner labber hin an dofir hunn si och vill Iwwerraschungen a Form vu Schockela, Pechbiller an Ouschtereeér fonnt. Merci Fonsi! De Wee fir an de Bësch war de Kanner dës Kéier guer net sou laang virkomm wéi soss ...

Joëlle Niederweis



## An der Ouschter-bäckerei!

Fir Ouschteren hunn d'Spillschouls-kanner zesumme Muffins gebak. Duerno huet all Kand säi Muffin zu engem flotten Huesekapp dekoriert. Ei, deen huet awer gutt geschmaacht!

Sarah Muller





## Den Ouschterhues am C2

Freides virun der Ouschtervakanz huet den Ouschterhues an der Schoul op sech opmierksam gemaach.

Nodeems sech d'Noochriicht bei de Kanner vum Cycle 2 verbreet huet, datt de Kärel mat de laangen Oueren am Schoulhaff gesi gouf, gouf et keen Hale méi.

D'Kanner sinn zesumme mat hiren Enseignanteen an de Schoulhaff gaangen, wou eng éischt Aufgab op d'Kanner gewaart huet. All Klass huet missten e Rätsel léisen. An e puer Minuten hat all Grupp d'Léisungswuert fonnt: „OSTERHASE“. Dat war gläichzäiteg de Start fir eng grouss Ouschtereeér-Sich.

Séier wéi de Blëtz a mat ganz vill Begeeschterung sinn d'Kanner duerch den Haff gejauft an hunn an allen Ecken, hannert all Heck oder Bam gesicht, fir déi faarweg Eeér ze

fannen, déi den Ouschterhues verstoppt hat. Souguer op de kniffligste Stoppen hunn d'Kanner Eeér fonnt.

A kierzester Zäit haten si iwwer 100 Eeér zesummen, déi duerno gläichméisseg un d'Kanner opgedeelt goufen.

No der Sichaktioune hat den Ouschterhues nach fir all Kand eng kleng Schneekegkeit.

Eng kleng Ofwiesslung dobausse fir all Kand an Enseignant virun der wuelverdingter Vakanz.

*D'Enseignanteen vum Cycle 2*



## MAISON RELAIS









Foto: Georges Koster

# VERÄINER // ASSOCIATIONS

## JONK AN AL GEMENG WALDBËLLEG

Sonndes den 31. Januar hate mir ons traditionell *Choucroute garnie* eemol ganz anescht wéi d'Jore virdrun.

Mir hunn dëst Joer duerch d'Coronapandemie missten Take-out ubidden, wat och bei de Leit gutt ukomm ass. Mir haten 160 Umeldungen, d'Leit konnten hire Menü bei d'Cafeteria ofhuele kommen.

Mir kruten dee selwechten Dag nach per SMS Merci gesot fir déi gutt Choucroute an d'Initiativ, wat ons natierlech gefreet huet.

Mir soen dem Romain Thielen a senger Fra Nicole villmoos Merci, well ouni si hätte mer dat net maache kënnen. Der Gemeng soe mir och Merci, datt mir dat hunn dierften organiséieren.

De Komitee seet nach eemol villmoos Merci fir déi gutt Ënnerstëtzung vun hire Memberen.

*Text: Henriette Baden  
Fotoen: Damaris*





## BUERGBRENNEN? JO, AWER ANESCHT ZU HALER!

Nodeems d'lescht Joer de Stuerm verschidde Buergbrenne verhennert hat, gouf et och dëst Joer keent zu Chrëschtnech an zu Waldbëlleg – dräimol dierft Dir roden, firwat!

Mee et gëtt e klengt Dierfchen an eiser Gemeng, wou déi irredictibel Awunner, d'Haler Leit, sech net dem massive Diktat vun de Corona-Invasore bëie wëllen. Si hunn awer e Buergbrennen organiséiert.

Fir datt jiddweree bei sech doheem deen Dag konnt ugemiessen an angeneem verbréngen, hu si en Take-out opgemaach mat Gulaschzopp a Wirschtercher mat Sauerkraut. Do derbäi gouf et eng kleng alternativ Buerg, fir doheem ze verbrennen, um 19 Auer pénktlech wannechglift.

Et war e schéine Succès mat ville Bestellungen. Um Fléckenhoff ass ewéi émmer gekacht ginn an du gouf d'lessen zu Haler ausgefouert. D'Bestellungen aus deenen aneren Dierfer aus der Gemeng an der Ëmgéigend konnten, am Respekt vun de Coronamoosnamen, ofgeholl ginn. Done si gären ugeholl ginn; si waren dëst Joer fir Blëtz a.s.b.l., déi sech ém Patiente këmmeren, déi vun de Suitte vun engem Hiereschlag beträff sinn.

Dëst Joer war en extrat Joer, en extrat Buergbrennen an déi trei Ënnerstëtzer vun den Haler Leit sollen och en extra MERCI kréien.

Annette Klein, Marc Barthelemy  
Fotoen: Esther Wagner





## AEROMODELLISTE VU CHRËSTNECH



 <b>EASA</b> European Union Aviation Safety Agency	 <b>DACP</b> <small>Direction de l'Aviation Civile Gouvernement du Luxembourg</small>
 <b>L</b>	 <b>A1 A3</b> <b>OPEN SUB CATEGORY</b>
<b>Preuve de réussite de la formation en ligne</b> <small>PROOF OF COMPLETION OF THE ONLINE TRAINING NACHWEIS DES BESTEHENS DES ONLINE-TRAININGS</small>	
<small>Prénom   First Name   Name</small> <b>Clement PETER Krauskopf</b> <small>Nummer d'enregistrement Identifikationsnummer Registrierungsnummer</small> <b>LUX-RP-19580202001</b>	<small>Nom de famille   Last name   Nachname</small> <b>GÖRKE</b> <small>Valid jusqu'au   Valid until   Gültig bis (Inclus   Included   Einschließlich)</small> <b>02/01/2026</b>
	

Den 31. Dezember 2020 ass zu Lëtzebuerg déi europäesch Reglementatioun fir de Betrib vun UAS (Unmanned Aircraft System, dat heescht onbemannte Fluchobjekter, déi vu wäitem gesteiert ginn) an nationaalt Recht émgesat ginn. Hei handelt et sech méi präzis ém Quadrokopter, Hexakopter ... Helikopter, Flächenfligeren asw. Dëst gëllt esou gutt fir kommerziell wéi och fir Fräizäit Aktivitéiten !

Do brauch een emol fir d'éischt eng *europäesch Identifikatiounsnummer*, déi um Modellfliger de Bedreiver aganz Westeuropa, inklusiv an der Schwäiz, a Liechtenstein an awer och an Norwegen identifizéierbar mécht. Eng Haftpflichtversécherung muss garantéiert sinn.

Duerno gëtt et da vun der *Direction de l'aviation civile* zesumme mat Eurocontrol eng Online-Formatioun, wou een e ganze Mount laang déi Bestëmmunge ka léieren. Zum Schluss muss de Fräizeitmodellpilot eng 40 QCM-

Froe beäntwerten. A wann et keng Datz gëtt, dann huet een eng Berechegung fir am A3-Raum an der Klass **OPEN**, conforme zu der Reglementatioun ze fléien.

Vum 2. Januar un ass sech beim AMC *en conformité* gesat ginn. Et ass eng gutt Saach, wou virun allem d'Sécherheet am Vierdergrond steet. Den Detail steet op <https://dac.gouvernement.lu/fr/drones.html>

Um AMC-Terrain war, zwar séier reduziert, trotz der zweeter an der drëtter Well vum Opflame vun der Covid-Kränt, émmer Fluchbetrieb. Egal ob Wand, Keelt, Schnéi, eng Permanence um AMC-Airfield war garantéiert. Do sinn nei Modelle opgedaucht, déi am Confinement gezwafft goufen, Verbesserunge si probéiert ginn an d'Fluchkompetenze goufen enorm gesteigert. Den Terrain gëtt mat der Tondeuse a mat der Walz fir d'Ouschteren an duerno préparéiert! (Merci, Jos a Romain)





Variometer a GPS-Sensore sinn um Terrain programméiert a getest ginn. De Schnéibetrib mat Kufen oder mat zweemotoregem Waasserfliger ass probéiert ginn. Handstart vun Elektroseegler a Start vun engem Weenchen aus (merci Ali), wann den Elektroseegler ze schwéier ass.

D'Krukerte koumen am Februar an am Mäerz um Terrain laanscht - et waren der nawell jett dëst Joer. De Sahara-sand, de Vollmound an en äisegen Nord-Ostwand ... konnten de Fluchbetrib net verhënneren.

A well se alleguer schéi brav waren, large-scale getest goufen a sech sozial distant beholl hunn, sinn d'Piloten alleguer bei beschter Gesondheet bliwwen. Déi éischt Membere vum AMC sinn ewell geimpft a mir si ferm dovun iwwerzeegt, datt déi nei Saison richteg schéi gëtt.

Mir wünschen de Lieser vum FUUSS e gutt Fréijoer 2021 awer virun allem Zouversicht, Gedold an e formidabelen Immunsystem!

D'Natur ass am Gaang sech schéin ze maachen ... fir eis. Loosst mer profitéieren.

*Redaktiouen: Push Steffen*

*Fotoen: Henri Beissel, Marcel Delleré,  
Jos Gaspard, Romain Hanten, Push Steffen*

Wann d'Aktivitéité vum AMC lech interesséieren, kënnt Dir beim Pol Mehlen um Telefon: 87 90 17 oder 621 21 91 29 méi gewuer ginn.



## TURNVERÄIN ËMMER FIT

De Covid huet eis net ofgehal, och an de Wanterméint mam Turne weiderzefueren. Et war eis wichteg, eise Memberen d'Geleeënheet ze ginn, sech gesond ze hale während enger Zäit vun ageschränkte soziale Kontakter an Agespaartsinn.

Mir hunn natierlech d'sanitär Mesuren agehal! Sou konnte bis zu 10 Leit sech all méindes (a während engem Mount souguer och mëttwochs) an der Waldbëlleger Sportshal (ëmmer vun 19.30-20.30 Auer) fit man.

Op der Foto ass d'Rachel Hofmann. Si an de Charel Hetto hunn d'Turnstonne geleet. D'Steffi Dostert, eis laangjäreg Monitrice, kann aus familiäre Grënn leider net méi mat eis turnen. Vun 2008 un huet si eis mat Musek an enger lëschteger Atmosphär richteg fit gemaach. Merci, Steffi, fir di flott Méindegowenter mat dir!

*Fir di nei Saison 2021/2022 siche mer eng dynamesch Monitrice. Interesséierter sollen sech melle bei eiser Sekretärin Alice Greischer.*

Eis Turnstonne riichten sech un Ufängerinne souwéi un Turnerinne mat Erfarung. Nei Turnerinne sinn ëmmer wëllkomm.

Di éischt Stonn ass gratis, an umelle fir di nächst Saison kënnt Dir lech, andeems der 90 (60 Euro fir Studentinnen) op de Raiffeisekont CCRA LU43 0090 0000 0124 8491 iwwerweist.

**Kontakt:** Alice Greischer([greischa@pt.lu](mailto:greischa@pt.lu)) oder  
Isabelle Koster-Oberlé ([isabelle.oberle@education.lu](mailto:isabelle.oberle@education.lu))

Nous avons repris nos cours de gymnastique en janvier en appliquant les mesures sanitaires et avec un nombre maximal de 10 personnes. Participez à nos cours de gymnastique pour dames (peu importe l'âge) au hall sportif de Waldbillig tous les lundis soir (19.30-20.30) pour la nouvelle saison 2021/22 (début fin septembre). Première session gratuite ! En cas d'intérêt, prière de verser 90 euros (étudiantes 60 euros) sur le compte Raiffeisen LU43 0090 0000 0124 8491 de notre association Turnveräin Ëmmer Fit.

*Nous sommes actuellement à la recherche d'une monitrice de gym pour la saison 2021-2022. Si vous êtes intéressée, prière d'adresser votre candidature à notre secrétaire Alice Greischer ([greischa@pt.lu](mailto:greischa@pt.lu)).*

In January 2021 the gymnastics course for women (all ages) could start again with a restricted number of participants (10). Place: Waldbillig sports hall. Time: every Monday from 19.30 – 20.30 hrs. (Contact: Isabelle Oberlé: [isabelle.oberle@education.lu](mailto:isabelle.oberle@education.lu) or Alice Greischer: [greischa@pt.lu](mailto:greischa@pt.lu)).

The classes run until the Whitsun holidays. Next season's enrolment is on 27th September 2021. Free trial session. 90 euros (60 euros for students) per year (CCRA account: LU43 0090 0000 0124 8491).

*We are currently looking for a gym instructor starting after the summer break. If interested, please contact our secretary Alice Greischer.*

*Text a Fotoen: Isabelle Oberlé*



## CLUB DES JEUNES CHRËSCHTNECH

Dëst Joer hate mir keng Kiermes, keng Kavalkad, kee Buergbrennen an och kee legendäre Knéppelbal wéi soss al Joers.

Mir, als Club des Jeunes Chrëschtnech probéiere während dem Joer divers Aktivitéiten ze maache fir eis Memberen, souwéi fir d'Awunner aus der Gemeng, a weider eraus.

Duerch déi sanitär Situatioun konnte mir säit Mäerz 2020 eis Presenz net weisen, mee mir komme lues a lues zeréck.

Fir eise Comeback no baussen ze weisen, hate mir de Sonnden, 11. Abrëll ee groussen Hamburger-Take-away organiséiert. Mat de sanitäre Reegelen, hu mir de Leit aus der Gemeng mëttes eise Knéppelburger verkauft, deen et soss just um Weekend vum Knéppelbal gëtt. Mir haten eng vegetaresch Alternativ, mat engem hausmaacher Gromperekichelchen. Als Bäilag gouf et Fritten an/oder eng Zalot. Mat Produite vu regionale Produzenten hu mir iwwer 180 Hamburger, iwwer 100 Portioune Fritten a ronn 60 Portioune Zalot an 2 Stonnen un déi eenzel Leit verdeelt, déi an eisem Drive-In an der Schlaang stoungen.


Mat e bësse Gedold kruten alleguereten d'Leit hire waarmen Hamburger zerwéiert. Zesumme mam Philippe Claes, deen de BBQ Mëllerdall bedreift, hu mir nees als Club des Jeunes d'Gemeng beweegt.



Mir soe jiddwerengem Merci, deen eng Bestellung gemaach hat, a mir hoffen, datt lech den Hamburger gutt geschmaacht huet, well eis huet et eng Freed gemaach lech den Hamburger ze zerwéieren, och wann et just bis an den Auto war.

Merci un déi verschidde Produzenten déi matgemaach hunn: BBQ Mëllerdall, Kokaehaff SC, Boulangerie Marques, Neienshaff a Wirtz Agri.

*Text a Fotoen: Club des Jeunes*



## BADMINTON REGIOUN MËLLERDALL – Badminton a vill méi



De Badminton Regioun Mëllerdall ass aktiv an de Gemengen  
**Ärenzdall, Bäertref, Beefort,  
Fëschbech, Fiels, Hiefenech,  
Konsdref, Noumer a Waldbëlleg.**

Trotz Corona konnten d'Kanner, di Jugendlech an d'Senioren an de leschte Méint vun de villen **Trainings-méiglechkeiten** profitéieren. Den Training gouf un di sanitär Mesuren ugepasst, dat léisst sech am Badminton zimmlech gutt maachen.

Och di nächst Méint a bis zum Enn vun der Saison am Juli gëtt weider trainéiert.

An alle Sportshalen ass mindestens een Training an der Woch, zu Waldbëlleg souguer dräi. Wie gär nach méi trainéiert, deplacéiert sech zousätzlech an aner Gemengen.



Dënschdes, freides a samschdes sinn souwuel Kannertrainingen, wéi och Trainingen fir d'Senioren. Hobbyspiller kënnen ebenfalls di 3 Deeg an d'Waldbëlleg Hal kommen, do sinn 9 Terrainen, soudatt se sécher Plaz fannen fir ze spiller.

Eis **Traineren** sinn alleguer an de Kaderen vun der Federatioun aktiv.

Den **Tristan Bache** ass Chef Coach vun de Lëtzebuerger U11, U13 an U15.

Den **Hargiono** ass zénter méi wéi 20 Joer Trainer vun der Senior Nationalekipp.


Den **Edwin Ekiring** hat 2008 zu Peking bei der Olympiad matgespillet, wou en d'Aachtelsfinalen in extremis verpasst hat.

Den **Ivan Panev** assistéiert bei de jonken Altersgruppen. Hien ass e bulgareschen Doubel Spezialist an huet virun 2 Joer nach bei de Weltmeeschterschaften opgeschloen.

Leider sinn de Wanter iwver bal all **Manifestatiounen** ofgesot ginn. Mir hunn trotzdem am Dezember Kniddele gekacht an als Take-away ugebueden. Well mer an alle 9 Gemenge Flyeren ausgedeelt haten, blouf de Succès net aus, a mir hunn eppes méi wéi 200 Portioune verkauft.

Ouschersamschdeg hu mer e Familljerallye ronderëm d'Fiels organiséiert. No engem flotten Trëppeltour an enger Rei Spiller am Bësch, hunn di 13 Ekippen sech op d'Eeërsich gemaach. De WanderBad wäert di nächst Saison feste Bestanddeel vum Clubliewe ginn.





Datt d'**Kanner** de Moment vill ze vill doheem hänken, lësst sech an dësen Zäite leider net èmmer vermeiden. Wéi zénter dem spéiden Hierscht 2020 all Kompetitioune fir si gestrach goufen, hunn der e puer vun eise klenge Nowuessspiller Badminton Biller gemoolt.

D'Cassandra vu Bäertref huet eis net némmen dat flott Bild vum „Badminton am Wanter an der Regioun Mëllerdall“ zugeschéckt, mee och nach seng Andréck beschriwwen.



**Kompetitioune** sinn de Moment nach èmmer verbueden. Am Ufank vun der Saison hate mer e Grand-Prix fir d'Jugend an e Masters fir d'Senioren an der Waldbëlleger Hal organiséiert, duerno koum de Stopp.

Mee den Training möcht och sou Freed. Matcher géint Spiller aus anere Veräiner wäerte wuel eréischt di nächst Saison erlaabt ginn, bis dohinner hunn di vill nei Jugendlech an eisem neie Veräin villes bäigeléiert.

Di lëschteg Ekipp vum **FitBad** huet sech de Spaass net huele gelooss an d'Sandy Mesen, hir Trainerin, huet streng no de Corona Reegelen 2 Mol e Fuestraining organiséiert. Wien Fitness kombinéiert mat e bësschen Badminton wëll maachen, fierst méindes an donneeschdes op de Bierkelt. Spaass ass garantéiert.

De Kommittee vum Veräin ass schonn am gaangen, di **nächst Saison** ze plangen. Hien huet méttlerweil en Directeur technique agestallt, deen de Badminton an der Regioun Mëllerdall weiderentwéckele soll. Mat der neier Hal zu Miedernach kritt eise Veräin zousätzlech Méiglechkeeten, fir zum engen nach méi Trainingsstonnen unzebidden, mee awer och an Zukunft e gréissert Turnéier op d'Been ze setzen.

Weider Informatiounen: [www.badmintonregiounmellerdall.lu](http://www.badmintonregiounmellerdall.lu)

Kontakt: [badmellerdall@gmail.com](mailto:badmellerdall@gmail.com)  
oder den Telefon: 691 82 15 92 (Schmidt Luc)

**Kommt a spillt Badminton!**

D'Racketten an d'Fiederbäll si vum Lilli, Lou a Maxime.



De Lio vun Hiefenech huet de „Badminton am Summer“ gemoolt.





Foto: Myrna Koster

# KULTUR A GESCHICHT // CULTURE ET HISTOIRE

## DEN HENTGESBAU

### Wi wann et gëschter gewiescht wär ...

An awer sinn et am November 20 Joer hier, datt mir di nei Gemeng zu Waldbëlleg ageweit hunn.

Ënnert dem Numm „Hentgesbau“ besser bekannt, ass di aktuell Gemeng eigentlech deen éischten Turnsall am ganze Land gewiescht.

Den André Hentges, dee bal säi ganzt Liewen zu Paräis verbruecht huet, war ganz enk mat dem Duerf Waldbëlleg verbonnen, wou heen als Kand e puer Joer gelieft huet. Hien huet am Artistemilieu zu Paräis als „Powerman“ a Rénger besonnesch am Cabaret „Folies Bergères“ säi Geld verdéngt an ass och do artisteschen Direkter ginn. Vill vun senge finanzielle Mëttelen sinn an säi Lëtzebuerger Duerf gefloss, wou een nach haut verschidden Haiser, di hee baue gelooss huet, ka gesinn. Och eeben dee Bau, deen den éischten Turnsall am Land hätt solle ginn, ass aus der Iddi an de Souen vum André Hentges entstanen.

Leider war et awer deemools net gär gesinn, datt Jongen a Meedercher kuerz gekleet sollten turnen, soudatt de schéinen Turnsall ni genotzt ginn ass. Dobäi hat den André Hentges nach di grouss Fénsteren beim Ëmbau vun de „Folies Bergères“ op Waldbëlleg transportéieren an se do abaeu gelooss. E groussen, flotten, ganz hellen an héije Sall ass entstan, deen herno als Scheier genotzt ginn ass, dono laang Joren eidel stoung är en an engem zimmlech desolaten Zoustand vun der Gemeng kaaft ginn ass. Ronn honnert Joer no senger Entsteeung huet dunn d'Gemengeverwaltung an dësem Bau en neit Doheem fonnt.

Wéi mir 1996 eng Principiendecisioun am Gemengerot geholl hunn, fir aus dem Hentgesbau ons nei Gemeng ze maachen, hate mir grad eng nei Schoul gebaut an ons Sportshal war nach net ganz fäerdeg. Mir haten no villem Hin an Hier aner Projete fir eng nei Gemeng eliminéiert:

Nom Krich 1945





Sou war zu Chrëschtnech dat grousst Härenhaus an der Fielserstroos eng Zäit am Gespräch; dono hu mir dem Michel Rodange säi Gebuertshaus zu Waldbélieg analyséiert. Di zwou Méiglechkeete sinn dunn awer aus verschiddene Grënn net zréckbehale gin. Mat dem Architekt Marcel Niederweis sinn du Renovatiounspläng gemaach ginn an di verschidden Aarbechte konnten ugoen.



Di vill Joren, di de Bau eidel gestanen hat, oder als Stall a Schéier gedéngt hat, waren natierlech net ouni gréisser Sequellen laanschtgaangen. Di schéi Fénsteren aus de Folies Bergères waren zwar nach bal all ganz, awer net ze restauréieren no dem aktuellen Standard. Si sinn awer dem Original getrei nogebaut gin. Di charakteristesche Rondbéi, en Zeeche vun den Industriegebaier vun deemools, ware mat rouden Zillen no engem spezielle Muster gebaut. Verschidde Béi hunn awer missten entweder gefléckt oder ganz néi opgebaut ginn. Dofir waren awer rout Zillen vun engem spezielle Format (zweemol d'Breet minus eng Fou vun engem Zentimeter ass eng Längt) néideg, di mir no laangem Sichen am Ausland fonnt hunn. Den Daach ass, genau ewéi deen alen, als Konstruktioon konzipéiert ginn, awer als duebeln Daach mat Tëschenisolatioun.



2000, elo geet en neit Joerdausend un

Besonnesche Wäert ass op d'Akustik am eigentleche grousse Sall geluecht ginn, wëll mir hei jo wollten e flotte Festsall fir kleng Concerten oder aner geselleg Evenementer bauen. An désem ganz memorabele Sall waren och nieft de Gemengerotssätzungen eng séllege schéi Fester, vu Concerten iwwer Theater a Cabaret a verschidden Auditioonen. D'Gemeng hat extra fir déi Saachen e Fligel kaaft, an eigentlech ass et schued, datt ausser enger Hochzäit näischt méi an deem Sall ka gemaach ginn. Mir wollten net hunn, datt an deem dach zimmlech grousse Sall just communal Sitzungen oder aner Verwaltungsaarbechte sollte gemaach ginn. D'Iddi an d'Konzept war, datt, wann eng Kéier weider Platz fir d'Verwaltung misst geschafe ginn, den Hentgesbau um Rez-de-chaussée kënnt no hanne ganz schnell ausgebaut ginn an dann och de grousse Sall esou erweidert ginn. Mat dem spéidere Kaf vun dem Nopeschhaus stoung dunn och d'Méiglechkeet op, zousätzleche Raum (als Nei- oder Ëmbau) do ze schafen an den eigentlechen aktuellem



*Eng Gemeng an historesche Maueran awer erweiderbar*

Hentgesbau mat enger Passerell ze verbannen, e flotten ïlot administratif mëtten am Duerf also. Als Schäffen- a Gemengerot hate mir émmer eng wäitsichteg Planung a finanziell Ofsécherung op der Agenda stoen mat enger Prioritéit: Di éffentlech Gelder sou spuersam wéi méiglech am Déngscht vum Bierger investéieren.

Un den eigentlechen Hentgesbau hu mir deemoos en Agangsberäich mat Lift an anere Kommoditéite gebaut, deen sech no der Charta vu Venedeg kloer architektonesch vum historesche Bau énnerscheet.

Den Terrain virun der neier Gemeng sollt mat der grousser Weid a senger schéiner stengener Rondmauer eng friddlech Oas fir all Mensch sinn. Duerch engersäits d'Haaptstrooss an anersäits d'Bélleg Baach, di zum Deel énnerierdesch laanscht d'Gebai leeft, di kleng Bréck an den Terrain hannert dem Gebai, ass de Charakter vun enger Insel entstanen.

De Gemengerot vun deemoos huet während dräi Perioden alljoers eng gewëss Zomm an de Budget gesat, fir artistesch Kreatiounen ze kafen. Sou hu mir als Schäfferot verschidde Kënschtler kontaktéiert, fir ons e Büst vum André Hentges an och vum Michel Rodange ze maachen. Mir hunn international gefrot an hunn Äntwerten aus Polen, Lëtzebuerg an Italien kritt. Nodeems mir mat deene verschiddene Sculpteure geschwat haten, hir Virstellunge kannt hunn, hu mir ons fir de Mario Pessot aus Italien entscheet a sinn dohinner gefuer, fir seng Aarbecht méi

genau kennen ze léieren. De Buergermeschter ass dono nach zwee Mol bei de Mann gefuer, well mir zousätzlech e Fuuss am Frack an a Maansgréisst wollte maache loessen, fir bei ons nei Schoul „Michel Rodange“.

Dat as awer eng aner Geschicht aus där Period hei an der Gemeng, iwwer déi eng aner Kéier op dëser Platz soll geschwat ginn.

Am November 2001, also geschwë virun 20 Joer, si mir an di nei Gemeng, den Hentgesbau geplännert. Mir sinn aus enger Gemeng vun zwee Zémmer an en historesche Bau gezunn. Ganz schnell konnte mir dono onst aalt Haus émkonzipiéieren an dem Veräin « Jonk an Al » endlech en Doheem ginn.

An onser éischter Mandatsperiod hate mir deemoos eng nei Zentralschoul gebaut, en neie Gemengenatelier, Vestiairen beim Fussballterrain, a verschidden aner méi kleng Projete realiséiert, fir d'Liewen an onser Gemeng méi attraktiv ze maachen. Mat villen aneren Iddie si mir dunn an di zweet Legislatur gaangen an hunn an Zesummenarbecht mam Staat an de Nopeschgemengen ons Gemeng weider an den Zentrum vum Mëllerdall gesat.

Gérard BENDER  
Éierebuergermeeschter

Fotoen: Archiv Gemeng Waldbëlleg, ausser d'Fotoen op dëser Säit: Pierre Haas (Gemeng), David Sonnetti (Büsten).

## AG SPL

D'Assemblée générale vun der Société préhistorique luxembourgeoise (SPL) war dést Joer fir de 27. Mäerz 2021 virgesinn an si ass ewéi esou vill anerer à distance per Bréif ofgehale ginn. D'Gesetz vum 20. Juni 2020 (Loi du 20 juin 2020 portant prorogation des mesures concernant la tenue de réunions dans les sociétés et dans les autres personnes morales) gesait vir, datt esou Assemblée kënnen iwwer schrifftlechen oder elektronesch Austausch ofgehale ginn, och wann dat net esou vun de Statutte virgesinn ass.

De President Marcel Ewers huet sech gefreet, déi meeschte Membere vum Comité, vill Membere vun der SPL an d'Vertrieder vun der Gemeng ze begréissen. Hien huet eemol méi der Gemeng Merci gesot, datt d'SPL kann hire Sëtz an der Gemeng hunn a schéine Lokalitéiten an der Sportshal, wou och hir spezialiséiert Bibliothéik stockéiert ass.

D'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer vu Waldbëlleg huet hire Message elektronesch iwwermëttelt an dem President telefonéiert. Si freet sech all Joers drop, bei der SPL derbäizesinn, a bedauert, datt et dést Joer anescht ass. Si weist sech ganz frô doriwwer, datt d'SPL hire Sëtz an hir Bibliothéik zu Waldbëlleg huet.

Den Aktivitésrapport ass vun der Madamm Marie-Paule Wagener, Generalsekretarin vun der SPL, verfaast ginn.

D'Société préhistorique huet 183 Memberen, dovunner 31 am Ausland. 2019 waren zwee nei Memberen opgeholl ginn, et sinn der dräi gestuerwen.

De Bulletin Nummer 41 vun der SPL ass an de Gréff geholl ginn, mee et dauert nach, bis e fäerdeg ass. D'Informatiounsblat koum am Joer 2020 véiermol eraus. Duerch Leader Mëllerdall krut d'SPL Kontakt mat Autisme Luxembourg a konnt do d'Bulletine vun der SPL digitaliséiere loessen.

D'SPL huet 98 Echangë vu wëssenschaftleche Publikatiounen gehat, an zwielef Länner. D'SPL huet iwwer 150 archeologesch Bicher a Revüe geschéckt kritt. D'SPL schafft reegelméisseg mam CNRA (Centre national de recherche archéologique) a mat den nationale Muséeë fir Geschicht a fir d'Natur zesummen, an och mat Universitéiten. Leider sinn am Joer 2020 déi messchte vun deene Reunioun ewéi och déi vun den Aarbechtsgruppen dem Corona zum Affer gefall. D'Journée annuelle *Préhistoire*,

déi fir den 12. Dezember 2020 virgesi war, ass an den hallwen Dezember 2021 verluecht.



De Keessjee Georges Thill huet d'Konte gemaach, déi gutt ausgesinn, well eng grouss Reserv do ass. Leider gëtt de Kulturministère kee Subsid méi fir d'Publikatioun vum Bulletin. D'Keesserevisore Laurent Schroeder a Carel Kremer hunn d'Konte confirméiert an de Keessjee krut d'Décharge vun der AG.

Am Comité vun der SPL ware bis elo de President Marcel Ewers, de Vizepresident Fernand Spier, d'Generalsekretärin Marie-Paule Wagener, den Tresorier Georges Thill, de Johny Karger fir Matériels divers, an d'Membere Georgette Bisdorff, Georges Jomé, Denise Leesch, Jean-Paul Muller, John J. Muller, André Schoellen, Jean-Paul Stein a François Valloteau.

21 Memberen hate sech ugemellt fir d'Assemblée générale an hunn hire Bulletin de Vote erageschéckt an domat den Aktivitésrapport, de Kessebericht an de Rapport vun de Reviseuren ugeholl. Och de Comité ass confirméiert ginn. Just d'Chargë sinn nach net definitiv opgedeelt.



D'Foto ass aus besseren, bal vergiessenen Zäiten, wéi een sech nach rassembléiere konnt.

Marc Barthelemy

## D'Begréissung vum President Marcel Ewers:

**Madamm Buergermeeschtesch,  
Häre Gemengekonzelljeeën,  
Léif Memberen, Dir Dammen an Hären,**

dat lescht Joer war d'Assemblée générale vun der S.P.L. de 7. Mäerz um Kärespäicher vun der Heringer Millen. Mir haten du schonns héieren vu Corona-Fäll zu Létzebuerg, mir kruten och gesot eis net méi d'Hänn ze ginn, mä Bonjour ze soen mat den Ielbéis. Och beim Éierewäin, deen d'Gemeng Waldbëlleg offréiert huet, huet demools kee geduecht, dass et zu sou enger schlëmmer Pandemie kéim. Fir den 18. Mäerz war eng Comitéssättung geplant fir d'Verdeelung vun deene verschiddene Chargen ze maachen a fir e Programm vun eisen Aktivitéiten opzestellen. Doraus awer ass, wéi Dir wësst, och näischt ginn, well fir de 16. Mäerz de Lockdown fir d'ganz Land ugesot war. Leider konnte mir eis duerch dee Fait weder nach treffen, siew et fir eng Visite vu Siten oder e Víirtrag ze préparéieren, sief et fir am Groupe de travail zesummen ze schaffen.

Eise Member a President vun der Kulturkommissioun, den Här Marc Barthelemy war esou léif e Rapport vun eiser Assemblée générale vum Mäerz 2020, énnert der Rubrik „Kultur a Geschicht“ am Gemenge-Bulletin 2/2020 „De FUUSS“ ze publizéieren. An der selwechter Rubrik gëtt eng Note vum Fernand Spier publizéiert iwver d'Aarbechten vum Dr. Jean-Georges Rozoy, een eminente Spezialist fir de Mésolithique, deen eis am Mäerz 2019 fir émmer verlooss huet. Den Dr. Rozoy war jorelaang Member vun der S.P.L. a verschiddener vun eise Leit hinn beim Dr. Rozoy u Gruewungen oder „Séances de travail“ deelgeholl.

Dëst Joer, wéinst der sanitärer Kris gëtt eis Generalversammlung schrifftlech ofgehalen, esou wéi d'Gesetz vum 20.06.2020 et virgesait. Et sinn eng gutt 20 Memberen, déi sech op déi Manéier ageschriwwen hinn fir un der A.G. deelzehuelen. Dëst Joer gëtt de Comité, wéi all 2 Joer, fir déi nächst zwee Joer nei gewielt. Well awer de Maximum vu 15 Memberen net erreecht ass, brauch och net gewielt ze ginn. Gemellt hinn sech all déi, déi bis elo am Comité waren, ausser der Madamm Georgette Bisdorff. Dem Georgette en häerzleche Merci fir dat jorelaang Matschaffen am Comité, besonnesch awer fir déi gutt Presentatiounen vun eisen Aarbechten an Aktivitéiten an der Press.

Wéinst der Pandemie sinn d'lescht Joer némmer déi lafend Saachen, d'Korrespondenz, d'Infosblad etc. wéi émmer mat vill Kompetenz vun eiser Sekretärin Marie Paule Wagener erleedegt ginn. D'Marie Paule bekëmmert sech elo och ém d'Échangen vun eisem Bulletin, eng Aarbecht

déi den Här Ziesaire wärend laange Jore mat akribescher Méi gemaach huet. Leider konnt d'lescht Joer net vill an der Bibliothéik geschafft ginn.

Eis Finanzen, déi de Georges Thill verwalt si gesond, wat jo d'Keesskontrolleren de Carel Kremer an de Laurent Schroeder bestätigt hinn, och wann eist Akommes elo némmer aus de Cotisatiounen vun eise Membere besteet. Mir dierfen dobäi awer net vergiessen, dass d'Gemeng eis kee Loyer méi freeet fir déi zwee Säll am Centre sportif et scolaire Michel Rodange. Dofir e besonnesch décke Merci un d'Gemeng Waldbëlleg.

An deem Kontext muss awer och gesot ginn, dass d'lescht Joer kee Bulletin erauskomm ass. Iwwregens soll an Zukunft e Bulletin eréischt gedréckt ginn, wa mer eng gewëss Säitenzuel, minimum 130 Säiten, fir ze publizéieren hinn. De CNRA huet eis zougesot beim Layout ze hëlfen. D'Kontakter mam CNRA hinn trotz der sanitärer Kris weider bestaan, och wa mir eis net perséinlech treffe konnten.

Mir können an der häiteger Situatioun némmer hoffen, dass mir eis an nächster Zukunft, vläicht am Spéitsummer oder Hierscht nees treffe können an, dass dann eis Aktivitéiten nees normal lafen. Un der Aarbecht am „Groupe de travail“, wou nach honnerte vun Artefakten aus verschiddene Sammlungen enger präziser prähistorischer Kultur zougeuerdnet musse ginn, awer och an der Bibliothéik feelt et net un Aarbecht. Iwwer Visiten oder Virträg ass schonns nogeduecht ginn.

Éier ech ofschléissen, bieden ech lech nach un eis Memberen ze denken, déi eis 2020 fir émmer verlooss hinn. Et sinn dat d'Hären: Paul Wilmes, Lucien Rollmann, René Colbach. 2020 huet eis och de Jean-Pierre Kraemer verlooss, den als President vun der „Commission luxembourgeoise pour la coopération avec l'UNESCO“ d'S.P.L. dacks énnerstëtzzt huet.

Zum Schluss wëll ech nach alle Memberen vun der S.P.L. villmoos Merci soen fir hir Ënnerstëtzung. E besonnesche Merci awer de Comitésmemberen, besonnesch der Sekretärin, dem Vizepräsident, dem Trésorier an de Keesskontrolleren, de Leit déi um Bulletin oder beim Infosblat, awer och déi, déi an der Bibliothéik matschaffen oder op irgend eng Manéier matgeschafft hinn. Ech wëll och der Madamm Buergermeeschtesch, dem Gemengerot a besonnesch der Kulturkommissioun nach eng Kéier villmoos Merci soen fir de groussen Intressi un eiser Gesellschaft a wat si fir eis maachen.

Hoffe mir, eis geschwënn nees  
perséinlech kennen ze treffen!

Marcel Ewers,  
President

## UERGELFRËNN WALDBËLLEG

### Uergelrecital mam Francis Lucas

**Sonndes, de 7. Februar 2021 ém 17 Auer  
zu Waldbëlleg an der Kierch**

De Concert vum 7. Februar an der Serie 2020-2021 vun den Uergelfrënn Waldbëlleg sollt eigentlech e Recital Uergel + Gei sinn, mat Francis Lucas an Anne-Catherine Feltgen. Dës Kéier war et awer net de Coronavirus, deen eis e Stréch duerch d'Rechnung gemaach huet: Owes virum Concert huet sech d'Anne-Catherine um Fanger verletzt a konnt net spilleren. All Respekt dann dem jonken Organist, deen um leschte Stëppel e Solo-Programm opgebaut huet.

De Francis Lucas ass en Doktorand un der Uni Lëtzebuerg, wou hien an der Lëtzebuerger Kierchemusek vum 19. Joerhonnert spezialiséiert. Hien ass och Organist an der



Kierch zu Käerch. Fir him nozelauschteren hunn eng 40 Leit de Wee op Waldbëlleg fonnt, wat an déser Pandemie-Zäit bal de Maximum ass, déi an d'Kierch ginn.

E puer vun den Uergelstécker aus dem urspréngleche Programm konnten erhale bleiwen. Esou huet de Francis Lucas mat der „Fantasia Chromatica“ vum Jan Pieterszoon Sweelinck ugefaangen, engem bekannten hollännesche Komponist aus dem Fréibarock.

D'Musek vun déser Epoch huet souzesoen d'Reckgrat vum Programm forméiert, wéi dat bei eiser Barock-Uergel ze erwaarden ass. Typesch vun deem Stil si Stécker, déi relativ einfach ufänken mä lues a lues dem Spiller d'Méiglechkeet ginn, seng technesch Brillanz ze beweisen. Dat war och de Fall beim Hans Leo Hassler sengem „Ricercar del secondo





tono" a beim Giovanni de Macque (mir bis elo kee Begréff, mä et léiert ee gäre bäl!) sengen „Consonanze Stravaganti“.

Tëschent de Stécker aus Spéit-Renaissance/Fréibarock huet de Francis Lucas awer e puer vill méi rezent Wierker intercaléiert, aus dem 20. a souguer aus dem 21. Joerhonnert. De „Prelude to 'They Walk Alone" ass e Jugendwierk vum groussen englesche Komponist Benjamin Britten (1913-1976), wat hien als Begleitmusek fir en anzwëschen an de Vergiess geroden Theaterstéck geschriwwen huet. D'sangend Melodie an déi bal spéitromantesch Harmonie vun dësem besënnleche Stéck hu fir e Moment vu Rou gesuergt.

Net grad esou roueg, mä awer berouegend, war den Extrait „Aube“ aus dem Valéry Aubertin (\*1970) senger „Sonate sur le passage de la nuit“. Um Ufank vum Stéck huet de Komponist deen heite Sproch vum chineeseschen Dichter Huang Tingjian gesat: „Comme dans un val écarté, la brise l'accompagne en sourdine“. Dobäi sinn d'Fanger esou liicht iwwer d'Tasten erop- an erofgeflunn, datt ee wierklech den Androck hat vun enger duusser Lëftchen moies fréi am Dall.

Nom Marcel Dupré sengem „Elevation I op. 32“ hu mir als lescht Stéck am Concert e Präludium vum Nicolaus Bruhns, engem Schüler vum Buxtehude aus der Generatioun virum Johann Sebastian Bach, nogelauschtert. Obwuel den Titel dat net verréit, ass och eng Fuge un de Präludium ugehaangen.

Natierlech huet de Publikum de Francis Lucas net ouni eng Zugab wëlle goe loassen, an hien huet also fir eis de Récit vum Pierre du Mage (1674-1751) aus sengem 1er Livre d'orgue gespillet, woubäi d'Zongregister Krummhorn 8' voll zur Geltung komm ass.

Aus bekanntem Grond konnte mir nom Concert kee Patt fir de Publikum ginn. Mir soen dem Francis Lucas villmoos Merci an hoffen, datt säi geplangte Concert mat der Anne-Catherine Feltgen an der noer Zukunft zu Waldbëlleg nogeholl ka ginn.

Text: Henry Wickens  
Fotoen: Daniel Mantrisi an Damaris Pletschette

## ALAN CARLISLE

De laangjäregen Uergelfränd Alan Carlisle ass den 8. Dezember doheem zu Haler am Krees vu senger Famill gestuerwen. Hie war 72 Joer al ginn.

Den Alan koum 1948 zu London op d'Welt, an huet um Royal Manchester College of Music studéiert, mat als Haaptfächer Cor a Chant. No enger Zäit als Profi-Musiker huet hien awer decidéiert, säi Brout mat engem aneren Talent ze verdéngen, an zwar an der Informatik, enger Branche, déi deemools nach an de Kannerschong stouch.

Am Joer 1981 ass hien dann op Lëtzebuerg geplénner, wou hie fir d'éischt bei der IT-Firma ICL, duerno am Europa-Parlament geschafft huet. Niewebäi war hie ganz äifreg an der musikalescher Welt engagéiert, souwuel an der Anglikanescher Kierch als Dirigent an Organist, wéi och am Operetten- a Musical-Veräin „Pirate Productions“.

1995 huet hie sech mat der Pamela Rice bestuet. Fir d'éischt hu si zu Schëtter gewunnt, hunn dunn am Joer 2000 d'Haus „Bei Dennemeyesch Marie“ uewen un der Kierch zu Haler kaaft. Wéi d'Haus bis restauréiert war, sinn si dra geplénnert.

Kuerz duerno huet den Alan eng elektronesch Uergel ugeschaافت, déi hien der Haler Kierch zur Verfügung gestallt huet: E Geste, deen de Gesangveräin (Sang mat Waldbëlleg-Haler) an de Parverband Fiels (elo Par Mëllerdall Saint-Michel) immens appreциéiert hunn.

Wéi zu Waldbëlleg d'Uergelfränn no laangem Dornréischeschlof erëm aktiv gi sinn, war hien direkt mat dobäi, an huet eis op verschidde Manéieren énnerstëtzzt. Als Member vum Veräin war hien émmer an de Concerten do wann et némme gaangen ass, huet eis finanziell gehollef, an ass och e puermol als Organist



opgetrueden, z.B. am Concert mat dräi Organisten aus der Gemeng Waldbëlleg am Mäerz 2017.

Mam Pamela a mat e puer anere Kolleegen huet hien e klenge Vokalensembel mam Numm „Cantique“ gegrënnt, deen an de fréien 2000er-Joren méi dacks an eiser Gemeng opgetrueden ass. Viru Chrëschtdag 2019 huet den Ensemel e ganz erfollegräiche Comeback-Concert zu Waldbëlleg opgefouert.

Den Alan an d'Pamela haten zwar keng gemeinsam Kanner, mä hien ass vum Pamela senger Groussfamill - vun deenen eng ettelech Memberen och op Haler wunne komm sinn - mat vill Léift, als Eedem, Stéifpapp, Stéifmonni a Stéifbopa, akzeptéiert ginn.

Säi Fortgoen hannerléisst e ganz grousst Lach an eisem Liewen.

*Henry Wickens*

**ECHTERNACH |**  
Ecole Régionale de Musique

Nouvelles inscriptions à partir du 1er juin 2021:  
[www.emechternach.com](http://www.emechternach.com)

Inscrivez-vous à l'école régionale de musique de la Ville d'Echternach

Krabbelmusek (à partir de 6 mois)  
Eveil musical (à partir de 4 ans)  
Instruments classiques et modernes  
Danse classique et danse jazz

Butzemusek (à partir de 2 ans)  
Formation musicale  
Chant

Inscriptions anciens élèves via leur accès extranet à partir du 1er Mai 2021.  
Pour tout renseignement supplémentaire, le secrétariat est joignable au 728254  
du lundi au vendredi, de 14.00 à 17.00 hrs,  
et par courriel: [secretariat@em-echternach.com](mailto:secretariat@em-echternach.com)

[www.emechternach.com](http://www.emechternach.com) [www.facebook.com/ERMVE](http://www.facebook.com/ERMVE)

**ECHTERNACH**  
Ecole Régionale de Musique

Du wells d'nächst Joer en Instrument léieren, kanns dech awer nach net décidéieren wéi  
een Instrument am beschten bei dech passt?

Da schreib dech bei eis an fir e **Schnuppercours!**

AB 5 JOER (OP DEN 1. SEPTEMBER) KANNS DU BLOCKFLÜTT, GEI, BRATSCH AN CELLO LÉIEREN.  
AB 6 JOER (OP DEN 1. SEPTEMBER) ALL D'INSTRUMENTER.

HEI BIDDE MER SCHNUPPERCOURSEN UN:  
BLOCKFLÜTT, QUERFLÜTT, HAUTBOIS, KLARINETT A SAXOPHON  
TROMPETT, BUGLE, COR, TROMBONN, BARYTON

PERKUSSIOUN A LATIN PERKUSSIOUN  
GEI, BRATSCH, CELLO, KONTRABASS, MANDOLINN, BASSGITTAR  
UERGEL, CLAVECIN A CARILLON

Interesséiert ? Da mell dech un:  
Mail: [secretariat@em-echternach.com](mailto:secretariat@em-echternach.com)  
Telefon: 728254

[www.emechternach.com](http://www.emechternach.com)

**ECHTERNACH**  
Ville d'Echternach

# LIEWEN AN DER GEMENG // VIE RURALE

## D'ÄNTWERTEN OP EISE CONCOURS

Wie waren déi Déieren op de Fotoen,  
déi an der leschter Nummer waren?

### De gepéipelte Mëll

Tjo, déi meeschte Leit nennen e *Feiersalamander*, an heiando *Feieromes*. Bei eis an der Géigend ass vum *gepéipelte Mëll* rieds gaang. Op Däitsch ass et de *Feuersalamander*, op Franséisch *salamandre terrestre*, *salamandre commune* oder *salamandre de feu*.

Dat schéint Déier, dat bis zu 23 Zentimeter laang ka ginn, ass giel oder heiando orange getëppelt, gepéipelt, op schwaarzem Hannergrond. Am Géigesaz zu de meeschte vun sengen Amphibiekollege lieft de Feiersalamander ganz wéineg am Waasser. Hien hält sech u Land op a verstoppt sech gären am Buedem, op kale Plazen énner Holz oder Steng oder an Dréchemauer. Am Wanter bleift en déi ganzen Zäit an enger Stopp. Zu Lëtzebuerg ass e wäit verbreet.

Feiersalamanderen iesse Kellerschwéngercher, Wierm, Insekten oder Schleeken. D'Larven huele kleng Kriibsen, Insektelarven oder Waasserkiewerleken. De gréisste Feind vum Feiersalamander ass de Stroosseverkéier; et ginn der vill iwwerrannt.

Ganz typesch fir de Feiersalamander sinn déi grouss Drüsen op den Oueren. De Feiersalamander produzéiert an deenen Drüsen e Gëft, wat en esouguer kann e Meeter



wäit versprëtzen. Fir Mënschen ass dat Gëft normalerweis net geféierlech, mee Leit, déi empfindlech sinn, oder Kanner können dovunner gutt krank ginn. Och fir Hënn oder Kazen ass et net ongeféierlech.

Datt de Feiersalamander ka Gëft versprëtzen, huet derzou gefouert, datt d'Mënschen an him en dämonesch Wiesen an esouguer en Draach gesinn hunn. Esou gouf émmer dru gegleeft, datt de Feiersalamander kee Schued duerch Feier kéint erliewen an datt e kéint onbeschuet an d'Feier krauchen.

An der Gemeng Waldbëlleg ginn et der plazeweis ganz vill. De Feiersalamander ass zu Lëtzebuerg ewéi all Amphibie streng geschützt; op säi Liewensraum muss opgepasst ginn.

Méi Informatiounen iwwer de gepéipelte Mail stoung am FUUSS am Januar 2020.

### De Reewuerm (earthworm, ver de terre)

De Reewuerm, och einfach *Wuerm* oder *Wurem* genannt, ass eent vun de rare wierbellosen Déieren, dat all Mënsch kennt a weess, wou et lieft. Den Numm soll dohier kommen, datt de Reewuerm bei Reen aus dem Bueden erauskënnt. Den engleschen an de franséischen Numm weisen dorobber hin, datt dat Déier énner dem Bueden lieft. Och zu Lëtzebuerg gëtt e plazeweis *Äerdwuerm* genannt.

De Reewuerm gëtt zwee Joer al, am Labo bis zu zéng Joer. Hien huet keng Aen, mee vir an hannen Nervenzellen, déi hell an däischter énnerscheeden. Hien ass en Zwitter, d. h. en huet männlech a weiblech Genitalien. Säi Kierper besteet aus Segmenter, vun deenen der am Laf vum Liewen émmer nees derbäi kommen, bis zu 160 am Ganzen. E ka bis zu 30 Zentimeeter laang ginn. E Reewuerm ka sech regeneréieren, wann e Stéck vum Kierper ofgetrennt gëtt. Et ass awer net wouer, datt esou zwee Wierm kéint entstoen.

De Reewuerm frësst Buedem an hëlt doraus Nährstoffer, Reschter vu Planzen, Bakterien, Pilzer. Domat labbert hien de Buedem; nützlech Mikroorganisme profitéieren dovunner a schiedlecher ginn esouguer zum Deel

## CONCOURS

zerstéiert. De Reewuerm ass extreem wichteg fir d'Fruchtbarkeet vum Buedem.

Vill Vigel friesse Reewierm, awer och Maulefen, Schiermais, Kéisekeren, Mouken a Fráschen, Feieromessen an esouguer Fiiss an Duessen.



### D'Gaardemouk, Feldmouk, Kréik, Krott (Erdkröte, crapaud commun)

D'Gaardemouk gëtt dacks einfach *Mouk* genannt. Et ass en heefegt amphibescht Déier aus der Famill vun de Fráschen. Mee et ass net eng richteg eenheetlech Zort Déier, mee eng Vermëschung vu verschiddenen Aarten, wat nach net ganz gekläert ass.

Déi Mouk lieft a Béscher an Hecken, an och gären a Gäert a Kelleren. Daagsiwwer verstoppt si sech énner Steng oder am Holz. Si erniert sech vu Wierm, Insekten, Spannen. Gefriess gëtt si vu Marderen, Kazen, Schlaangen, enger Partie Gräifvullen a Reeëren.

Schon an der Bibel huet d'Mouk als en ellent Déier gegollen an hat e schlechten Numm. Si lieft am Däischteren an hier Haut gëtt e gëftegt Sekreet of, dat bei Hönn oder Kazen zu Vergëftunge ka féieren. Wann dat virkënnt, muss dee Sekreet direkt ofgewäsch ginn an en Déierendokter konsultéiert ginn.

*Marc Barthelemy*

*Fotoen: Nathalie Scholtes, Damaris*

Och dës Kéier geet et ganz am Sënn vun eiser naturbewosster Gemeng drëm, d'Nimm vun e puer Liewewiesen ze fannen, déi an eiser Gemeng fotograféiert gi sinn ...



Mee et sinn dës Kéier keng Déieren, mee Planzen, méi genee Blummen. Se goufe vun den Aeromodellisten op hirem Terrain geknipst, déi also net némmer d'Nues an der Luucht hunn, fir no hire Fligeren ze kucken.



Wie mailt eis déi lëtzebuergesch Bezeechnunge fir déi zwou Blummen? Op [fuuss@waldbillig.lu](mailto:fuuss@waldbillig.lu)

*Fotoen: Push Steffen*



## MÉI LËTZEBUERGER UEBST A GEMÉIS?

Ëmmer erëm kréie mer gesot, datt mir Lëtzebuerger eis Liewens- an lessgewunnechten ännere mussen. Am Luxemburger Wort vum 7. Abrëll 2021 (*Luxemburg muss umdenken, wenn es seine Klimaziele erreichen will*) pocht de Schreiwer op d'perséinlech Verantwortung vu jiddwerengem „eine Reduzierung des Konsumes von Fleisch sowie von Obst und Gemüse, das aus fernen Regionen importiert werden muss“ a setzt op Lëtzebuerger Wueren „in Bezug auf Lebensmittel, einen stärkeren Fokus auf lokale Produkte.“

Dee selwechte Gedankegang, mee wuel aus anere Grënn fënnt ee viru bal 100 Joer an der Zäitschrëft vun der Vereenegung *Gaart an Heem*:

„Esst inländisches Obst! Warum ist diese Mahnung überhaupt erforderlich? Gehen wir einmal über die Märkte und sehen uns an, was dort angeboten wird. Ausländisches Obst ist grossfrüchtig, von gesunder Farbe und tadelloser Beschaffenheit; inländisches Obst manchmal so unansehnlich, dass sich kein Käufer dafür findet. Vor allen Dingen fällt uns der weit verbreitete Befall mit den braunen oder schwarzen Schorfflecken auf.“ (*Le Coin de Terre et le Foyer*, März 1928)

Jo, duerch d'klimatesch Bedingunge gesäßt eist Uebst a Geméis net émmer perfekt aus. Mee op d'mannst wësste mer, wou et hierkënnt. An de leschte Joerzéngte sinn awer vill nei Methoden a punkto Gaardebau ausprobéiert ginn, di d'Qualitéit an d'Ausgesi vum Uebst a Geméis verbessert hunn.

Mee firwat sech iwwerhaapt mat Uplanze beschäftegen? Et ass dach némmen Aarbecht, an et gëtt méi bëlleg, dës Produiten am Supermarché anzukafen!

„Die Beschäftigung mit dem Wachstum der Pflanzen, die wir täglich essen, macht uns aufmerksamer für unsere Umwelt und für den Wert und die Arbeit die in unseren Lebensmitteln steckt. Sie öffnet uns die Augen dafür, dass Lebensmittel unser Mittel zum Leben sind.“ (<https://iblablog.lu/tag/selbstversorgung>, Abrëll 2020)



A ville Primärschoule sollen d'Kanner net némme léieren, wéi vill Freed et mécht, dobaussen ze schaffen, mee och, wéi eng Planzen ee selwer séien an notzen kann. Et gi Geméisgäert oder Kraidergäert ugeluecht. An engem rezenten Interview am *Luxemburger Wort* (*Wir stehen an einem Scheideweg*, 12.04.21) seet och d'Direktesch vu Bio-Lëtzebuerg, Daniela Noesen, datt et wichtig ass, di Jonk ze sensibiliséieren, an: „generell müssen junge Menschen lernen, warum es wichtig ist, wie wir uns ernähren.“

Eis Virfare wousste genau, firwat d'Schaffen an der Natur guttdeet:

„Was bringen uns die Kleingärten?

Sie bringen

- den Städtern: Grüne Inseln ins graue Häusermeer;
  - den Kindern: Liebe zur Natur und Gesundheit;
  - den Kleingärtnern: Erholung im Freien nach der Tagesarbeit in Fabrik und Büro;
  - dem ganzen Volke: Vermehrung der Nahrungsmittel.“
- (*Le Coin de Terre et le Foyer*, Juni 1928)

Mir Lëtzebuerger huelen eis scho laang méi ewéi d'Äerd eis ka ginn. Enn Februar war den *Earth Overshoot Day*: Du hate mer all d'Ressourcen, di eis zoustinn, opgebraucht. Mir sinn domat weltwäit op Platz 1 vun de Verbëtzer vun den natierleche Ressourcen. Mir verbrauche bal dräimol méi wi Holland oder Däitschland a souguer d'Schwäiz! (<https://worldpopulationreview.com/country-rankings/ecological-footprint-by-country>). Dat ass schonns irresponsabel.



Mee et ginn entretemps eng Partie Initiativen zu Lëtzebuerg, déi weisen, datt d'Leit iwwer hir Konsumverhalen nodenken. Wéi kënne mer zu engem Wandel bäidroen a méi nohalteg op eisem Planéit liewen? De Lëtzebuerger Film „1 Eng Äerd“ lëscht Lëtzebuerger Beispiller op: <https://www.engäerd.lu/>

D'Lëtzebuerger sinn och zu engem groussen Deel bereet, bio anzekafen. Ma vill vun deene Produkter wuessen net op Lëtzebuerger Buedem, mee ginn importéiert. Et wär sécher besser, Uebst a Geméis géifen erëm méi bei eis ugebaut ginn.



D'Regierung wëll, datt 20 Prozent vun de landwirtschaftlech genutzte Flächen bis 2025 bio ugebaut ginn. (<https://agriculture.public.lu/de.html>). Nieft bio oder lokal Akafen ass et och méiglech, selwer unzeplanzen, sief dat um Balkon, am Héichbeet oder am traditionelle Gaart.



Mat eegenem Ubau kënne mer eis selwer mat Geméis versuergen – esouguer am Wanter (de Facebook-Site *wandel.bar* weist dat op eng ganz realistesch Manéier)

„Pflanzt Gemüse für den Herbst- und Winterbedarf.

Um für Herbst und Winter hinreichende Vorräte an Gemüse ernten zu können, sollen wir im Juni und Juli darauf bedacht sein, freigewordenen Beete neu zu bepflanzen. Winterkrauskohl ... liefert ein wohlgeschmeckendes Gemüse, das besonders geschätzt wird gegen Ende des Winters oder zu Anfang des Frühlings, d.h. zu einer Zeit des Jahres, wo die Gemüsevorräte meist erschöpft sind.“ (*Le Coin de Terre et le Foyer*, Juni 1929).



De gréngé Kabes (op Däitsch *Grünkohl*, op Franséisch *chou vert frisé* oder *chou kale*, op Englesch *kale*) ass haut erëm am Trend, well en esou gesond ass an och richteg gutt schmaacht. E kann nach bis den August ugeplantz ginn, nodeems een d'Gromperen an d'lerbessen erausgeholl huet. En plus ass e wanterhaart a kann am Fräie stoe bleiwen.

Hei nach en Tipp vu *Gaart an Heem* fir e biologeschen Dünger a Planzeschutz: de Brennnesselsspiff.



„Je Liter Wasser braucht man 3-5 Brennnesseln (in einem Holz- oder Kunststoff-Fass) angesetzt. Sie ist fertig, wenn sie eine dunkle Färbung angenommen hat. Wer die unangenehmen Gerüche vermeiden will, der streue etwas Steinmehl über die Oberfläche oder Baldrian Blütenextrakt. [...] Die Jauche kann nach 4 Tagen verwendet werden, muss aber dann 1 zu 50 verdünnt werden. Sonst eignet sich ein Mischungsverhältnis von 1:10. Regenwürmer lieben Böden, die mit Brennnesseljauche gedüngt sind. Unverdünnt kann man die Jauche einsetzen um die Blattläuse und deren schlüpfende Brut zu vernichten (während 3 Tagen).“ (*Gaart an Heem*, April 1991, Juni 2012)

Et ass méiglech, nohalteg, ouni Pestiziden, mat mechanesche Methoden an an Zesummenarbecht mat der Natur, an eise Gäert ze schaffen.

„Schluss mit der Aufräumeritis!“ Gäert musse lieweg sinn, an e rouegen Eck hunn, wou Holz- a Bliederreschter de Kleng-Organismen oder Notzdéieren wi Igel, Mouk oder Molch eng Plaz ginn. Si all hellefen, d'Parasitten am Gaart op eng natierlech Manéier ze reguléieren.

De Maulef ass en nätzlecht Déier; hie frësst énner anerem d'Larve vum Kiewerlek (Engerling), a seng Kéip gi wonnerbare Buedem fir Planzen unzeiichten.

D'Wullmais hu mer net gär am Gaart, well se sech vun dem Geplanztem ernieren, mee och do brauch ee kee Gëft anzesetzen. Di Déiercher hunn eng ganz sensibel Nues a kënne mat Mëllech oder Fësch (an hir Lächer geschott) verjot ginn.

„Wer Gärten grün macht, schützt nicht nur aktiv unsere Natur und Umwelt, sondern auch seine eigene Gesundheit.“ (Carole Dieschbourg, Virwuert, *Fir e liewege Gaart*, Administration de la nature et des forêts, 2015)

*Text a Fotoen: Isabelle Oberlé*





## PORTRAIT CHRISTIAN BERENS

Am leschte Fuuss gouf de Christian Berens vu Waldbëlleg, genannt Chrëscht oder *de Laangen*, als beschte Cyclist vum beléiften *Tour du Duerf* virgestallt.

Ursprénglech kënnt de Chrëscht aus dem Minett. Seng Elteren haten ze Rodange d'Metzlerei Henri Berens. Schon deemools ass de Bouf ferm gerannt an zwar ass hie jeeweils „fortgelaf, wann di Gusse beim Schluechte kreesch gedoen hunn“.

De Christian ass den 9. Juni 1963 ze Péiteng als Enzelkand op d'Welt komm. Dem Christian säin 1. Auto wor e Ferrari Tretmobil. Seng Primärschoul huet hien ze Nidderkuer gemaach. Dräi Joer ze Arel am Internat (ISMA) bei de Pateren hunn him näischt geschuet. No engem Joer an der Léierbud gouf hien orientéiert a Richtung Handwierskerschoul an huet parallel ze Déifferdeng eng Léier als Autosmecanicien ofgeschloss. Vu 16 Joer un huet de Chrëscht Handball gespillt, hannereneen am HBN Nidderkuer, am CHEV Dikrech an am Red Boys Déifferdeng.

1991 huet hien sech mat der Jeannette Juvan bestuet. Hir Famillje koum aus Slowenien, an hir Eltere wunne sät 50 Joer ze Diddeleng; de Papp huet an enger Baufirma geschafft. 1998 huet seng Fra eng bezuelbar a passend Bauplatz hei fonnt. Säit 2000 wunnt de Christian Berens mat senger Famill ze Waldbëlleg an der Rue de Christnach. Hei am „Hotel Mamma“ wunnen och haut nach den Dylan (24), dee beim Losch ze Jonglénster schafft an de Gary (20), deen an der Arméi ass. „Den Aascht fält net wäit vum Stamm“, grinst hire Papp, frësch vum Barber gestyłt.

Och den zwee Muppe Spike an Hugo gefält dat villt Gréngs hei ronderém. „Meng kléng Artisten hunn ech iwver alles gär. Säit 2016 hunn ech di zwou franséisch Bulldoggen an



et ass dat bescht wat ech mer di lescht Joren zougeluecht hunn.“ Vill Leit wénken, wann se laanschtginn oder -fueren, da wénkt hien zréck, oft ouni ze wëssen, ween et wor.

Dee lëschtegen, hëllefsbereeten Naturfrënd betount stralend, wi gär hien ze Waldbëlleg lieft. „Hei ass d'Welt an der Rei.,“ seet *de Laangen*.

Vun 1983 bis 1988 wor de Christian Beruffszaldot an der Arméi, vun 1988 bis 1998 um Ministère des Affaires étrangères, vun 1999 bis Oktober 2020 am Ministère de l'Aménagement du Territoire. Als Premier huissier de salle wor seng Aarbecht ganz ofwiesselungsräch: Courrier, Signatairen virbereeden, Accueil virun Entretienen, Chauffer vun diverse Ministeren, Accueil vun auslännesche Politiker, Reuniounen, Receptiounen a Catering organiséieren, Entretienen koordinéiere vun den Déngschtween, Bürosmaterial ... Hien huet beim Staat „vill Leit kommen a goe gesinn. De Christian hat vill flott Kontakter a senger Carrière mat héije Politiker an huet och do gär gelaacht, an „elo sinn ech richteg vrou, datt ech an der Pensioun sinn“.

A sengem Büro am Keller huet hien eng Fondgrouf voll Fotoen, Modellautoen, Vëloen, Coupen, Aueren, e Schachbriet, Medailen, an „al Musek wéi z. B. d'Stones, Led Zeppelin, Deep Purple, Frank Zappa an Toto“. Um Späicher spillt hie Batterie a Perkussioun.

Aus der Arméi huet hien nach di pedantesch Uerdnung wann et drëm geet Saachen ze versuergen: Mat enger aler Kleederbiischt botzt hien ganz minutéis d'Autosteppecher a mat enger muusseger Fatz heemelt e Bremsstébs vun de blénkege Felgen erof. Besonnesch markéiert ass de Christian gi vu sengem Idol am Autossport Ayrton Senna a vum Vélosfuerer Jens Voigt.



Mat sengem Mustang Mach 1 vun 1969 ass hien op Oldtimer-Treffen ausstelle gaang, huet mat Frénn Autoe getunt, an ass geleegentlech Slalom, Autocross a Biergcourse gefuer. Eemol op enger Cup-Goodyear Circuit-Course as de Chrëscht di lescht Tier erstaunlech lues gefuer. An der Opreegung hat hie vergiess ze tanken! „Autosport ass vill Spaass awer et ass och richteg deier.“ Säin Dramauto wier en 911 Porsche.

*De Laangen* huet och American Football gespillt an de Veräin *Luxembourg Lions* mat opgebaut. Mat Stick a Messeren huet hien di philippinesch Kampfsportart *Lapunti Arnis Abanico* praktizeiert.

De Vélo ass extreem wichteg fir hien. En Ausglach. Mam Stroossevélo huet de Christian 1990 ugefaang. Seng fréier Aarbechtskollegin Yvette Dahm vun Hieber huet dofir gesuergt, datt hien op de Goût koum „an no zwou Wochen hunn ech just nach vum Vélo geschwat“. 2 Joer dono koum de Mountainbike dobäi. Mee deen 1. gedde Coursevélo wor e Gary Klein<sup>1</sup> dee leider gebrach ass. Ah sou? „Jo, altersbedéngt. Do hat ech eng Tréin am Knäplach, e Vélo ass keen Objet, mee e gedde Kolleeg!“ De Christian fiert haut nach am Vélosclub CCI Déifferdeng.

Fir de Vélossport läit eist Duerf optimal, d'Stroosse sinn relativ wéineg befuer, et gi Vélopisten, et ass net ze vill zougebaut a wann ee Landstroosse vermeide wéll, ass dat och méiglech. Dräi Joér laang wor de Chrëscht den 2. oder 3. beim Tour du Duerf an „eemol wollt ech gewannen“. Bei senge 1.434 Kilometer vun 2020 hunn der direkt 500 zum *Dizzy Challenge* gehéiert, wou e ganze Weekend eng Course mat enger festgesatener Zäit nonstop am schéine Lëtzebuerg gefuer gouf.

De Christian ass och e Fan vu Superhelden, Marvelcomics. De Roadrunner an de Coyote kuckt hien émmer nach „stonnelaang an da sinn ech rëm e Bouf!“

De Chrëscht hélleft senger Fra dacks bei der Gaarden-aarbecht: „Duerch meng Fra hunn ech eng gréng Oder kritt.“ An deem Kontext wünscht sech de Chrëscht vun de FUUSS-Lieser bessi stengfraïe Buedem, fir seng Beeter opzefällen. Ween huet es zevill a gëtt e gär lass? Kontaktadress: [oggi.berens@gmail.com](mailto:oggi.berens@gmail.com). De Chrëscht seet villmools Merci am Viraus.

Damaris Pletschette  
Foto Tour du Duerf: Filipe Soares

<sup>1</sup> De Gary Klein hat an den 1980er-Joren an den USA eng legendär Vélosfirma gegrënnt, déi mat technescher Innovationen a speziellem Design bekannt gouf a Kultstatus krut. 1996 ass se un Trek verkäfft ginn, mee Vélo mam Numm Klein gouf et bis 2009.





## INTERVIEW MAT DER LAURE SMIT Hobbykënschtlerin zu Chrëschtnech

### Säit wéini wunns du an eiser Gemeng?

Mir sinn den 19. Februar 1993 heihi geplënnert.

### Wat gefält der hei?

Et ass sou eng schéi Géigend an 't kennt een nach d'Leit hei.

### Wat sinn deng Hobbyen?

Ech maache Floristik, ech bitzen – ech hu fir Schneider geléiert – strécken, an heekelen. Bitze man ech säit ech kleng war; meng Mamm a meng Boma hate Bitzmaschinnen. Mee haapsächlech awer maachen ech Keramik, well ech do alles verbanne kann: kreativ sinn, eppes opbauen aus Näischt, molen ... Ech man dat schonns iwver 20 Joer laang.

### Wéi vill Zäit verbréngs du mat der Keramik?


Ech maache Keramik op d'mannst 4 Stonnen den Dag, an heiåndo souguer 16 Stonnen hannertenee wann et grad muss sinn, mat engem Hörbuch. Ech hu kee festen Dagesoflaf: ech schaffe wann ech Loscht hunn; heiåndo scho moies mat der Kaffistaass an heiåndo bis spéit an d'Nuecht.

### Wat brauchs du fir d'Keramik? Wat hues du der missen uschafen?

En Atelier, lewe fir meng Keramik: 2 Elektroiewen an e Gasuewen (fir de Raku Brand) fir di verschidden Aart a Weise wéi ech brennen, Glasuren, Faarwen, Formen ...

### Schaffs du och op Bestellung?

Jo, ech hunn awer kee Site; et muss ee mer uruffen. Soss schaffen ech fir Ausstellungen an Hobbymäert: d'Eemaischen, de Konschhandwiersmaart zu



Buerglënster; de Mëllerdaller Chrëschtmaart. ... Ech maachen och bei den Hobbykënschtler Lëtzebuerg mat.

#### **Wat war fir dech d'lescht Joer anescht?**

Et waren absolut keng Mäert; di flott Atmosphär wou een sech mat aneren Hobbykënschtler austauscht war net do. Mee dofir hunn ech no menger Gesondheet gekuckt.

#### **Wéi inspiréiers du dech?**

Ech ginn e bësse mat der Saison; Ouschte man ech Huesen, Hénger, Péckvillercher, am Hierscht Igelen, Kéi ... asw. Ech experimentéiere gär a vill, just mat enger Bull Leem. Heiansdo schaffen ech och mat e puer Fréindinnen zesummen – op Distanz am Moment. Dëst Joer hunn ech d'Obvara Technik ausprobéiert; do gëtt de Géigestand waarm aus dem Uewen an eng Hief-, Mëllech a Miel-Tinktur gezappet an dono an d'Waasser. Dës Technik ass scho ganz al a kënnt aus de baltesche

Länner. Ech maachen haapsächlech Deko; keng Gebrauchsgéigestänn, well ech d'Zäit net dofir hunn. An am Léifste man ech am Moment meng Dammen!

#### **Wat bass de grad am Gaang ze maachen?**

Eng grouss Vas – se gesäit aus wéi en afrikaneschen Termitebau; si huet Dellen, ënnen huet se d'Form vun engem Ee an uewe gëtt se mi schmuel.

#### **Wann sinn deng Pläng?**

Meng Porte Ouverte, déi ech hoffe kënnen ze maache soubal d'Konditiounen et erlaben. Ech géif gär weisen, wéi d'Raku Technik geet. A weider experimentéieren.

Isabelle Oberlé



## B&B WHITE PEARL!

White Pearl ass en ekologesche B&B ze Chrëschtnech op 29, rue Lëtsch. De Proprietär Franklin Doos wollt en Numm, deen all Natioune gutt kënnen ausschwätzen a verhalen. Dem Franklin Doos säi Brudder Patrick verlount ze Beefort e klengt Vakanzenhaus, dat *Black Pearl* heescht. Dofir huet sech *White Pearl* quasi erginn.

De Franklin gouf den 29. Dezember 1966 zu Ettelbréck gebuer. Hien ass en hallwen Hollänner an eng grouss Hallschent Lëtzebuerger. Seng hollännesch Mamm huet elo 81 Joer a wunnt nach èmmer zu Dikrech. Säi Papp wor e lëtzebuergesche Militär.

D'Urgrousselttere Jean-Pierre Doos a Marie-Anne Kieffer haten an der Stad de *Café de la Moselle*. Deemools sinn d'Stater Clienten dohinner komm, fir ze petitdejeunéieren, mee surtout fir *Le Petit Journal* vum Facteur ze liesen mat fantastesche Molereien zu den Noochriichten. E puer Exemplaire gesäßt een haut als Souvenir am B&B.

Och d'Reesbengelen an der Entrée sinn Familljen-lerfstécker; si lueden d'Gäsch vum B&B an, di memorabel Weeër am Mëllerdall zu bewanderen.

De Franklin hat en BTS gemach, *comptabilité gestion d'entreprises*, an op der Bank geschafft. Wéi 2008 d'Finanzkris koum, huet hie sech seriö gefrot, wat hie laangfristeg erliewe wéilt. Seng Iddi wor deemools, mat 55 Joer opzehalen mat Schaffen a säi Liewen mat *Chambres d'hôtes* ze verdéngen. Et koum anesch. Éischter! Well d'Bank wollt Leit lassginn an esou gouf de *very busy conseiller en placement* Franklin direkt Consultant bei engem private Verméijensverwalter am *Homeoffice*.

Laang Zäit wor hie Jonggesell, a grad lo, wou hien de Pipo a mech spontan a jovial fir de Kaffi agelueden hat, gouf hien den 2. Oktober 2020 bestuet! Hien ass zanter 21 Joer an enger zolitter Fernbezéitung mam Patricia, enger léiwer hollännescher Fra.





Wou de B&B elo steet, wor fréier eng al Hal, wou Minettsdäpp oft op de Camping koumen. D'Haus mam B&B White Pearl gouf vun 2012 bis 2014 am schéine *Village fleuri Christnach* gebaut. Den Architekt an den Entrepreneur hunn eng immens Aarbecht geleescht, fir dat Passivhaus esou dohin ze zauberen. De Patrick huet sengem dankbare Bridderchen extreem vill a gutt gehollef. Hien huet de B&B esou vun 2015 bis 2019 gefouert an de Franklin huet gehollef. Ganz genee säit dem 1. Januar 2020 jummt de Franklin de B&B *White Pearl* eleng.

Et ass also en émweltfréndlech Passivhaus. 48 Foto-voltaikpanneauen huele Sonnenenergie op a liwweren, verséchert de Franklin, der Enovos esouvill Stroum, wi am Haus verbraucht gëtt. Véier aner Sonnepanneauen hëtzen d'Waasser. Eng ekologesch Reewaasserzitern versuergt de Pool an de Gaart. Dat gemitterlech Haus ass tipptopp isoléiert. Summer wi Wanter ass et esou agreabel dobannen, datt d'Gäscht verwonnert nofroen ... „Mee neen, hei ass keng Klimaanlag!“

Wéi am Confinement d'Restauranten zou worn, huet de Beséutzer alt owes emol fir deen een oder anere matgegrillt, a schonn hat hien erém en neien Austausch. Dat typescht Un-engem-Dësch-Sëtzen am B&B wor jo leider liicht ze kuerz komm an dëser Touristesaison. Mee wa midd Leit mam Rucksak den M-Trail (Mëllerdalltrail) tréppelen, an de Franklin weess dat am Viraus, da kacht hien trotz *Bed & just Breakfast* och emol eng gutt Spaghetti. Lockdown oder net. Wéi di vill däitsch Touristen ofgesot hunn, huet de Lëtzebuerger 50-Euro-Hotel-Voucher de Franklin gerett!

Hie sicht e vertrauenswierdegen, selbstännege Student oder eng Studentin, déi hien emol de Weekend ersetze

géif. Mir versti jo all, datt dee frësch bestuete Mann reegelméisseg an Holland bei seng Famill verdufte wéllt.

Melle kann ee sech einfach iwwer Facebook op *b&bwhitepearl*

Luusse ka jidderee gär op der flotter Internetsäit [www.white-pearl.lu](http://www.white-pearl.lu). Virun esou, *White Pearl*, eng häerzlech Pärel an engem schmucken Duerf!

Damaris Pletschette






Foto: Myrna Koster

# KLIMAPAKT // PACTE CLIMA

## GENERALVERSAMMLUNG VUM ORT REGIOUN MËLLERDALL



En Donneschdeg, de 25. Mäerz war d'Assemblée générale vum Tourissemverband vun der Regioun Mëllerdall – Kleng Lëtzebuerger Schwäiz. D'Gemeng Waldbëlleg war mat hirem Delegéierten, dem Conseiller Maxime Bender, vertrueden.

De President Christophe Origer huet d'Comitésmemberen an d'Memberen am grousse Sall vum Trifolion begréisst. D'Gestionnairin Linda Salentin huet d'Activitéiten an d'Finanze vum Joer 2020 presentéiert, an och d'Projete fir 2021.

Den lechternacher Buergermeeschter, Yves Wengler huet eng gutt Saison 2021 gewünscht a versprach, den Éierewäi géif nogeholl, soubal d'Conditiounen et erlaben.

*ORT Regioun Mëllerdall – Kleng Lëtzebuerger Schwäiz*



## KLIMAPAKT

De Klimapakt 1.0. ass jo mam Joer 2020 eriwwer an huet positiv Resultater bruecht. De Gesetzesprojet Klimapakt 2.0 ass um Instanzewee.

Dofir gëtt et momentan kee Klimaberoder.

Déi nächst Etappe si vum Ëmweltministère definéiert a kënnen op deem heite Site gekuckt ginn: [www.pacteclimat.lu](http://www.pacteclimat.lu)

Do ass och de Bilan vun der éischter Phas vum Klimapakt explizéiert. Do gesäit een, datt èmmerhin 93% vun de Gemengen, dorënner och Waldbëlleg, wéinstens dräi Véierel vun den Ziler vum Klimapakt erreecht hunn.



## DE CIGR MËLLERDALL

De Centre d'intiative et de gestion régional (CIGR) Mëllerdall ass eng A.s.b.l., déi aus dem Réseau Objectif plein emploi (OPE) ervirgoung. Si gouf 2011 vun de Gemenge Bäertref, Beefort an Noumer gegrënnt. E Joer méi spéi koumen d'Gemenge Fiels, Iechternach, Konsdref, Mompech a Rouspert (haut Rouspert-Mompech), Waldbëlleg, an 2014 och Hiefenech derbäi.

De CIGR Mëllerdall huet als Haaptobjektiv d'Creatioun vun Aarbechtsplaze fir Salariéen, déi keng Aarbecht méi hunn; si solle gehollef kréien, erëm eng regulär Aarbecht ze fannen.

De CIGR wëllt och dozou bädroen d'Liewensqualitéit an de Gemengen, déi Member sinn, ze verbesseren an de Patrimoine ze schützen.

Dofir ginn eng Partie Aktivitéiten duerchgefouert:

- Gréngflächen ginn a verschiddene Gemengen an der Rei gehal (Bäertref, Beefort, Fiels, Konsdref).
- Méi kleng Infrastrukturen ewéi Spillplaze gi realiséiert.
- De Service de proximité, Heinzelmännercher genannt, ass eng Offer fir Bierger aus de Membergemengen, déi eeler sinn an/oder Hëllef brauchen. Si kréien zu engem gënschtege Tarif bei verschiddeinen Aarbechten am Haus an am Gaart gehollef. Dir gesitt den Detail op den Affichen, déi Dir reegelméisseg an och dës Kéier am FUUSS fannt.

- RentaBike: hei können d'Touristen, awer och d'Awunner, Vëloe lounen, och där elektrescher, déi hei an eiser Géigend nawell kamoud sinn. Grad am Mëllerdall ass et fir den Tourissem wichteg, datt esou e Service existéiert, dee vill vu Famillje genotzt gëtt.
- Am Wanter gi kleng Miwwelstécker, Dekoratiounen aus Holz a Spéin, fir Feier unzefänken, poduzéiert a verkaaft.

Op der Assemblée générale vum CIGR Mëllerdall den 31. Mäerz 2021 sinn de Rapport iwver d'Aktivitéiten an den Audit iwver d'Finanze virgestallt an ugeholl ginn.

Esou gesäit een, datt d'Locatioun vu Vëloen vu knapps 800 am Joer 2012 eropgaangen ass op iwver 4.000 am Joer 2019. Och 2020 sinn trotz Corona bal 4.000 Vëloe verlount ginn.

D'Heinzelmännercher haten déi zwee lescht Joer allkéiers iwver 1.000 Interventiounen, mat am Total engen 11.000 Aarbechtsstonne pro Joer.

2020 hunn eng 20 Leit fest am CIGR Mëllerdall geschafft an et gouf insgesamt iwver 80 Demandeurs d'emploi, déi als *Bénéficiaires* do geschafft hunn. Leider war den Aarbechtsmaart schwierig, an et konnte just zéng fest Aarbechtsplaze vermëttelt ginn, manne ewéi déi Jore virdrun. Insgesamt hunn d'*Bénéficiaires* bal 3.000 Stonnen u Formatione suivéiert, déi hir Chancen op eng Reinsertioun op den Aarbechtsmaart verbesserten.



De finanzielle Bilan ass och gutt. Natierlech ginn d'Personalfraisen an d'Käschte vun der Betreiung vun den Demandeurs d'emploi grésstendeels iwwer Subventioune gedroen, déi zu dräi Véierel vum Staat an de Rescht vun de Membergemengen kommen. Nawell mussen déi lafend Fraisen vum CIGR finanzéiert ginn, wat mam Verkaf vu Produkter an Déngschtleeschtinge geschitt. Fir d'zweet Joer hannernee konnt de CIGR en zolitte Bénéfice réaliséieren vun ongefíer enger hallwer Millioun Euro. Déi Sue si virgesi fir de Projet vun engem Haus zu Beefort mat allen Aktivitéité vum CIGR.

Informationounen iwwer de CIGR an déi ugeotuede Servicer stinn op <http://mellerdall.cig.lu>



## D'HEINZELMÄNNERCHER

Are Service de Proximité

*offre spéciale printemps | Frühjahrs-sonderangebot*

Associatioun fir d'Erém-Aféierung vun Demandeurs d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.

Dengschtleeschter vu klengen Arbechte fir eeler Leit oder Héllesbedierfteger.

**DEMANDEZ-NOUS: FRAGEN SIE UNS:**

<b>Travaux de jardinage:</b> Préparation de la terre, plantation du potager, entretien de la pelouse, débroussaillage, taille des haies, etc.	<b>Gartenarbeiten:</b> Vorbereiten des Bodens, Anpflanzen von Gemüse, Rasenpflege, Unkrautjäten, Heckenschneiden etc.
<b>Nettoyage de printemps:</b> Entretien intérieur et extérieur de votre maison, réparations, nettoyage haute pression, peinture, etc.	<b>Frühjahrsputz:</b> Instandhaltung Ihres Hauses von innen und außen, Hochdruckreinigung, Reparaturen, Malerarbeiten, etc.



**TARIF TTC I incl. MwSt:** 14€/h /salarié/ St. / Mitarbeiter  
4€/h / machine / St. / Maschine

# TÉL.: 28 80 80

8, an der Laach | L-6550 Berdorf  
mellerdall@cig.lu | **mellerdall.cig.lu**



## STECKBRÉIF VUN DER SPILLPLAZ AN DEM FUTTBALLSTERRAIN AN DER ÉISCHTER SONNEGER WOCH AM FEBRUAR DËST JOER.

D'Spillplaz wéi och de klenge Futballsterrain sinn eng gutt besichte Plaz, wann et dorëms geet, sech ze begéinen an Zäit mateneen ze verbréngen. Sief dat, andeems Futball gespillet, sech am Kiosk getraff oder sech einfach op der Spillplaz ausgetoobt gëtt. Dobäi gëtt dann och déi eng oder aner Fläsch Waasser, Jus oder eng Tut Chips an esou weider ... eidel gemaach. Dorun ass och näischt auszesetzen, am Géigendeel, well bei kierperlecher Aktivitéit soll een och reegelméisseg eppes drénken oder iessen, fir sech ze stäerken. Ech denken, dat ass och de But, firwat een eng voll Fläsch Waasser, Jus oder aner Gedréngs mat dohinner hëlt.

Wat ech awer net verstinn, ass, datt een, wann d'Fläsch eidel ass, obschonn se da jo vill méi liicht ass, se net an Poubellë kann entsuergen goen, déi dofir op der Plaz a beim groussen Terrain virgesi sinn, oder, nach besser, se

mat heem huelen, fir se dann do ze entsuergen. Firwat dat net émmer geschitt, kann ech nämmen esou verstoen, datt een eng eidel Fläsch, well se jo esou liicht ass, ka besser ganz wäit vun sech ewech geheien no dem Motto „Aus den Augen, aus dem Sinn“, mat dem Resultat, dat Dir hei op de Biller kënnt gesinn.

Elo kënnt Dir behaapten, dat wier awer net vill!

Jo, op deen éischte Bléck mag dat och sinn, mee wann do elo keen dat entsuergt a mir dovunner ausginn, an och hoffen, datt nach vill där schéiner sonneger Deeg virun eis stinn, kënnt Dir lech jo ausmolen, wéi dës Spillplaz ausgesäit, sollt keen deen Dreck oprafen.

### Net drun ze denken!

Dofir den Appel un all déi, déi dës Spillplaz opsichen: Hannerloosst se esou, wéi wann et Ären eegene Gaart wär. Do wäert Dir och net „enchantéiert“, wann Dir deen esou géingt erëmfannen no engem sonnegen Dag.

Et ass net u mir, mam Fanger op een ze weisen, mee ech hoffen, datt déi, déi sech ugesprach fillen, sech dës Biller zu Häerzen huelen. Well et ass net um Eenzelnen, neen, et si mir all, déi dozou bäidroe kënnen, eis Gemeng propper ze halen.

**Haalt eis Gemeng propper wg!  
Gardez notre Commune propre s.v.p!**

*Ee besuergte Bierger aus der Gemeng  
Willy Smit*



## GROUSS BOTZ AN DER GEMENG WALDBËLLEG

Wéinst den aktuellen Ëmstänn huet eis grouss Botz, genau esou, wéi vill aner Evenementer an engem aneren Ausmooss misse stattfannen.

De Schäfferot huet via d'Facebooksäit vun der Gemeng en Opruff lancéiert fir an der Woch vum 5. bis den 11. Abrëll d'Gemeng zesumme propper ze halen.

Ënner Anhale vun de sanitäre Mossnamen, déi nach ëmmer aktuell sinn, waren interesséiert Leit gebieden sech selwer a klenge Gruppen ze organiséieren.

Déi voll Tute si vun eisem techneschen Déngscht ewechgeholl ginn.

D'Gemeng seet all deenen, déi, och an Zäite vu Covid, un dëser Aktioun deelgeholl hunn op dëser Plaz en häerzleche Merci.

## GRAND NETTOYAGE DANS LA COMMUNE DE WALDBILLIG

Dû à la situation actuelle notre grand nettoyage, ainsi que de multiples autres évènements, a dû avoir lieu dans une autre ampleur que d'habitude.

Le collège échevinal s'est permis de lancer un appel via la page Facebook de la commune pour participer à l'action « Grouss Botz 2021 » pendant la semaine du 5 au 11 avril.

Tout en respectant les mesures sanitaires actuellement en vigueur, les personnes intéressées ont été priées de s'organiser soi-même dans la mesure du possible en petits groupes.

Les sacs pleins ont été enlevés par notre service technique.

La commune tient à remercier chaleureusement par cette occasion toutes les personnes qui ont prêté main forte même en période de Covid.

*Text: Kim Ruppert  
Fotoen: Famill Mantrisi-Kipgen*





## ENERGIEPARK MËLLERDALL

E Mëttwoch 20. Januar 2021 ass déi éischt Photovoltaikanlag zu Zëttag an e Freideg 22. Januar déi zweet zu Bäertref un d'Netz vun der Creos gaangen. Op der Homepage [www.energiepark-mellerdall.lu](http://www.energiepark-mellerdall.lu) kann een d'Stroumproduktioun vun den zwou Anlagen online ukucken. 2021 sollen dann nach Anlagen installéiert ginn, hei bei eis zu Waldbëlleg um Daach vum Gebai vum Service technique, an der Fiels um Pompjeesgebaai an op engem Gebai an der Gemeng Rouspert-Mompech. D'Anlag zu Waldbëlleg ass geplant, mee et ass nach net

gewosst, wéini se kann installéiert ginn. Et hänkt dervun of, ob mussen nei Kabele geluecht ginn, wat amgaangen ass, gekuckt ze ginn.

Mëttlerweil hunn ewell méi wéi 120 Persounen Suen an d'Kooperativ investéiert. Duerch deen Erfolleg ass déi fënneft Anlag an den Optrag gaangen. Dës Anlag gëtt um Daach vun enger Hal vun der Gemeng Iechternach am Alferweier installéiert.

*Energiepark Mellerdall*





## D'NATURPARKEN ZU LËTZEBURG – (EN) INSEKTERÄICH

### Gemeinsam gegen den Insektenschwund: Sensibilisieren, beraten und umsetzen

Viele wissenschaftliche Studien über den weltweit dramatischen Rückgang der Artenvielfalt erhielten in den letzten Jahren hohe Aufmerksamkeit in den Medien. Besonders betroffen vom Artenschwund sind die Insekten.

Um diesem Rückgang entgegenzuwirken, starteten der Natur- & Geopark Mëllerdall zusammen mit den Naturparken Our und Öewersauer ein 4-jähriges Projekt zum Insektenschutz. Das Projekt wird zu 100 % durch den Umweltfonds des Umweltministeriums finanziert.

Erfolge im Insektenschutz können nur durch ein umfassendes Projekt, das möglichst in der Breite wirkt, erzielt werden. Deswegen werden verschiedene Akteure (öffentliche Träger, Privathaushalte, Landwirte und Betriebe) in der Region miteinbezogen, um zusammen mit ihnen gezielte Maßnahmen umzusetzen.

Wissenschaftliche Studien belegen, dass punktuelle Maßnahmen in Naturschutzzonen zu kurz greifen. Daher ist es wichtig, die Biodiversität auch auf Flächen außerhalb der Schutzgebiete, wie z.B. öffentlichen Grünflächen, Gärten, Straßenrandstreifen oder Feldern zu fördern.



Des Weiteren ist ein großflächiges und langfristiges Fallennetz vorgesehen, um einerseits eine solide Datengrundlage zu haben, mit der gezielte Schutzstrategien entwickelt und Erfolge von Umsetzungen wissenschaftlich dokumentiert werden.

Vor kurzem haben wir die ersten Malaise-Fallen in einigen unserer Mitgliedsgemeinden aufgestellt. Die Falle fängt in 6 Monaten gerade mal so viel, als ein kleiner Vogel im Sommer frisst. Somit schaden die Fallen nicht der Biodiversität. Der Fallenbetrieb erlaubt es uns, die Kenntnisse über die Vielfalt der Insekten im Natur- & Geopark zu erweitern.

Bei Fragen oder für weitere Informationen können Sie sich gerne an [insekten@naturpark-mellerdall.lu](mailto:insekten@naturpark-mellerdall.lu) wenden.



## KURIOSES IM NATUR- & GEOPARK

Der Natur- & Geopark Mëllerdall hat mit finanzieller Unterstützung des Ministeriums für Energie und Raumentwicklung eine neue Videoserie auf Facebook und YouTube veröffentlicht. In dieser Serie präsentiert Conny Koob, die Kommunikationsbeauftragte der drei Luxemburger Naturparks, kurz und knackig interessante und wenig bekannte Fakten über die Region. Ziel ist es, einem möglichst breiten Publikum auf eine attraktive Art und Weise, Wissen über die spezifischen Merkmale des Gebiets des Natur- & Geopark Mëllerdall zur Verfügung zu stellen, und so möglichst viele Menschen dazu anzuregen, das geologische, natürliche und kulturelle Erbe der Region noch bewusster wahrzunehmen.

Alle Videos sind in luxemburgischer Sprache mit englischem Untertitel verfügbar. Dies einerseits, um sie einem breiteren Publikum zugänglich zu machen, andererseits, um auch im internationalen Kontext die besonderen Merkmale der Region auf anschauliche Weise zu präsentieren. Da der Natur- & Geopark Mëllerdall eine Mitgliedschaft im internationalen Netzwerk der Unesco Global Geoparks an-

strebt, war es den Verantwortlichen besonders wichtig alle Informationen auch in englischer Sprache anzubieten.

Unesco Global Geoparks sind Regionen mit Stätten und Landschaften von international anerkannter geologischer Bedeutung, deren Wert durch ein Gesamtkonzept erlebbar wird, das die Bereiche Bildung, Schutz und nachhaltige Entwicklung umfasst. Diese arbeiten für die Einwohner und Gemeinden ihrer Region, bringen den Menschen vor Ort den Wert ihres geologischen Erbes näher und schaffen so eine Identifikation mit der Region. Unesco Global Geoparks fördern Geotourismus und Regionalentwicklung und greifen die Herausforderungen der heutigen Gesellschaft wie Themen des globalen Wandels (Klimawandel, Naturgefahren) auf.

Tatsächlich hat der Natur- & Geopark Mëllerdall bereits sehr positives Feedback auf die Serie erhalten. So unter anderem vom Unesco Global Geopark Hateg aus Rumänien oder auch vom ebenfalls kandidierenden Unesco Global Geopark Canions do Sul aus Brasilien.

Insgesamt wurden bisher 5 Episoden veröffentlicht. Diese befassen sich mit den folgenden Themen: Moose und Farne, Gesteinssorten, Spuren auf dem Sandstein, Trinkwasser und der Ringmauer der Burg in Larochette. Ideen für weitere Episoden sind bereits vorhanden.



### Link zu den Videos:

[https://www.youtube.com/watch?v=H\\_6\\_WCJ1v40&list=PLBr-N9js3tGij8bjJC6fH9sfQPCgJbs0k](https://www.youtube.com/watch?v=H_6_WCJ1v40&list=PLBr-N9js3tGij8bjJC6fH9sfQPCgJbs0k)

### Natur- & Geopark Mëllerdall - [www.naturpark-mellerdall.lu](http://www.naturpark-mellerdall.lu)

11 Gemeinden und der Staat haben sich unter dem Namen Natur- & Geopark Mëllerdall zusammengeschlossen, um die Region nachhaltig zu entwickeln. Hinter dem Titel steckt noch mehr, als Projekte in den Bereichen Natur und Geologie. Auf unterschiedlichste Art und Weise werden hier vielfältige Projekte umgesetzt und Beratungsdienste angeboten.

Dies in folgenden Bereichen: Klimaschutz & erneuerbare Energien, Trinkwasserschutz, Wissensvermittlung, Schutz und Erhalt des kulturellen Erbes, Beratungsdienst für regionale Produzenten, Beratungsdienst für kleine und mittelständische Unternehmen, Geologie, Schutz von Natur und Landschaft.

Dabei richtet sich der Natur- & Geopark Mëllerdall (kurz: NGPM) insbesondere an die Einwohner der Region. Folgende 11 Gemeinden sind Teil des NGPM: Beaufort, Bech, Berdorf, Consdorf, Echternach, Fischbach, Heffingen, Larochette, Nommern, Rosport-Mompach und Waldbillig.



© illustration : Alan Johnston



ASPIRING UNESCO  
GLOBAL GEOPARK

## Géosite de l'année 2021

**Le « Champignon » à Nommern doit son nom à sa forme particulière.**

En effet, il a pris cette forme parce que le haut est constitué d'une couche de Grès de Luxembourg qui résiste mieux à l'érosion que sa base. D'autres blocs de Grès de Luxembourg se trouvent autour du géosite du « Champignon ». L'on peut y observer des traces de rainures d'aiguiseage d'il y a plus de 5 000 ans. Elles témoignent de l'aiguiseage de haches par l'homme au néolithique. La structure en grains du Grès s'y prête d'une façon idéale. Pour ces raisons, nous avons intégré ce site à la liste des géosites du Natur- & Geopark Mëllerdall.

Plus de géosites sur [www.geopark-mellerdall.lu](http://www.geopark-mellerdall.lu)

## Qu'est-ce qu'un Géoparc mondial UNESCO ?

Les géoparcs mondiaux UNESCO sont des régions avec des sites et des paysages de portée géologique internationale. Leur valeur est rendue tangible grâce à des concepts d'éducation, de protection et de développement durable. Ils travaillent pour les habitants et les communes de la région en sensibilisant le public à cet héritage géologique particulier.

## Geosite vum Joer 2021

**De „Champignon“ zu Noumer huet sain Numm senger spezieller Form ze verdanken.**

Dës huet hien doduerch kritt, datt sain ieweschten Deel vun enger Sandsteenschicht gebilt gëtt, déi der Erosioun besser standhält ewéi seng Basis. Ronderën de Geosite „Champignon“ si weider Sandsteebléck ze fannen, op deenen ee Schläifspuere vu virun iwwer 5000 Joer ka gesinn, déi weisen, wou d'Mënschen an der Jongsteenäit hir Aaxe geschlaff hunn. Déi käreg Struktur vum Sandstee war dofir nämlech ideal. Aus dëse Grënn hu mir dës Plaz an d'Lëschtn vun de Geositte vum Natur- & Geopark Mëllerdall opgeholl.

Weider Geositten op [www.geopark-mellerdall.lu](http://www.geopark-mellerdall.lu)

## Wat ass en UNESCO Global Geopark

UNESCO Global Geoparks si Regioune mat Plazen a Landschafte vun international unerkannter geologescher Bedeutung. Dëse Wäert gëtt beispillsweis duerch Bildung, Schutz an nohalteg Entwicklung erlieferbar gemaach. UNESCO Global Geoparks schaffe fir d'Awunner an d'Gemengen aus hirer Regioun, andeems si de Leit dat besonnescht geologescht lerwe méi no bréngen.

[www.geopark-mellerdall.lu](http://www.geopark-mellerdall.lu)

naturparkmellerdall naturpark.lu Naturparke Luxemburg



# WAT ASS LASS? // QUE FAIRE ?

## BICHER!

Am Confinement huet ee besser Zäit, sech mat Bicher ofzeginn. An esou lues a lues dierft ee mat senger privater Sammlung doheem op en Enn kommen, well jo déi ganz Geschicht nawell dauert. Mee et gi jo nach aner Quelle fir Lecture dohier.

Fir d'éischt erënnere mer hei un déi interessant Offeren an eiser Gemeng, de Bicherbus an d'Bichersail.

De Bicherbus fiert duerch d'ganzt Land a kënnt och reegelméisseg bei d'Michel-Rodange-Schoul zu Waldbëlleg. E steet dann um Arrêt vum Schoulbus. Déi nächst Datumer sinn déi heiten, émmer donneeschdes vun 10:50 bis 11:20 Auer: 24. Juni; 15. Juli; 9. September; 30. September. All d'Datumer fir 2021 stinn an der Broschür Informatioune fir de Bierger 2021, déi all Stot viru Kuerzem an d'Haus krut.

Virun der Gemeng steet d'Bichersail. Jiddwereen dierf sech zu all Zäit e Buch oder Bicher eraushuelen a mat heem huelen. Et kann een d'Bicher halen oder se hanneschtbréngen. Jiddwereen dierf och Bicher a guddem Zoustand a mat manéierlechem Inhalt drastellen, esou laang Plaz ass.

Et ass émmer derwäert, fir Bicher kafen ze goen. Eng Partie Librairë bidden déi Méiglechkeet, sech déi kaafte Bicher heemschécken ze loossen. Dat ass e Service ewéi bei de bekannten internationale Multien, mee awer vu lokale Commerçanten!


Informationounen doriwwer fénnt een zum Beispill op [www.letzshop.lu](http://www.letzshop.lu), wou sech mam Stéchwuert Librairie siwe Librairë fannen, déi matmaachen.

Et gi momentan interessant nei Publikatiounen iwwer Lëtzebuerg oder aus Lëtzebuerg, wou och de bekannteste Bëlleger, den Nanettsméchel a säi Reenert zu Éiere kommen.

*Marc Barthelemy*

*En décke Merci un de Verlag an  
un d'Auteuren, datt mir déi  
schéi Fiiss mat hire Bicher hei  
dierfen derbäi setzen:*

*Lorenz Pauli / Kathrin Schärer.  
Ein Passwort für die Pippilotheek  
© Atlantis Velag 2019*



## HERZMUT

### vun der Jenny Bofferding

Vill Awunner aus der Gemeng Waldbëlleg hunn interessant Fräizitätaktivitéiten, di mer gär hei am FUUSS bekannt maachen. An dësem Interview stelle mer lech d'Jenny Bofferding mat hirem rezente Gedichtband vir.

#### Wéi laang schreifs de schonns?

Ech schreiwe sät menger Kandheet gäre Geschichten. Mat 16 Joer hunn ech och eng gréisser Kanner-Jugendgeschicht geschriwwen (awer éischter fir mech selwer, well mir d'Schreiwen an d'Reesen an d'Welt vun der Fantasie sou Spaass mécht). Méi spéit, hunn ech och Geschichte geschriwwen fir meng Niessen oder Neveue wou si selwer Helden an der Geschicht waren oder ech hu Geschichten och oft a meng Aarbecht mat agebonnen. Schreiwe begleet mech eigentlech scho mäi ganzt Liewe laang. „Herzmut“ ass awer dat 1. Buch, dat ech verëffentlecht hunn.

#### Hues de och schonns an enger anerer Sprooch wéi Däitsch geschriwwen?

Jo - Kannergeschichten op Lëtzebuergesch.


#### Hues de wölles, weider ze schreiwen? Éischter Gedichter oder och Prosa?

Op alle Fall hunn ech wölles fir weider ze schreiwen. Ech erziele mengem Jong momentan ganz vill euge Geschichten a schreiwen déi och op. Ech hu wölles, iergendwann an den nächste Joren, e Buch mat Kannergeschichten eventuell och mat engem Märchen ze verëffentlechen.

#### Kënnt d'Schreiwe spontan oder sätz de dech all Dag eng gewëssen Zäit dohi fir ze schreiwen?

D'Schreiwe kennt bei mir ganz spontan, an némme ganz seele plangen ech ze schreiwen. Di beschten Texter kommen zustan, wann ech spontan ka schreiwen, wann ech nach an enger Emotioun dra sinn, déi fillen a liewen an déi mat Wieder kann ausdrécken.

#### D'Themen am Buch sinn „Zuversicht“, „Verbundenheit“, „Hoffnung“, „Mut“ a „Liebe“. Wouhier hëls de deng Inspiratioun? Aus dem Privaten oder aus dem Beruff?



Ech hunn mech inspiréiert vu béide Beräicher. Ech versete mech gär an d'Gefillswelt vun anere Persounen, a vill vun den Texter aus „Herzmut“ sinn entstanen nodeems mech e Gespréich, eng Situatioun oder eng Persoun beréiert huet. Verschidden Texter aus dem Buch sinn awer och entstanen, doduerch, datt ech mengen eegene Gefiller e Ventil wollt ginn.

#### Wéini bass de an d'Gemeng Waldbëlleg wunne komm?

Am Hierscht 2015 si mir heihi wunne komm.

#### Wat schätzt de un eiser Géigend?

Ech schätzen déi gutt Noperschaft, awer och d'Fréndlechkeet an d'Oppenheet vun de Leit hei am Allgemengen. Ech hu schonn eng jett léif Leit hei kennegeléiert, an dofir sinn ech immens dankbar. Ech schätzen awer och déi wonnerschéin Natur hei ronderëm. Ech fannen, hei ginn et immens vill a flott Weeër an der Gemeng an och ronderëm. Ech wollt eigentlech ni vun der Musel fort, a lo sinn ech ganz glécklech, hei ze wunnen. A wat ech och wierklech flott fannen ass, datt Chrëschtnach 2 Fussballterrainen huet. Dat wier e Paradäis an der Kandheet a Jugend fir mech gewiescht, well ech selwer jorelaang Fussball gespillt hunn.

Mat de Situatiounen, Gedanken a Gefiller am Jenny hire Gedichter kann de Lieser sech liicht identifizéieren, well se sou normal an alldiegliche sinn. Ganz oft geet et ëm nei Weeër goen, op sech an net op di aner ze lauscheren, fir méi zefritten an erfëllt ze liewen. Hei sinn e puer Extraiten:

*Wenn du dich einsam fühlst auf deinen Wegen  
Wenn dein Herz nicht mehr tanzt, sondern nur noch steht  
Und du merkst wie langsam dein Licht ausgeht  
Doch ehe deine Flamme ganz erlischt*

*Denke dran, du kannst auch anders leben  
Die Fronten wechseln und dich auf einen anderen Weg begeben*

(Aus: „Dein Weg“)

*Es ist endlich an der Zeit  
Um deinen Traum zu leben  
Und es wird in deinem Leben  
Keine bessere Zeit als jetzt dafür geben*

(Aus: „Genau jetzt“)

A „Lieblingsfarben“ geet et ëm de Courage, säi Liewe méi faarweg ze maachen, et nach eng Kéier émzekrampelen, anstatt ze kloen a sech a sengem selwergemaachene Prisong ze verschanzen:

*Was hält uns zurück unser eigenes Leben zu leben  
Warum warten wir täglich auf ein neues Erdbeben  
Warum nehmen wir nicht unsere Lieblingsfarben zur Hand  
Und knallen die buntesten Farben an die Wand*

*Sowie die Wand könnte unser Leben und wir selbst wieder strahlen  
Warum können wir nicht endlich unseren eigenen Weg einschlagen*

(Aus: „Lieblingsfarben“)

Sou wi den Titel vun der Jenny Bofferding hirem Gedichtsband et seet, wëllen hir Gedichter dem Lieser Mutt maachen, op d'Häerz ze lauschte fir frou ze sinn am Liewen – oder wi si hofft, deem engen oder aneren ,e klenge Liichtbléck an d'Gesiicht zauberen':

*Ich lebe nun endlich mein eigenes Leben  
Und es ist mir egal geworden, was die Leute reden*

(Aus: „Endlich ich selbst“)

Isabelle Oberlé

Foto: Jenny Bofferding

,Herzmut‘ vun der Jenny Bofferding gedréckt a veréffentlecht vum Verlag tradition GmbH, Halenrei 40-44, 22359 Hamburg ISBN 978-3-347-19508-0 (Hardcover) an ISBN 978-3-347-19509-7 (e-book)



## GROZEG, GRAUZIG, GRISANGE

De **Jemp Schuster** brauch ee kaum virzestellen. Zanter Jorzéngten ass hien eng fest Gréisst an der Létzebuerger Literaturzeen, mat Kabarä a kriteschen Theaterstécker fir Grouss a Kleng.

Elo huet hie sain éischte Roman geschriwwen: Bluttséffer. Et ass den éischte Band vun enger Familljesaga, enger Duerfchronik iwwert e Joerhonnert, d'Beschreiwung vum Liewen am rurale Létzebuerg am Zwanzegste Joerhonnert.

Et spiltt an engem klengen Duerf. Et ass e fiktiivt Dierfchen, neen, net *Butschebuerg*, mee *Grozeg* genannt. An ewéi all gutt Uertschaft hei am Land ginn et direkt dräi Nimm, och en däitschen, *Grauzig*, an e franséischen, *Grisange*.

Et geet ém d'Liewe vun de Familljen aus dem Duerf, haapsächlech ém dären dräi, d'Bauerefamill Gerber, d'Nokommme vum Miller Klos Maltes an d'Famill Birnbaum.

D'Famill Gerber wunnt *An Drauwesch* a si sinn houfreg iwwer déi aussergewéinlech Rief virun der Dier, den *Drauwestack*. D'Buch basiert op den Erënnerunge vun enger Nokommen vun där Familljen, där hir Geschicht de Kader ass vum Roman. D'Julie Ribeiro war d'Duechter vun Anita Gerber a José Ribeiro an nennt sech hei selwer Fanny Gerber. Si huet un enger Nervekrankheet gelidden, ass 2006 gestuerwen an huet hir Dagebicher hannerlooss.

Birebaams si Judden a ginn zum gréissten Deel vun den Nazien am Zweete Weltkrich mësshantelt, deportéiert an ermuert. Den Zweete Weltkrich ass eent vun de wichtigsten Evenementer an dësem éischte Band vun der Chronik, wou een all Verwéckelungen erëmfénnt, déi déi Zäit d'Land gespléckt hunn.

E grousse Charme vum Buch ass dee perfekt konstruéierte Kader, mat Stammbeem vun den dräi wichtegste Familljen, déi vun der Mëtt vum 19. Joerhonnert bis an d'Neizäit ginn. Och e líef gezechente Plang vum Duerf läit derbäi, Grozeg téscht Bléidreg, Schruetbech a Wolzebuerg, mat dem Schlass, der Millen, der Kierch an den Haiser an den Häff.

D'Geschichte si spannend verzielt. De Jemp Schuster huet et nach émmer verstanen, perfekt mat eiser Sprooch émzegoen. An a puncto Korrektheet vu



*Jemp Schuster. Bluttséffer. All Fra dréit hire Päckelchen  
448 Säiten. Édition Imprimerie centrale  
Létzebuerg 2020. ISBN 978-2-87978-222-5*

Sprooch a Schreiwung mécht keen dem Auteur vun de létzebuergeschen Texter vun der RTL-Dictée eppes vir.

Aussergewéinlech hei um Buch ass, datt, wéi et am Ënnertitel vum Buch ugédéit ass, vill drëm geet, datt „all Fra hire Päckelchen dréit“. D'Buch ass am Weesentlechen aus der Perspektiv vun de Fraen erzielt, déi mat hire „Bluttséffer“, de Männer mussen eens ginn. Mee et ass net stereotypesch, et ginn där gudden an där manner gudden bei de Männer ewéi bei de Fraen. An datt de Paschtouer net gutt ewech kénnt, dat dierft kee wonneren, deen dem Jemp Schuster seng Texter kennt ...

Op d'Fro, ob hien sech do berode gelooss huet, an ob hie reprochéiert kritt, als Mann an der Roll vu Fraen ze schreiwen, äntwert de Jemp Schuster:

„*Ech schreiwe jo net déi éischte Kéier aus der Siicht vun enger Fra.*

*Dat kénnt émmer erëm a menge Kabarästexter a Monologen, déi ech fir eng Fra geschriwwen hunn, vir.*

*Alles Schmink, Croque Mössio oder Autopsy.*

*Ech sinn nach ni vun enger Fra dowéinst kritiséiert ginn, am Géigendeel kréien ech gesot, ech wier e Fraeverstoer, oder dat do hätt eng Fra kenne schreiwen.*

*Eng Damm vu 86 Joer huet mech nom Liese vu Bluttséffer ugeruff, fir mer ze felicitéieren an dann ze froen: Wouhier wésst Dir dat mat de Fraen?*

*Anerer schreiwen iwwer d'Séileliewe vun hirer Kaz, dat kéint ech zum Beispill net."*

D'Buch ass keng Reminzenz u vergaangen Zäiten. Et liest sech gutt an et fannen sech wéineg vereelzte Wieder, déi an engem ausférleche Glossaire explizéiert ginn. Mee verschidden al Traditounen ginn ernimmt, wat fir de Lieser vu groussem Interessi ass:

*„Héier, wat ass dat do? D'Klack laut! Et wäert dach keen am Duerf sinn! Sief emol roueg! Lauschter! Dat do ass d'Péis!*

*Et huet kee méi énnerdaach gehal, jiddereen ass op d'Gaass gelaf, fir et als Éischte gewuer ze ginn.*

*Ween ass da gestuerwen?*

*Eng Fra, well d'Péis huet némmen zweemol gelaut. Bei engem Mann wier et dräimol gewiescht. Wann et wouer war, datt den Doudegen déi Zäit, déi seng Péis gedauert huet, vun der Zäit am Feegfeier ofgerechent krut, da waren d'Männer am Virdeel. Zwar némmen e puer Minuten, an awer.“*

Datt verschidde Gewunnechte geännert hunn an zum Beispill nom Éischte Weltkrich méi a méi jonk Meedercher an d'Ausland gaange sinn „an den Déngscht“, dat hat seng Repercussiounen op déi al Traditounen an den Dierfer:

*„Bei enger Dose Kanner war et net einfach, fir jidderengem en aneren Numm ze sichen. Dann hunn d'Meedercher Marri, Marechen, Marréi a Maria geheesch, an d'Jonge sinn Néckel, Néckes, Klos, Klaus oder Nuckles geruff ginn. Iwwer Generatiounen hunn d'Kanner ganz einfach den Numm vum Pättler oder vun der Giedel kritt. Dat huet dem Camille et och esou schwéier gemeet, fir déi Monnien, Tattaen, Groussmonnien a Mattanten auerneenzehalen.*


*Wéi awer vill Meedercher am 19. Joerhonnert an d'Frankräich oder an d'Belsch an den Déngscht gaange sinn, du sinn op eemol ganz nei Nimm an de Familljen opgedaucht.“*

Mee d'Zäiten hu sech geännert a lues a lues ass och Grozeg an déi modern Welt komm.

*„Dem Sammi säi Liwwerwon, säi ganzen Houfert, war seng Zitroun Pick-Up, traction avant, dat Bescht, wat um Maart war. Bis viru Kuerzem ass en nach mat sengem alen Zweespänner gefuer. Dee stoung an der Scheier ze vermuuschten. Déi zwee Päerd, de Max an de Fox, hat en dem Päerdsmetzler vun Arel verklaft.“*

Doriwwer geet et an dem zweete Band, D'Ouereschléffer, deen den Énnergank vun der Duerfkultur beschreift. Do ass de Rezensent nach net esou wäit. Mee et kann ee gespaant sinn – den Ufank vun engem Roman-fleuve?

*Marc Barthélémy  
Fotoen: Jemp Schuster*



## 150 JOER BËSCHOF

Fir den 150. Gebuertsdag vum Bistum Lëtzebuerg huet déi kathoulesch Kierch e Buch erausbruecht, dat op Däitsch an op Franséisch d'Enstoe vum Bistum Lëtzebuerg erzielt a mat Dokumenter illustréiert. Ënnerhalend Storye ginn et do ze liesen, well am 19. Joerhonnert d'Entente téscht Kierch an der deemools liberaler Regierung alles anescht ewéi gutt war. Sou koum et, datt de Jean Théodore Laurent zwar Bëschof **zu** Lëtzebuerg gouf, mee awer net Bëschof **vu** Lëtzebuerg, an esouguer senger Wee an den Exil huet misse goen, ier 1870 Lëtzebuerg e Bistum an den Nicolas Adames éische Bëschof vu Lëtzebuerg gouf. Virdrun huet eist Land zu Tréier gehéiert, den nërdlechen Deel zum Bistum vu Léck.

Fir eis Gemeng ass ee kuerze Passage interessant op der Säit 13, wou beschriwwen gëtt, wéi 1807 eng nei Opdeelung vun de Pare proposéiert gouf, mat der Motivatioun fir oder géint e Bäibehale vun de Strukturen, wéi se bis dohinner waren:

*„Dagegen sollte Christnach von Waldbillig getrennt werden, weil „il existe entre les deux Communes une antipathie qui fait acquiescer au vœu des habitans d'avoir une desservante particulier à leur charge.““*

Op der Säit hannendrun ass d'Original ze gesinn vun deem *Projet d'Erection de nouvelles Succursales à la charge des paroissiens du Département des Forêts*, mat dem Auszuch iwwer Chrëschtnech a Waldbëlleg, dee mer hei mat der fréndlecher Autorisatioun vum Diözesenarchiv ofdrécken.

Zoustänneg fir *150 Jahre Bistum Luxemburg – Wegmarken* war en Aarbeitsgrupp mat Renée Schmit, Georges Hellinghausen an Tom Kerger.

Marc Barthelemy  
Foto vum Dokument: Diözesenarchiv

anord	Gebiet	Comme mme	Le schaft	Fläche in Hektaren	Verwaltung	Fläche
	Wald	Grundstück	1		Thionville	
		Grundstück	2			
			3			
			4			
			5			
			6			
			7			
			8			
			9			
			10			
			11			
			12			
			13			
			14			
			15			
			16			
			17			
			18			
			19			
			20			
			21			
			22			
			23			
			24			
			25			
			26			
			27			
			28			
			29			
			30			
			31			
			32			
			33			
			34			
			35			
			36			
			37			
			38			
			39			
			40			
			41			
			42			
			43			
			44			
			45			
			46			
			47			
			48			
			49			
			50			
			51			
			52			
			53			
			54			
			55			
			56			
			57			
			58			
			59			
			60			
			61			
			62			
			63			
			64			
			65			
			66			
			67			
			68			
			69			
			70			
			71			
			72			
			73			
			74			
			75			
			76			
			77			
			78			
			79			
			80			
			81			
			82			
			83			
			84			
			85			
			86			
			87			
			88			
			89			
			90			
			91			
			92			
			93			
			94			
			95			
			96			
			97			
			98			
			99			
			100			
			101			
			102			
			103			
			104			
			105			
			106			
			107			
			108			
			109			
			110			
			111			
			112			
			113			
			114			
			115			
			116			
			117			
			118			
			119			
			120			
			121			
			122			
			123			
			124			
			125			
			126			
			127			
			128			
			129			
			130			
			131			
			132			
			133			
			134			
			135			
			136			
			137			
			138			
			139			
			140			
			141			
			142			
			143			
			144			
			145			
			146			
			147			
			148			
			149			
			150			



## LËTZEBUERG ASS EWÉI E KAWEECHELCHEN

De François Conrad ass zu Lëtzebuerg opgewuess an haut Sproochewëssenschaftler op der Leibniz-Universitéit zu Hannover.

Hien huet en interessant Buch publizéiert iwwer déi héierbar Charakteristiken vun e puer Sproochen, Däitsch, Franséisch, Englesch, Spuenesch an och Lëtzebuergesch. Dat ass natierlech fir ons Lëtzebuerger speziell interessant.

Däitsch kléngt fir net däitsch Oueren ganz haart an ofgehackt, esou wéi d'Gebills vun engem Hond. Dat huet mat Eegenheete vun där Sprooch ze dinn: Et ass eng Sprooch, déi déi eenzel Wieder betount an net d'Silben, wéi zum Beispill Spuenesch. Dozou gehéiert dann och deen initiale Knacklaut virun all Wuert, de sougenannte Glottisschlag, dee jo Aktualitéit kritt huet, well en och beim Stärche vun der Genderschreibung agesat soll ginn.

An de meeschte Sproochen a speziell am Spueneschen si Kéip vu Konsonante beieneen onvirstellbar, wéi am Däitschen bei *Strumpf* oder *du stampfst*, déi fir Zongen aus anere Länner net ze maîtriséiere sinn an déi dann automatesch, wann se op esou e Wuert treffen, Vokaler derbäisetzen.

Zu Lëtzebuerg an dem Lëtzeburgeschen soll op déser Platz net vill verrode ginn. Mee Lëtzebuerg ass ewéi e Kaweechelchen, a Lëtzebuergesch kléngt a villem Oueren einfach némme süüss! Wann Dir méi doriwwer wéllt gewuer ginn, da liest dat kléngt Bichelchen iwwer „eine klangvolle Reise durch die Sprachen Europas“.

Marc Barthelemy



François Conrad.  
Warum Deutsch bellt und  
Französisch schnurrt.  
Dudenverlag Berlin 2020.  
ISBN 978-3-411-71998-3



Foto: Myrna Koster



## OUVERTURES-ZÄITEN AM MËLLERDALL

Et dierf ee jo elo glécklecherweis erëm Kultur genéissen. Hei sinn e puer Plazzen an der Regioun Mëllerdall, wou een dierf kucke goen:



- d'Buerg an der Fiels



- den Tudor-Musée zu Rouspert
- den Aquatower zu Bäertref

Mee well dat all Dag kann ännernen, soll ee sech op der Plaz informéieren oder beim Office régional du tourisme région Mullerthal um Telefon 72 04 57-1 oder per E-Mail: [info@mullerthal.lu](mailto:info@mullerthal.lu)

Do kann een och Guidë buchen a geféiert Touren.



- den Abteimusée an den Dokumentatiounscenter iwwer d'Sprangpréssessioun zu Iechternach
- d'Buerg an d'Schlass zu Beaufort

*Matgedeelt vum ORT Regioun Mëllerdall  
Fotoen: ORT Regioun Mëllerdall*



# Beweeg dech -Woch



Beweegungskommissioune  
Gemeng Waldbëlleg  
Zesumme beweegen a Spaass hunn



vum 7. bis den 13. Juni 2021

Wann d'sanitär Moosnamen et zouloosse, maache  
mer eis Aktivitéiten a Gruppen, soss dierf all Haushalt eleng  
op den Tour goen an eis eng Beweisfoto schécken

Méindes 7. Juni – Wandertour

    ëm 18:00 zu Waldbëlleg bei der Schoul

Dënschdes 8. Juni – Vélostour

    ëm 18:00 um Freckeisen bei der Elektrostation

Mëttwochs 9. Juni – Beachvolleyball

    ëm 18:00 beim Beachterrain zu Chrëschtnech

Donneschdes 10. Juni – Vélostour

    ëm 18:00 zu Waldbëlleg bei der Schoul

Freides 11. Juni – Laftour

    ëm 18:00 beim Fussballterrain zu Chrëschtnech

Samschdes 12. Juni – 2 x Vélostour

    ëm 10:00 zu Waldbëlleg bei der Schoul

Sonndes 13. Juni – 2 x Wandertour

    ëm 9:30/14:00 zu Waldbëlleg bei der Schoul



WALDBËLLEG  
COMMUNE DE WALDBILLIG



KlimaPakt   
European Energy Award

# Beweeg dech-Woch

## Wandertour 1



**Wéini?** Méindes, de 7. Juni  
vun 18 Auer un

**Wou?** Schoul Waldbëlleg

### Wat ass dat?

E gemittleche Wandertour vun ongeféier 7 km owes  
iwwer d'Felder tëscht Waldbëlleg an Haler; sech  
zesummen an der Natur beweegen a Freed hunn.

## Vëlostour 1



**Wéini?** Dënschdes, den 8. Juni  
vun 18 Auer un

**Wou?** Freckenhausen, Elektrostation

### Wat ass dat?

E flotten, gemittlechen Owestour,  
14 km, iwwer de Freckenhausen

## Beachvolleyball Schnupperdag

**Wéini?** Mëttwochs, den 9. Juni vun 18 Auer un

**Wou?** Beachterrain Chrëschtnech

### Wat ass dat?

Volleyball am Sand, zesumme beweegen a Spaass hunn.



## Vëlostour 2



**Wéini?** Donneschdes,  
den 10. Juni vun 18 Auer un

**Wou?** Schoul Waldbëlleg

### Wat ass dat?

En Tour duerch eis schéi  
Gemeng, 18km

## Laftour

**Wéini?** Freides, den 11. Juni vun 18 Auer un

**Wou?** Fussballterrain  
Chrëschtnech


### Wat ass dat?

Zesumme lafen duerch  
eis schéi Gemeng.  
Kilometerunzel gëtt  
de Leefer ugepasst.



## Vëlostour 3

**Wéini?** Samschdes, den 12. Juni vun 10 Auer un



**Wou?**  
Schoul Waldbëlleg

### Wat ass dat?

En Tour am Bësch, 20 km:  
Chrëschtnech – Grolënster  
– Mëllerdall – Waldbëlleg –  
Chrëschtnech

## Vëlostour 4



**Wéini?** Samschdes, den 12. Juni vun 10 Auer un

**Wou?** Schoul Waldbëlleg

### **Wat ass dat?**

E Vëlostour vun 33 km iwwer de Vëloswee op Guedber an duerch de Bësch op Reiland an hannescht op Waldbëlleg



## Wandertour 2

**Wéini?** Sonndes, den 13. Juni vun 9:30 Auer un

**Wou?** Schoul Waldbëlleg

### **Wat ass dat?**

E Wandertour (W8) vun ongeféier 12 km iwwer Chrëschtnech erof an de Mëllerdall an nees erop; zesumme Sport maachen an dobäi d'Natur genéissen a Freed hunn.

**Beweeg dech-Woch**

## Kannertour

**Wéini?** Sonndes, den 13. Juni vu 14 Auer un

**Wou?** Schoul Waldbëlleg

### **Wat ass dat?**

Am Fall, wou déi sanitär Situatioun et erlaabt, eng spannend Schatzsich organiséiert fir d'Kanner aus der Gemeng an hir Elteren; sech zesummen an der Natur bewegen a Spaass hunn.



## DIREKT INFORMÉIERT

Fir séier informéiert ze ginn, wat an eiser Gemeng geschitt, kënnt Dir op Facebook kucken. Mee méi séier an direkt geet et mat *sms2citizen*. Wann Dir lech do aschreift, da kritt Dir op Ären Handy déi wichteg Informatiounen aus der Gemeng geschéckt.

*sms2citizen* ass e gratis Service vum interkommunale Syndicat SIGI.

Fir *sms2citizen* ze aktivéieren, braucht Dir just op den Internetsite [www.waldbillig.lu](http://www.waldbillig.lu) ze goen.



Op Ärem Compter steet uewe riets am Eck d'Icône vun *sms2citizen*. Op engem Handy fénnt een se am Rollown vum Menü.

Wann Dir *sms2citizen* uklickt, da kënnt Dir lech aschreiwen, Är Gemeng, Är Uertschaft wielen an déi Rubriken, iwwer déi Dir wëllt informéiert ginn. Dir gitt natierlech Ären Numm an Är Handysnummer un a kritt per SMS e Code mat engem Link geschéckt a kënnt d'Aktivatioun maachen. Da sidd Dir ageschriwwen a kritt d'Informatioune vun der Gemeng op Ären Handy.



## VÉLOSUMMER 2021

Am Joer 2020 haten iwwer 40.000 Cycliste vum Vélosummer op de fir Autoe gespaarte Stroosse profitéiert.

Leider leie keng Zuele vir, wéi vill Foussgänger sech getraut hunn, do matzemaachen.

De Vélosummer 2021 geet vum 31. Juli bis den 29. August. Dëst Joer maache 65 Gemenge mat. Et ginn 12 Touren iwwer zesumme 550 Kilometer, vun deenen der eng Partie just deen een oder anere Weekend kënne gefuer ginn.

Dat ass och esou am Mëllerdall, wou den 31. Juli an den 1. August de Vélosummer ufänkt mam Regioun-Mëllerdall-Tour. Dat geet iwwer fir Autoe gespaarte Stroossen vum Grondhaff laanscht d'Schwaarz lernz bis an de Blummendall. Hannesch kann een iwwer Jonglënster op Kéideng de schéine Véloswee laanscht déi Wäiss lernz huelen an dann iwwer d'Fiels, Eppelduerf a Bigelbaach laanscht d'Sauer op de Grondhaff kommen, oder awer iwwer de Groeknapp an de Véloswee op lechternach un d'Sauer fueren. Dat ginn 51 oder 47 Kilometer.

Zwee aner Tier an der Géigend, laanscht Sauer a Musel, oder duerch de Sirdall, sinn de ganze Mount fir Vélo reservéiert.

Den Detail steet op [www.velosummer.lu](http://www.velosummer.lu)



**DEFUUSS**  
als PDF online!





**WALDBËLLEG**  
COMMUNE DE WALDBILLIG